



GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL
DU 11.02.2022

maville

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD
LIEWE WÉI AM SÜDEN


DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP



Romain Zuang,
conseiller LSAP



Bob Claude,
conseiller LSAP



Alain Clement,
conseiller LSAP



Walter Berettini,
conseiller LSAP



Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Sylvie Andrich-Duval,
conseillère CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Jean-Paul Friedrich,
conseiller CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Monique Heinen,
conseillère Déi Gréng



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Thessy Erpelding,
conseiller Déi Lénk



Victor Haas,
conseiller indépendant

SOMMAIRE

Rapport sommaire en français	4
1. CORRESPONDANCE	7
2. FINANCES COMMUNALES	7
2.1. Plan pluriannuel de financement des exercices 2023 à 2025 – présentation et discussion	
2.2. Approbation de la modification à apporter au chapitre XXVIII – Vente d'imprimés, de documents audio et vidéo communaux – du règlement-taxes général	
2.3. Approbation des tarifs d'utilisation du réseau de distribution de gaz naturel et des modifications à apporter au chapitre XIV – Gaz – du règlement-taxes général	
2.4. Approbation de quatre actes de possession trentenaire	
2.4.1. Place-voirie, sise rue Ste Barbe	
2.4.2. Places, sises rue de la Brasserie	
2.4.3. Place-voirie, sise rue de la Libération	
2.4.4. Chemin d'exploitation, sis rue Emile Ludwig	
2.5. Approbation d'un acte de cession gratuite avec la société Cite Cube s.à r.l.	
2.6. Approbation d'un acte de cession gratuite conclu avec le Fonds du Logement pour 5 parcelles de terrain	
2.7. Approbation d'un acte de vente avec l'Etat dans l'intérêt de l'aménagement de la zone d'activités économiques nationale « Eurohub Sud » à Dudelange	
2.8. Adaptation des indemnités à accorder aux formateurs des cours du soir	
2.8.1. Cours de langues	
2.8.2. Cours informatiques et internet	
2.9. Résiliation de la convention avec la Fondation Kannerschlass en matière de collaboration avec l'école des parents Janusz Korczak	
2.10. Approbation du contrat de bail avec la Fondation Autisme Luxembourg au sujet de la location de locaux dans l'école « Eecherdall »	
2.11. Approbation de l'avenant au contrat de prêt à usage ou commodat avec le Fonds du Logement concernant l'utilisation de terrains sur le site « NeiSchmelz »	
2.12. Local commercial, 65, avenue Grande-Duchesse Charlotte	
2.12.1. Approbation du contrat de bail commercial avec Madame Adèle Portante et Monsieur Elio Paul	
2.12.2. Approbation du contrat de bail commercial de sous location avec la société « GC Solutions administratives et commerciales S.A. »	
2.13. Approbation du devis estimatif relatif à l'acquisition et l'installation d'une nouvelle rampe de skateboard au skatepark	
2.14. Approbation du devis estimatif relatif aux travaux de remise en état des cuves du réservoir d'eau potable « Roudebiert »	
2.15. Approbation du devis estimatif relatif aux travaux de renouvellement du réseau de canalisation entre la rue des Champs et la route de Luxembourg	
2.16. Approbation du devis estimatif relatif aux travaux de réaménagement de la cour de récréation de l'école « Boudersberg »	
2.17. Approbation du devis estimatif pour les travaux d'aménagement d'une aire de jeux naturelle près de la maison relais « Ribeschpont »	
2.18. Approbation du devis estimatif relatif aux travaux de modernisation des infrastructures de l'éclairage public (LED) – phase II	
2.19. Approbation du devis estimatif relatif à la modernisation de l'éclairage public et du réseau WIFI dans le parc « Mayrisch »	
2.20. Approbation du devis estimatif relatif à la distribution d'eau potable centralisée dans les écoles et les maisons relais	
2.21. Approbation du devis estimatif relatif à l'augmentation de la puissance de la chaudière pour eau chaude et de l'extraction plonge à la maison relais « Strutzbiert »	
2.22. Approbation du devis estimatif relatif aux travaux de remplacement de la chaudière, du boiler et du collecteur à la maison relais « Waldschoul »	
2.23. Approbation du devis estimatif relatif au remplacement des conduites d'eau potable en inox et du boiler à l'école « Wolkeschdahl »	

- 2.24. Approbation du devis estimatif au remplacement du central de détection incendie et de l'éclairage de secours de l'Hôtel de Ville
- 2.25. Approbation du devis estimatif relatif au remplacement de la détection incendie de l'école « Ribeschpont »
- 2.26. Approbation du devis estimatif relatif au remplacement de la chaudière, de la détection gaz et de l'éclairage de secours au stade « Barozzi »
- 2.27. Subsidés extraordinaires à allouer

3. COMMISSIONS CONSULTATIVES 36

4. PERSONNEL 37

- 4.1. Approbation de la nouvelle convention collective de travail pour les salariés des communes du sud pour une durée de validité du 1er janvier 2019 au 31 décembre 2021
- 4.2. Création d'un poste de fonctionnaire communal, à tâche complète, relevant de la catégorie d'indemnité C, groupe d'indemnité C1, sous-groupe administratif, pour le service accueil
- 4.3. Création d'un poste de fonctionnaire communal, à tâche complète, relevant de la catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe administratif, pour le service éducation et accueil

5. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS 39

Séance à huis clos

RAPPORT SOMMAIRE

Présents : Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina, René Manderscheid ; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins. Madame Sylvie Andrich-Duval ; Monsieur Walter Berettini (à l'exception des points numéros 2.13 et 2.14 de l'ordre du jour) ; Madame Martine Bodry-Kohn ; Messieurs Bob Claude, Alain Clement, JeanPaul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Vic Haas ; Mesdames Monique Heinen, Michèle Kayser-Wengler ; Messieurs Claude Martini et Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal. Absentes : Mesdames Semiray Ahmedova et Thessy Erpelding, conseillères, excusées.
Procuration : Madame Semiray Ahmedova en faveur de Madame Monique Heinen.

Début de la séance publique à 08.00 heures.

1 – CORRESPONDANCE

Pas de correspondance à destination du conseil communal.

2 – FINANCES COMMUNALES

1. le plan pluriannuel de financement des exercices 2023 à 2025 est présenté et discuté séance tenante.

Tous les points, à l'exception du point 20 de ce chapitre, sont approuvés à l'unanimité par le conseil communal :

2. la modification au chapitre XXVIII – Vente d'imprimés, de documents audio et vidéo communaux – du règlement-taxes général prévoyant les taxes suivantes : Vente de catalogues d'exposition 30,- € ; vente du livre « 75e Anniversaire École Régionale de Musique de la Ville de Dudelange » 20,- € ;

3. les tarifs d'utilisation du réseau de distribution de gaz naturel ;

4. quatre actes de possession trentenaire, actes par lesquels la Ville prend pleine possession de terrains ciaprès désignés. Les terrains sont intégrés dans le domaine public communal : une parcelle de terrain, inscrite au cadastre de la commune de Dudelange, section A de Budersberg, numéro 2699/7031, place-voirie, lieu-dit « rue Ste Barbe », contenant 15 centiares ; deux parcelles de terrain, inscrites au cadastre de la commune de Dudelange, section B de Burange, numéro 390/5409, place, lieu-dit « rue de la Brasserie », contenant 4 ares 7 centiares et numéro 390/5502, place, lieu-dit « rue de la Brasserie », contenant 43 centiares ; une parcelle de terrain, inscrite au cadastre de la commune de Dudelange, section C de Dudelange, numéro 586/9391, place-voirie, lieu-dit « rue de la Libération », contenant 29 centiares ; une parcelle de terrain, inscrite au cadastre de la commune de Dudelange, section B de Burange, numéro 381/4829, chemin d'exploitation, lieu-dit « rue Emile Ludwig », contenant 22 ares 80 centiares ;

5. l'acte de cession gratuite aux termes duquel la société CITE CUBE S.à r.l. avec siège social à Bech-Kleinmacher, cède gratuitement à Ville de Dudelange une place occupée, inscrite au cadastre de la commune de Dudelange, section C de Dudelange, numéro 1497/10219, lieu-dit « rue Dominique Lang », contenant 75 centiares pour son intégration dans le domaine public ;

6. l'acte de cession gratuite conclu avec le Fonds du Logement pour 5 parcelles de terrain dans le quartier Brill en vue de leur intégration dans le domaine public ;

7. l'acte de vente avec l'Etat dans l'intérêt de l'aménagement de la zone d'activités économiques nationale « Eurohub Sud » à Dudelange ;

8. l'adaptation des indemnités à accorder aux formateurs des cours du soir. A partir de l'année scolaire 2021/2022, l'indemnité allouée aux formateurs des cours de langues est fixée à 57,50- € par heure de cours dispensé et l'indemnité aux formateurs des cours de formation informatique et internet est fixée à 55,28-€ par heure de cours dispensé en individuel et à 45,43-€ par heure de cours dispensé en équipe de deux formateurs ;

9. la résiliation de la convention avec la Fondation Kannerschlass en matière de collaboration avec l'école des parents Janusz Korczak. Cette résiliation est demandée par la Fondation, sachant qu'à partir du 1er janvier 2022, l'École des Parents de la Fondation Kannerschlass est affectée avec une convention au Ministère de l'Éducation Nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, après avoir été affectée au Ministère de la Famille. Néanmoins, la collaboration entre la Ville de Dudelange et l'Eltereschoul n'est pas entravée par cette résiliation et l'Eltereschoul continuera à assurer une offre diversifiée pour les parents de notre Ville et de notre région ;

10. le contrat de bail, aux termes duquel la Ville loue à la Fondation Autisme Luxembourg de Munschausen, l'école « Eecherdall » pour la somme mensuelle de 1'900,- €, majorée d'une somme de 290,- € pour la participation aux frais liés aux travaux de rénovation et d'adaptation des locaux ;

11. l'avenant au contrat de prêt à usage ou commodat avec le Fonds du Logement concernant l'ajout de l'emprise du bassin autour duquel et sur lequel seront installés des hébergements temporaires ;

12. le contrat de bail passé avec Madame Adèle Portante et Monsieur Elio Paul au sujet de la location du local commercial sis 65, avenue Grande-Duchesse Charlotte et le contrat de bail commercial de sous location avec la société « GC Solutions administratives et commerciales S.A. » pour le même local commercial ;

13. le devis estimatif de 85'000,- € pour l'acquisition et l'installation d'une nouvelle rampe de skateboard au skatepark ;

14. le devis estimatif de 700'000,- € relatif aux travaux de remise en état des cuves gauche et droite, du réservoir d'eau potable « Roudebiorg » ;

15. le devis estimatif, établi par le bureau des ingénieurs-conseils BEST de Senningerberg, pour un montant devisé de 1'772'106,34- €, taxes et honoraires compris, relatif au renouvellement du réseau d'eaux mixtes entre la rue de l'Abattoir et la rue des Champs ;

16. le devis estimatif, établi par le service des travaux publics du service gestion et maintien du patrimoine communal, pour un montant global de 450'000,- €, toutes taxes comprises, relatif au réaménagement de la cour de récréation de l'école « Boudersberg » ;

17. le devis estimatif, établi par le service communal d'architecture et des domaines pour un montant de 150'000,- €, toutes taxes comprises, relatif aux travaux d'aménagement d'une aire de jeux naturelle près de la maison relais « Ribeschpont » ;

18. le devis estimatif, établi par notre service éclairage public et installations électriques non intelligentes, pour un montant de 250'000,- €, relatif aux travaux de modernisation de l'éclairage public par l'installation d'infrastructures LED – phase II sur 5 ans ;

19. le devis estimatif, établi par notre service éclairage public et installations électriques non intelligentes, pour un montant de 120'000,- €, relatif aux travaux de modernisation de l'éclairage public (LED) et du réseau WIFI au Parc Mayrisch ;

20. avec 16 voix et 2 abstentions, le devis estimatif, établi par notre service technique des bâtiments, pour un montant de 40'000,- €, relatif à l'installation de dispositifs de distribution centralisée d'eau potable dans les écoles et maisons relais ;

21. le devis estimatif, établi par le service technique des bâtiments du service communal de la gestion et du maintien du patrimoine, pour un montant de 110'000,- €, toutes taxes comprises, relatif à l'augmentation de la puissance de la chaudière pour eau chaude et extraction supplémentaire pour plonge pour la maison relais Strutzbiorg ;

22. le devis estimatif, établi par le service technique des bâtiments du service communal de gestion et de maintien du patrimoine, pour un montant de 25'000,- €, toutes taxes comprises, relatif au remplacement de la chaudière, du boiler et du collecteur de la maison relais « Waldschoul » ;

23. le devis estimatif, établi par le service technique des bâtiments du service communal de gestion et de maintien du patrimoine, pour un montant de 45'000,- €, toutes taxes comprises, relatif au remplacement des conduites d'eau potable en inox et du boiler à l'école « Wolkeschdahl » ;

24. le devis estimatif, établi par le service technique des bâtiments du service communal de gestion et de maintien du patrimoine, pour un montant de 30'000,- €, toutes taxes comprises, relatif au remplacement de la centrale de détection d'incendie et de la modernisation de l'éclairage de secours de l'Hôtel de Ville ;

25. le devis estimatif, établi par le service technique des bâtiments du service communal de gestion et de maintien du patrimoine, pour un montant de 50'000,- €, toutes taxes comprises, relatif au rem-

placement de la détection incendie à l'école « Ribeschpont » ;

26. le devis estimatif, établi par le service technique des bâtiments du service communal de gestion et du maintien du patrimoine, pour un montant de 38'000,- €, toutes taxes comprises, relatif au remplacement de la chaudière, de la détection gaz et de l'éclairage de secours du Stade Barozzi ;

27. les subsides extraordinaires suivants : 150,-€ au groupe de support psychologique (GSP), groupe spécial du CGDIS, dans le cadre du 25e anniversaire du groupe.

3 – COMMISSIONS CONSULTATIVES

Les modifications à la composition des différentes commissions communales suivantes sont approuvées à l'unanimité : Monsieur Jacques Krier est remplacé par Monsieur François Nicolay dans la commission des affaires culturelles ; Monsieur Jacques Krier est remplacé par Monsieur François Nicolay dans la commission du jumelage et du tourisme ; Monsieur Jacques Krier est remplacé par Monsieur François Nicolay dans la commission des nouveaux médias ;

Monsieur Bernard Villwock est remplacé par Monsieur Christian Weis dans la commission de l'environnement, de l'énergie et de la protection de la nature ; Monsieur François Nicolay est remplacé par Monsieur Bernard Villwock dans la commission des jeunes ; Monsieur François Nicolay est remplacé par Monsieur Bernard Villwock dans la commission de l'Hygiène et de la salubrité publique ; Monsieur François Nicolay est remplacé par Monsieur Bernard Villwock dans la commission du 3e âge ; Monsieur Jacques Krier est retiré du pool des remplaçants

Madame Laure Christoffel est nommée membre de la commission ad hoc « Mémoire collective ».

4 – PERSONNEL

Les décisions suivantes sont prises avec les voix de tous les conseillers communaux :

1. la nouvelle convention collective de travail pour les salariés des communes du sud pour une durée de validité du 1er janvier 2019 au 31 décembre 2021 est approuvée ;

2. la création d'un poste de fonctionnaire communal, à tâche complète, relevant de la catégorie d'indemnité C, groupe d'indemnité C1, sous-groupe administratif, pour le service d'éducation et d'accueil;

3. la création d'un poste de fonctionnaire communal, à tâche complète, relevant de la catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe administratif, pour le service d'éducation et d'accueil.

5 – QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS

Une question a été soumise par la fraction « Déi Lénk » au collège des bourgmestre et échevins, concernant l'impact et l'organisation pratique de la mise en place du régime Covid-check « 3G » sur les lieux de travail de l'administration communale. Il est répondu à la question séance tenante.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos.
Fin de la séance vers 12.00 heures.



GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 11. FEBRUAR 2022

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, e schéine gudde Moien hei fir eise leschte Gemengerot virun der Fuesvakanz. Ech géif lech häerzlech begréissen. Entschëllegt hu sech krankheetshalber d'Madamm Tessy Erpelding an d'Madamm Semiray Ahmedova, a si huet der Madamm Monique Heinen d'Procuratioun ginn, sou dass mer haut vollstänneg beschlussfäeg sinn.

1. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): An da géife mer op den normalen Ordre du jour iwwergoen. Ënnert Korrespondenz hätt ech vu menger Säit aus näischt. Ech kucken d'Kolleegen aus dem Schäfferot, déi wénken och mam Kapp, mat engem klaren „Neen“. Dat heescht, et ass näischt ënner Korrespondenz.

2. GEMENGEFINANZEN

2.1. Plan pluriannuel de Financement fir d'Haushaltsjoren 2023 bis 2025 – Presentatioun an Diskussioun

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géif ech op deen nächste Punkt iwwergoen an dat sinn d'Gemegefinanzen. An do géif ech ufänke mam PPF, mat der Presentatioun vum Plan pluriannuel de financement fir d'Joren 2023 bis 2025. Dat ass jo e Punkt, deen ëmmer am Februar hei am Gemengerot presentéiert gëtt. E schreift sech an an dee Kader, wou mer och de PPF der Regierung zoukomme loosse fir dass si kann am Abrëll hir Zuelen a punkto Staatsfinanze kann op Bréissel schécken, notament wat de Volet vum Gemengesecteur au sens large ugeet, an dat jo am Kader vum Pacte des stabilité et de croissance. E Méinden hate mer jo och wat de PPF ugeet eng Finanzkommissioun. Dir hutt jo och de Rapport zougestallt kritt als Membere vum Gemengerot. Mee d'Membere vun der Finanzkommissioun kruten en och. D'Gesetz gesäit jo vir, dass eng Kommunikatioun gemaach soll gi vum PPF un de Gemengerot. Mir hu jo hei de Wee ageschloen, dass mir et net bei enger Kommunikatioun beloossen, mee dass mer éischter an eng Presentatioun an Diskussioun ginn. Tout en sachant dass de PPF kengem

Vott vum Gemengerot ënnerläit an ënnert der Responsabilitéit vum Schäfferot opgestallt gëtt. D'Basis heivunner ass wéi all Joer d'Circulaire vum Inneministère a punkto PPF, dee mer jo och den 13. Dezember d'lescht Joer kruten. An déi Zuelen, déi sech do aschreiwten, wat de Gemengesecteur ugeet, déi leenen sech och un d'Staatsfinanzen, notament wat d'Gewerbsteier ugeet, respektiv wat de Fonds de dotation globale des communes ugeet. A wann ee kuckt mat den Zuele vun der Mise à jour vum Juli 2021, respektiv de PPF 2021, dee jo dann am Dezember 2020 erausgeschéckt gouf, dann hu mer hei eng kloer Hausse ze verzechnen, wat d'staatelech Dotatiounen ugeet. Déi Zuele schreiwten sech also an de Kader vun der wirtschaftlecher Reprise, vun der Relance an. Déi Zuelen, déi mer hei virzeweisen hu si ganz positiv. An dat och well de Kont vum Joer 2020 wat d'Staatsfinanzen ugeet, jo besser ausgefall ass par Rapport zu de Projektiounen, déi 2020 waren am Kader vun der Covid-Kris. An dat selwecht gëllt fir d'Joer 2021. Dat gesäit een natierlech och hei um Niveau vun der Gewerbsteier, wat d'Joren 2023, 2024 a 2025 ugeet, do ass all Kéiers e Plus vun 2% fir 2023, 2% fir 2024 an 2,6% fir 2025. Also och dat ass ganz positiv. Dann hu mer de Fonds de dotation globale des communes. Do ass och e Plus vu 6% fir d'Joer 2023, 5,5% fir 2024 a 5,5% fir 2025. Dat sinn d'Prämissen, déi mer hunn.

Wat heescht dat fir d'Stad Diddeleng? Generell, sou wéi mer de PPF hei opgestallt hunn – an ech wäert och nach op eng Rei Punkten agoen – fousst dat op Projeten, déi '21 ugefaangen hunn, déi Nidderschrëft 2022 an och 2023 hunn. Dat sinn awer och Projeten, déi dëst Joer wäerten ufänken, déi dann 2023, 2024 lafen, respektiv och Projeten, déi 2023/2024 ufänken. An déi Investor, déi mer tätegen, dat ass jo virun allem am Schoulberäich, am Kannerberäich, am Sportberäich, am Logementsberäich. Dat sinn déi Piliere, an déi mer hei an der Stad Diddeleng investéieren. Wann ech dann op d'staatelech Finanzen iwwerginn, dann heescht dat och méi prezis, wat de Fonds de dotation globale des communes ugeet, dat si vun 2022 bis 2025 e Plus vun 12,5 Milliounen Euro. Bei der Gewerbsteier sinn et effektiv e Plus vun 300.000.- Euro. A beim Impôt foncier wësse mer, dass dat keng notabel Evolutioun ass. Wann ee jo och weess, wéi dem Impôt foncier de Moment berechent gëtt, au sens large.

Déi Projeten, déi mer hei virfannen, an déi och Nidderschrëft hunn am PPF, notament wat d'Dépense extraordinaires ugeet, dat si Projeten, déi sech zéie vun 2021 bis 2025. Et ass en Invest vun 175 Milliounen Euro am Ganzen. Et si Projeten, déi schonn am Gang sinn. Verschiddener, déi wäerten ufänken, nei Projeten, déi dobäikommen, dat sinn déi nei Gemengentatiieren, wou mer jo och schonn hei am Gemengerot de Vott gemaach hunn, déi dëst Joer wäerten ufänken. Et sinn awer och um Strutzbiere C d'Schwämm an och de Gymnase. Et ass awer och d'oppe Schwämm, déi jo och dëst Joer fäerdeg gëtt. Et ass Planifikatioun vun der neier Hal fir den CAD a fir den Tennis. Dat sinn awer och am Logementsberäich, d'Logements sociaux an der Nic-Bodry-Strooss. Awer och en neie Projet, dee mer wëllen an Ugrëff huelen am Eecherdall, wou mer dann och wëlle Logementer maachen.

Dann hu mer och Bassin de Rétention zu Biereng. Den ale Pompeeschapp, wou lo och d'Servicer si vun der Gemeng, och dee musse mer komplett renovéieren, well e jo och ënnert Denkmalschutz ass.

De Brill – d'Mise en conformité. D'Déierenasyl, d'Butschebuergerstrooss, d'Rue du Commerce, d'Franz-Kinnen-Plaz ronderëm de Shared Space. Da sinn awer och den neien Hall polyvalent an och Gafelt, d'Enveloppe thermique, Projeten, déi mer hei gestëmmt hunn. D'Logementer am Quartier Lenkeschléi, déi am Gaange sinn. D'Route de Thionville an d'Kanalisation. Och do schwätze mer jo haut driwwer an der Rue des Champs an d'Lëtzebuerger Strooss an d'Renovation vun der Hauptfassad vun der Kierch. Wéi gesot, dat sinn déi Projeten, déi mer hei am PPF virfannen. Wann ech e bëssen op de Volet vum PPF aginn: Wann ee kuckt an de Recettes ordinaires, sou wéi am Fong d'Planifikatioun – et muss ee jo wëssen, dass de PPF eng Momentopnam ass a punkto Einnahme wéi Ausgaben, souwuel am Ordinaire wéi am Extraordinaire. Wat jo awer och op reellen Zuele baséiert, ophand vun Devisen, déi mer hei am Gemengerot gestëmmt hunn, awer och op Estimatiounen par rapport zou neie Projeten. Dat sinn 116,6 Milliounen Euro fir 2022 Recettes ordinaires. D'Previsioun fir 2023 sinn 115,1 Milliounen, 119,4 an 124,1. Dat ass um Niveau vun de Recettes ordinaires. Wann een do e bëssen d'Ventilatioun kuckt: Am Fonds global de dotation financière, do si mer 2023 bei 73,6. 2024 bei 77,6 an 81,9 wat d'Joer 2025 ugeet. An hei kann ee soe beim ICC si mer bei 4,7 Milliounen, wat d'Joer 2023 ugeet, 4,8 fir 2024 a 4,9 fir d'Joer 2025. A beim Impôt foncier leie mer all Kéiers liicht iwwert d'Millioun op déi dräi Joren. Da gesitt Der och dass mer net virgesinn hunn 2023, 2024 an 2025 op d'Reserv zrëckzegräifen.

Da bei den Dépenses ordinaires: dat si fir d'Joer 2023 110,4 Milliounen. Fir 2024 115,5 a fir d'Joer 2025 121,1 Milliounen. Do ass och en Deel vun eise Personalfrais, 64,4 - 67 an och 70,6. Dat ass am Fong déi normal Augmentatioun a punkto Masse salariale, wat d'Biennalen ugeet an déi normal Evolutioun vun de Karriären. An dann natierlech um Niveau vun den Dépenses financières, déi liicht an d'Luucht ginn: 2023 2,5 / 4,7 a 6,1. Dat huet natierlech och mat den Emprunten ze dinn - an ech wäert herno drop agoen - déi déi mer wëllen ophuelen an déi mer an de Recette extraordinaires erëmfannen, a wou hei och erëm en Nidderschlag ass um Niveau vun den Annuitéiten a vun den Interêten, déi een deementspreechend ze bezuelen huet.

Ech wollt virdrun nach soen, dass mer dann am ordinaire Beräich natierlech all Kéiers mat engem Boni ofschléissen. 2023: 4,7. 2024: 3,8 a 2025 3 Milliounen. Dann op de Recettes extraordinaires, do sinn et der 52,5 fir d'Joer 2023. 40,2 fir d'Joer 2024 an 31 fir d'Joer 2025. Do sinn natierlech och engersäits staatlech Subsidien dra par rapport zu de Projeten, déi mer ëmsetzen. Mee awer och Emprunten, déi mer dragesat hu fir de Budget ze equilibréieren: 43 Milliounen fir 2023, fir 2024 28 Milliounen a fir 2025 19,5 Milliounen. Wéi gesot, dat si jo de Moment nëmme Previsiounen. Ob mer déi finalement mussen aschreiwen, dat gesi mer am Kader vun deene jeeweilige Budgetsjoren am Kader vum Initial, respektiv och anhand vun de Konte vun

deene Jore virdrun, deemno wéi déi dann ausfalen. An den Depense extraordinaires, do sinn ech op d'Projeten agaangen. Do hu mer awer déi Zomme pro Joer: Fir d'Joer 2023 58,1. 44,1 fir d'Joer 2024 a 34,1 fir d'Joer 2025.

Wa mer dann hei d'Resultat final ukucken, dann heescht dat, dass mer all Kéiers mat engem lichte Boni ofschléissen. Fir d'Joer 2023 300.000.-, fir d'Joer 2024 299.600.- Euro, an 201.400.- Euro fir d'Joer 2025. Dat sinn déi Projektiounen, déi mir hei maachen. An dat géing och heeschen, wann dat sech géif sou realiséieren, wéi dat hei virgesinn ass – mee wéi gesot, de PPF ass jo eng Planifikatioun, dat ka jo nach änneren. A mir gesi jo ganz oft dass déi Zuelen änneren, well herno déi real Chifferen anerer sinn, dann hätte mer eng Pro-Kapp-Verschëldung am Dezember 2025 vu 5.000.- Euro pro Awunner. Dat sinn de Moment theoretesch Zuelen. Dëst wat de PPF ugeet. Et ass eng Momentopnam. An natierlech gëllt och weiderhin hei déi Prämiss, dass een d'Finanzsituatioun muss am A behalen. An iwwert deen dote Wee och déi weider Finanzkraaft vun der Stad Diddeleng. Da géif ech hei ofschléisse mat der Presentatioun an d'Diskussioun opmaachen. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Et ass wéi Dir gesot hutt: Lëtzebuerg ass an der Corona-Kris finanziell mat engem bloen An dervu komm. En Reprise ass ze gesinn, Gott sei Dank. Well sou ganz roseg gesäit d'Zukunft fir den Normalbierger am Fong och net aus. Eng Inflatiounsrate an der Eurozon vu 5,1%, Strom, Gas, Assurance, Immobilien. Awer och Liewensméttel a Baumaterial, alles gëtt méi deier. Zu Lëtzebuerg hu mer eng Inflatiounsrate vu 4,1%, deen zwar liicht réckleefeg ass, mee awer op engem héijen Niveau ass. Mir wëssen, et gëtt geschwat vu Liwwerengpäss, vu Baumaterialknappheet, d'weltwirtschaftlech Verflechtungen hunn hiren Impakt an d'Energiepräisser ginn duerch de Plaffong. An dat wäert och eis Projekte méi deier maachen. Mir hunn et an de leschte Méint jo och gesinn. Z.B. d'Struktur Italien ass méi deier ginn. D'Gemengenateliere, do gesäit een elo schon am PPF eng Hausse vun de Previsiounen vun de Frais. Mir haten am PPF 2020 eis Gemengenateliere nach mat 19,8 Milliounen ugesat. Am PPF 2021 mat 22 Milliounen. Lo si mer schon no bei 25 Milliounen.

Aner Beispiller: d'Extensioun vum Baseng vu Biereng. Dee war mol eng Kéier mat 7,5 Milliounen ugesat ginn, an deen ass awer och lo schon op 7,8 Milliounen gehéicht ginn. Idem mat de Waasserleitungen. Dat wat ënnert dem Buedem ass, dat sinn déi Saachen, déi ee vläicht net sou gesäit, wat net sou an d'A spréngt, mee do och: „Conduites d'eaux usées entre le quartier Neischmelz et le bassin de rétention Biereng“ do hate mer 2021 3,7 Milliounen ugesat. Lo hu mer 5,9 Milliounen ugesat. A sou weider a sou weider. Dofir si mir frou dass d'Dotatioun vum Staat lo méi héich previsionéiert sinn, wéi mer dat nach d'lescht Joer gefaart hunn. Mee d'CSV huet ëmmer op eng detailléiert, akribesch Previsioun mat allen Detailler Wäert geluecht bei den Ausschaffungen vum de Cahier de Charges. An dat gëtt an deem wirtschaftleche Kontext wou mer lo sinn nach ëmmer méi wichteg. Wat och ganz wichteg ass, dat

ass eng engmascheg Kontroll vun de Projeten, a sur-tout och vun de Rechnungen, déi d'Corps de Metier eis presentéieren. Do muss een och wierklech dohannert sinn. Well do gëtt och heiansdo gesot: „Jo, jo et ass alles méi deier ginn. D'Gemeng bezilt dat.“

Dofir muss een och eng enorm Rigueur uwenden. An ech denken do ass et och wichtig, dass eise Service dat och richteg an d'Hand hält an och d'Moyene kritt, fir och mol engem Corps de Metier op d'Fanger ze klappen wa Präisdeierechten do sinn, wou mer net genau kënnen novollzéien. Mir verlaangen och ëmmer eng detailléiert Analys firwat e Projet méi deier ginn ass. E guut Beispill ass z.B. d'Präsentatioun vum Dépassement vun de Fraise vun der Struktur am Quartier Italien. Dat war virbildlech, wéi deen Architekturbüro eis wierklech hei Poste fir Poste konnt norechnen, firwat déi Struktur méi deier gëtt. A mir géifen eis wënschen, datt mir dat och an Zukunft sou hei presentéiert kréien. Dat ass dann och ëmmer nozevollzéien. Dat mécht de Projet zwar net méi bëlleg, mee et informéiert awer och de Gemengerot an aller Transparenz, wou d'Deierecht hierkënn. An et weist och, dass de Schafferot senger Kontrollfunktoun gerecht gëtt, wat och extrem wichtig ass.

Fir d'Zukunft ass et och nach méi wichtig, de Pour an de Konter vun all Projet genau ofzeweien. Well ofgesi vun der Erhéijung vun de Präisser duerch Energie- a Materialdeierecht wäerten och d'Zësen op eis Kreditte eropgoen. Et ass gewosst, dass et do och an der Finanzwelt rumouert. Dass déi niddreg Zëse vläicht net méi sou laang kënnen gehale ginn. An da musse mer och wëssen, wa mer op Kreditte zrëckgräifen, dass dann eis Annuitéiten och wäerten eropgoen. Dofir, fir en neie Prêt ze maachen, do musse mir eis dat e puer Mol iwwerleeën. A wéi gesot, do si mer ganz op der Linn, wann et heescht, mir maache keen „nice to have“, mir maachen déi Saachen, déi mer wierklech brauchen. Fir dass mer do net herno iwwerrascht gi mat extrem héijen Annuitéiten. Ech hunn do just eng Fro. Wa mer e Prêt ugin: Wéi ass dat üblech als Gemeng? Kann een do en Taux fixe maachen oder geet dat iwwert en Taux variabel? Ech menge grad an dësen Zäiten ass dat vläicht eng wichtig Fro. Eng Suite vun der allgemenger Deierecht wäert awer och sinn dass eis Depensen am Office social wäerten eropgoen. Wa warscheinlech ëmmer méi Leit Problemer kréie fir Hëtzes, Waasser a Loyer ze bezuelen. Dir wësst beim Diesel huet sech de Präis säit Ufank vum Joer verduebelt. De Mazout ass ëm d'Hallschent méi deier ginn. An an der Chamber ass et net nëmme d'CSV, déi d'Regierung opgefuerdert huet ze reagéieren.

Eng Auswäitung vum Recht op d'Allocation de vie chère gëtt vun alle Bänke gefuerdert. Dass net nëmme déi Leit mam einfache Mindestloun d'Allocatioun de vie chère kënnen kréien, mee och déi mam qualifizéierte Mindestloun. Dat ass eng vun de Fuerderunge vun der CSV. D'Aféierung vun der Deckelung vun de Präisser vun den Energieprodukten, déi gëtt och duerch d'Bänken duerch gefuerdert. Aner Parteien wéi d'LSAP hu jo och gefuerdert, en eemolege Check Energie fir all Stot ze ginn. D'Parteien an der Chamber hunn erkannt, wéi och hei op de Bänken, dass et einfach wichtig ass, dass d'Re-

gierung muss reagéieren. Soss drot eis eng Inflationsspiral. D'Präisser ginn an d'Luucht, den Index klëmmt. Wat heescht dat: d'Paie gi méi deier, d'Paie ginn erop. D'Präisser ginn nees méi deier. Elo ass et un der Regierung fir ze handele fir d'Situatioun ze de-eskaléieren. Soss ass éischtens net gewosst, ob mir als Gemeng déi wierklech optimistesche Dotatioun vum Staat nach kënnen kréien. An zweetens wäert déi gefaarten Deierecht de Surplus vun den Dotatiounen opfrieren.

Vill Inconnuen. Et ass wéi den Här Buergermeeschter sot, eise PPF ass eng Momentopnam. Vill Inconnue stinn an de Stären. A loosse mer hoffen, dass mer herno net musse mam Worst Case eens ginn, mee dass mer awer nees mat engem bloen A dervu kommen, dass eis Keesen national weider guut gefëllt ginn. Dank eisem Finanzstanduert Lëtzebuerg, deen eis awer vill Suen an d'Keese bréngt. An awer och duerch d'Steieren, déi jiddwereen eenzel bezilt, dat ass jo awer och e wichtige Revenu fir de Staat. Loosse mer hoffen, dass déi guut Dotatiounen, dass déi eis net herno opfrieren. E Beispill gesäit ee ganz guut an der Evolutioun vun de Paien. Frais de personnel. Wann ech kucken, wéi d'Previsioun ware vun de leschte PPFen, wat d'Frais de personnel ubelaangt, a wann ech kucken, wou mer lo sinn, mat 64 Milliounen Frais de personnel fir 2020 – 2023. 67 Milliounen fir 2024 a 70 Milliounen fir 2025. Wa mer do dann eng Recette ordinaire kréie vun 124 Milliounen, dann ass séier gesot, wou d'Suen higinn. Dofir loosse mer hoffen dass mer weiderhi vum Staat guut verwinnt ginn als Gemengen an dass mer eise Verflüchtunge kënnen Rechnung droen. Et steet nach ganz vill an de Stären. De Mensch leeft vun der Hoffnung.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo Merci fir d'Wuert. Wéi den Numm et seet ass de PPF eng Momentopnam mat engem Plang a Previsioun bis 2025. Och wann eng Reprise do ass: Previsiounen an onsécheren Zäite bleiwen onsécher Previsiounen. Onsécher Zäiten duerch eng laang sanitär Kris, eng pertinent Klimakris a geopolitesch Onrouen. Doduerch ginn et Präisdeierechten. Duerch d'Baukäschten, duerch Energiekäschten, et ass Materialmangel. Da sinn déi héich Investisementer mat deenen héijen Zommen an Emprunten an enger Pro-Kapp-Verschëldung Enn '25 mat 5.000.- Euro éischter theoretesch Chifferen. Well et kann een dovun ausgoen, datt verschidde grouss Projeten, déi de Buergermeeschter elo opgezielt huet, sech iwwert e längeren Zäitraum vu Budgetsjore strecke wäerte wéi geplangt. Duerch d'Hiewe vun der Grondsteuer hu mer liicht méi Einnahmen. Hei ka sech jo nach national eppes doen. De Boni am Ordinaire gëtt ab 2023 vill méi kleng, wéi déi Jore virdrun. Ab 2024 sinn et dann och d'Dépenses financières, déi duerch d'Zësen, déi warscheinlech dann och klamme wäerten a Remboursementen vun der Prête an d'Luucht ginn. Dat heescht, eis Finanzsituatioun am A ze behalen. Well, wéi d'Madamm Kayser och elo opgezielt huet, gi Projeten am Laf vun der Zäit dach meeschtens méi deier wéi geplangt war. Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. De pluriannuelle Finanzplang, de PPF, wou mer lo haut hei diskutéieren, entspréngt enger gesetzlecher Verflüchtung ënner anerem fir eng besser lwwersicht iwwer déi mëttelfristeg Entwécklung vun

den öffentliche Finanzen zu kreieren. Beim Staat geht es um gleichzeitiges Budget für alle Jahre und langfristige Projektionen an die Zukunft gemacht. Die Ziele für die Periode 2021 – 2025 sind auf der Vergabe von enger zirkulärer Budgete aufgebaut, besonders was die Abschätzung von den Einnahmen ugeet oder auch nach der Entwicklung von den Personalkästen. Was es für die allererste opfällt, ist, dass durch ein meine positive Entwicklung von den Steuereinnahmen beim Staat der Gesamtbild leicht besser ausfällt wie vor einem Jahr. Das hat mir auch schon sehr gefallen.

Glücklicherweise hat die Pandemie besonders am Jahr 2021, mit auch schon 2020 wirtschaftlich und sozial sehr negativ zu Buche geschlagen wie gefahren. Das freit die Regierung. Mit dem hat auch natürlich direkt positive Auswirkungen auf die Finanzsituation von den Gemeinden. Ich weiß die ganze Periode von 2023 – 2025 wisst den Diddelenger Gemeindebudget. Am verständlichen Teil möchte ich den Überschuss von den Einnahmen von 3 bis 5 Millionen Euro pro Jahr aus. Das ist net enorm, mit dem dreißt schon dem Umriss von der Finanzlast von den Emprunte Rechnung, die von 2 Millionen 2022 auf 6,1 Millionen 2025 erpöckelt. Dieses Phänomen ist die direkte Konsequenz von den Rekordinvestitionen, die an dieser Amtsperiode von dieser Majorität am Gemeinderat entschieden ist, respektive die Vorbereitung ist. Das entspricht für 2021 bis 2025 einem Gesamtvolumen von über 220 Millionen Euro. Bei all diesen Projekten das ist nicht dabei was „nice to have“ ist, weil das ist für es ein wichtiges Investition. Mir stinn net für Zücken und mir stinn auch net für Stellenstand, mit mir investieren an es Stadt für die zukünftige Generationen. Das sind Ausgaben am Interesse von es Bierger, der Betreuung an der Erziehung von es Kinder, dem soziale Wohnungsbau, den Gemeindefunkturen, dem Sport, der Kultur, dem Vereinswesen.

Esse Bürgermeester ist so grad sehr am Detail dran gegangen. Es sind die Modernisierungsarbeiten der Diddeleng weiter zu enger lebensfähiger Stadt machen an der es sechs erfüllen kann. Es ist also der Moment für an die Zukunft an der Entwicklung von es Stadt zu investieren. Was des Majorität möchte: Diddeleng hat ein exzellente finanzielle Situation an die soll alle Bierger zugute kommen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEISTER): Merci Madame Kohn und für die Abschätzung, was die PPF ugeet. Ich will all diesen, die die Werte hier ergreifen hat Merci so für die Darstellung an der Abschätzung runderem die PPF. Ich merke dass das noch größerer Divergenz verleihen. An das schreibt sich auch an, dass mir allegeren die Projekten, die mir hier bis es immer gestimmt hat, respektive die Projekten, die mir ein Vue hat, dass das kein „nice to have“ ist, weil mir auch nicht die Tradition hier hat den Diddeleng, irgendwelche Prunkbauten einsetzen. Es sind immer Projekten, die für die Diddelenger Bevölkerung, für die Diddelenger Anwohner und wichtig sind und mir probieren die mit der gesonderten Finanzlast, die mir seit Jahren hier zu Diddeleng hat und einsetzen. An dem Sinn ist auch das die niedrige Haushaltspolitik vorhanden, für die Projekten dementsprechend einsetzen.

Ech will auf ein paar Punkten gehen, an zwar, dass ein auch immer ein A hat, wie die Corps der Metier virginn. Das erlebe mir als Mischung, wie und will aner Mengen, wie auch der Staat, das, was sich an einem internationalen Kader tut. Was natürlich auch auf einem lokalen Territorium Niederschlag findet. Wenn die Matière première meine dieser ginn, da probiere bei der Umsetzung von diesen verschiedenen Projekten, die einzel Corps der Metieren das natürlich auch ermeckern ich weiß die Méiausgaben, die sie hat. Das ist ein Interdependance, die es net nenne bei der Stadt Diddeleng geht, mit bei all aner Mischung auch. Das kann ein natürlich auch immer hantieren, mit dem sind natürlich auch die wirtschaftlichen Parametern, die hier sind.

An es geht es auch par rapport zu dem was sich an der Covid-Krise getan hat mit dem Unzue von der Preisdecker auf verschiedenen Niveaus, dass z.B. was die Matière première ugeet, dass das die Präzision auch erischer am Gang sind erof zu gehen, notament was verschiedene Produkte ugeet wie z. B. Holz. Natürlich merke mir auch aner Völeten, die auch kiezlich ugeschwat guffen und wou auch ein ganz Rei Haushalter betreffen sind und wou ein ein ganz Rei Antworten ka ginn um nationale Pläne, dass bei allem, was Gas und Elektesch ist an auch was die Pétrol ugeet ein Preisexplosion an der Haus steht. Mit auch das ist ein internationale Phänomen und mir müssen auch probieren als national Regierungen und Parlamentarier und die niedrige Antworten zu ginn. An natürlich, Mengen die ganz nicht si beim Bierger, die gesinn dann auch am Kader von hien Ulafstellen, wie den Impact am Alltag ist.

Ech menge mir sind es auf viele Punkten eens. Ein Punkt, den ich net so teilen ist der Worst-Case-Szenario. Aus dem ganz einfachen Grund, weil wann auch es ein Abbruch geif kommen, der sechs auch der Moment net ofzechent, ich mengen net, dass ein nach ein Kier sou heftig ka gi wie den, wou mir an der Covid-Krise haben, wou dann auch um nationale Pläne ein ganz Rei Emprunten hat missen aufgeholt ginn, für dem entgeint zu wirken. Ich mengen erischer dass es an die aner Richtung geht. A wann ein auch kuckt, wie die ganz Finanzindustrie, die ganz Finanzarchitektur und dozou bäigedroen hat, dass mir auch ein gewissenes Equilibre kreien am Kader vom Staatsbudget, mengen ich net dass mir an ein Worst-Case-Szenario kommen. Auf alle Fall ginn die Zeeche mol net an die Richtung. Mit natürlich muss es wie überall die Finanzen am A behalten. Grad an einem klengen Land wie Lëtzebuerg, was ein offener Land ist mit enger offener Ökonomie.

Dann zu der Fro die stellt sich par rapport zu den Emprunten, die mir ophuelen. Natürlich sind die immer à Taux variable. Ich mengen das ist auch ein gängige Praxis, das ist hier net anescht wie bei aner Mengen. Was den Taux variable ugeet, was mir sou ein Emprunt ophuelen an hier gestimmt hat, mir hat sehr laang kee meine gestimmt, dann ist den Eurobond, das läit es bald bei 0%. Respektive hat mir auch verschiedene mit Negativzinsen. An dem Sinn leie mir das ganz positiv. Das also zu diesen Froen, die stellt sich guffen. Ich stelle fest, dass durch die ganz Breet die selwecht Appreciation gemacht geht, was die PPF ugeet. A mir wäerten auch weiter drü schaffen, dass mir die Proje-

ten dann och kënnen am Interêt vun der Stad Diddeleng ëmsetzen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Entschëllegt, ech hat nach eppes vergiess gehat. Et sinn awer 3 grouss Projeten, wou mer wëlles hunn, déi net opgedeelt goufen. Mir hate jo Rieds an der Finanzkommissioun, dass mer d'Opdeelung fir déi nächst Jore scho matkritt hatten am Dezember. Ech hat dat effektiv verpasst. Mee wat ech awer do vermësst hunn am Detail, dat ass z.B. d'Finanzéierung vun Mise en conformité vun der Brill-Schoul. Dat sinn awer 6,4 Milliounen. Ob déi all op ee Joer ginn, dat ass guer net opgezeecht ginn. Dann hate mer och Rieds iwwer Balzeng, dass mer do och wëllen eng Struktur Schoul maachen. Dat sollen 20 Milliounen ginn. Do ass awer och guer kee Planning iwwer déi nächst Joren opgeschriwwen ginn. Dat war opgefall.

An dann hat ech deemools och scho gefrot, d'Infrasstruktur an der Le'h, déi nei misst gemaach ginn. Do hate mer jo just e „klenge“ Budget fir dëst Joer virgesinn. Do feelt mer awer och de Planning, well dat jo awer eng gewëssen Envergure huet. Ob mer dee ganze Budget just op dëst Joer setzen? Dat ware Saachen, déi mer opgefall waren. An dat véiert war... Also et war d'Brill-Schoul, d'Mise en conformité, Balzeng, dat neit Gebai. Den Eecherdall, do steet och en Invest vu 4,6 Milliounen, an ech hunn awer op all deene Plannungen, déi mer kritt hunn ëmmer nëmmen déi Etüd vun 200.000 Euro virgesinn. Dat si 4 Saachen, vläicht kéint Dir eis dat nach eng Kéier noreechen. Dat si 4 Projeten, déi eis awer iwwer e puer Joer begleede wäerten. Do wär et awer flott ze wëssen, wéi do déi Opdeelung vun deenen dach Milliouneprojeten ass, déi iwwer déi nächst Jore geplangt sinn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ech ginn einfach op déi Punkten an. Dat hei si jo Estimatiounen, wat déi Projekte kaschte kéinten. Souwisou, wa mer déi Projekte stëmmen, da kënn et jo an de Gemengerot, da kritt der en Devis virgeluecht an da gesäit ee wat dann och de reelle Präis ass. Complexe scolaire am Balzenger Quartier, dat heescht Balzenger Schoul, den Neibau. Dat war am leschte PPF jo net virgesinn. Dofir hu mir dat hei dragesat. An dat wäert deementspreechend och an Ugrëff geholl ginn an deenen nächsten 2 Joer. Dat heescht, dat ass e komplett neie Projet. Do hate mer bis elo just Etüde virgesinn. Hei probéiere mer de Projet ze chiffrieren am Kader vun engem Neibau. Wann een eng Schoul baut – mir hu jo d'lescht Joer eng Schoul ageweit, déi virun engem gudde Joer opgaangen ass – do weess een, wann een eng Schoul baut, dass dat sech ëmmer iwwer 2 Budgetsjoren zitt.

D'Brill Schoul, dat bezitt sech op eent respektiv annerhalleft Joer. Et si keng 2 ganzer Joren, mee annerhalleft Joer wäert de Projet och daueren. Mee do hu mer jo och schon en Deel vun den Devisen hei gestëmmt am Gemengerot. Dann den Eecherdall – mir schwätzen herno souwisou nach eng Kéier iwwer den Eecherdall par rapport zu engem anere Projet. Mee och dat ass e komplett neie Projet. Och do si mer am Gaang, Etüden ze maachen. Och do wäert dann eng Kéier en Devis an de Gemengerot kommen, wou mir dat doten dann an Ugrëff huelen. Mee och dat si Projeten, déi dann 2

Joer wäerten daueren. Wann do Wunnengsbau kënn, dann ass dat net an engem Joer gedoen, och wann et e klengt Areal ass. Mee do weess een awer, dass een 2 Joer ëmmerhin ënnerwee ass. An dat anert war an der Le'h. Dat ass de ganze Projet ronderëm d'Déieren. D'Infrastruktur ronderëm d'Déierenasyl respektiv d'Fleegestatioun fir Wëlldéieren, wou mir jo net Bauhär sinn, mee Natur an Ëmwelt Bauhär ass. Och dat si Projeten, déi zéien sech iwwer 2-3 Budgetsjoren. Do wou mir de Maître d'Ouvrage sinn. Dat zu deene Präzi-siounen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci. Mee et war, well dat eeben net hei sou opgeléicht war. Aner Projeten, wéi z.B. d'Danzschoul, déi si scho ganz genau opgeléicht. 2023 1,5 Milliounen, 2024 1,5 Milliounen. Dofir hunn ech dat e bësse vermësst. Well do vun der Danzschoul, do hu mer jo och kee konkreten Devis am Gemengerot gehat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Mir haten d'Containeren. Dach, mir haten en Devis mat de Containeren.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): „Remise en Etat ancienne Centrale électrique“ z.B. do steet awer och hei dran, ganz genau, dass dat eis 9,1 Milliounen kascht. Dofir war meng Fro eeben, well dat heite jo awer och Milliouneprojet sinn. Et huet mech gewonnen, well déi eng Projeten drasti ganz akribesch iwwer Joren an déi aner net.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Natierlech, wann een en Devis am Gemengerot gestëmmt huet, da kann ee jo och an der Planung ganz kloer de Kader setzen. An déi aner, déi wäerten 2022 ufänken, sou dass se éischter dann 2023/2024, respektiv 2024/2025. Merci villmools fir déi dote Froen.

2.2. Approbatioun vun de Modifikatiounen fir d'Kapitel XXVIII – Verkaf duerch d'Gemeng vun Impriméen, Audio- a Video-Dokumenten – aus dem allgemengen Taxereglement

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): An da géif ech proposéieren, dass mer op den nächste Punkt géifen iwwergoen. Mir bleiwe bei de Gemegefinanzen. Dat sinn 2 Katalogen, respektiv Vente d'imprimés. Dat ass engersäits de Katalog vun Ausstellungen. Dat ass de Katalog vun der Retrospektiv vum Menn Adam. Dat sinn 30.- Euro. Mir hunn de Moment jo och nach d'Ausstellung lafen an der Galerie Nei Liicht an am Centre Dominique Lang. An dat anert ass 75 Joer Regional Museksschoul. Si hu jo hiren Anniversaire d'lescht Joer gefeiert a mir hunn och e Buch erausbruecht an dat sinn 20.- Euro. An ze fannen op de gewinnte Verkaufsstelle vun der Gemeng. Remarken, Froen dozou?

Ass dem Gemengerot mat deem Taxereglement averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech Merci.

2.3. Approbatioun vun den Utilisatiounstariffer vum Gasdistributionsreseau an Ännerungen am Kapitel XIV – Gas – vum allgemengen Taxereglement

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Da gi mer weider. Den Tarif d'utilisation vum Gasreseau. Et ass jo sou, all Joers musse mer deen Tarif hei stëmmen. Et ass jo am Fong d'Durchlaufgebühr. Et ass jo sou, dass mir als Stad Diddeleng Proprietär si vum Reseau an dann natierlech déi kommerziell Exploitatioun vum Reseau, déi gëtt jo vun Enovos gemaach. Dat heescht, fir dass si de Reseau kënnen notzen, musse si eng Durchlaufgebühr bezuelen. An dat wat si bezuelen ass och Bestanddeel vun eisem Budget. An déi Durchlaufgebühr fixéiert natierlech d'Gemeng net eleng. Déi gëtt vum ILR fixéiert. Deen huet do, wéi d'Gesetz et virgesäit, d'Kompetenz, dat festzehalen.

An Ärem Dossier fannt Der och do de Courrier vum Institut Luxembourgeois de Régulation. Dat fousst op enger Decisioun vum 9. Dezember 2021, wou si ganz kloer d'Präisser festhalen. A do ginn et jo am Fong 3 Segmenter, 3 Kategorien. Dat ass Segment G4 bis G16. Dat sinn d'Maison unifamilialen. Do ass ab 1. Januar 2022 d'Durchlaufgebühr fir d'Composante Volume 0,13.- Euro de m². An d'Composante Capacité ass do 0.- Euro. Segment 2 - G25 bis G40, dat sinn d'Compteure fir d'Residenzen. Do ass d'Composante Volume 0,04.- Euro de m², d'Composante Capacité 6,3. An d'Segment 3 - G64, G100, G400, dat ass och fir Schoulen, Centres sportifs, Industrien. Dat sinn déi Infrastrukturen. Do ass d'Composante Volume 0,09 an d'Composante Capacité 8,2. Dann ass awer och nach de Volet vun der Locatioun vum Compteur. Dat ass eng Redevance mensuelle fixe. G4 bis G16 sinn dat 7.- Euro. G25 bis G40 34,53.- Euro. G65 68,1.- Euro de Mount. G100 90,16.- € a G400 268,59.- €.

Dat sinn déi Tariffer, déi hei festzehale sinn, sou wéi den ILR et eis hei an der Decisioun geschriwwen huet. Remarken, Froen dozou? Dat ass net de Fall. Kéinte mer déi Durchlaufgebühr dann approuvéieren? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

2.4. Approbatioun vu 4 Actes de possession trentenaire

2.4.1. Place-voirie an der Rue Ste. Barbe

2.4.2. Plazen an der Rue de la Brasserie

2.4.3. Place-voirie an der Rue de la Libération

2.4.4. Bewirtschaftungswee an der Rue Emile Ludwig

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Da komme mer op eng Rei Actes de possession trentenaire. Dat ass am Fong wann een higeet an de Constat mécht mat Zeien, dass déi Parzellen ëm déi et hei geet, generell vun der Éffentlechkeet genotzt goufen. Da kann ee mat Temoinen iwwert Acte de possession trentenaire, sou wéi de Code civil et virgesäit, kënnen déi an d'Propriétéit vun der Gemeng iwwergoen. An do hu mer en éischten Acte, dee mer hei virleien hunn. Mir hu jo och gemierkt, bei deene 4 Actes de Possession trentenaire, dat sinn Akten, wou am Fong och d'Propriétaire Sociéité waren, déi radiéiert si vum Registre de Commerce well se Faillite gemaach hunn. Iwwer Temoinen dann och

de Constat, dass se engersäits Faillite gemaach hunn a radiéiert sinn an op där anerer Säit, duerch d'Utilisation publique vun deene Parzellen, iwwert deen doten Akt, dee mer hei virum Notaire gemaach hunn, kënnen an d'Utilité publique eriwergoen. Mir haten all Kéiers den Här Wagner an den Här Reuland bei deene 4 Actes de possession trentenaire als Temoin fir dat ze bezeien. A mir hunn dat natierlech och aushänke gehat. Mir hunn déi Actes de possession trentenaire hu mer all Kéiers bei eise Gemengen, also dem Notaire deen hei vun der Stad Diddeleng ass, de Maître Goedert.

Ech géif eng Kéier duerch déi 4 Akte goen. Dat eent ass eng Parzell vu 15 Zentiar an der Rue Ste. Barbe. Déi huet der Société civile immobilière Gafelt gehéiert, déi radiéiert ass vum Registre de commerce an natierlech gëtt déi Parzell integréiert an d'Voirie publique. Dann hu mer an der Rue de la Brasserie 4 Ar, 7 Zentiar an 43 Zentiar. Déi huet der Sociéité Tradibat s.à.r.l. gehéiert. Och déi ass radiéiert vum Registre de Commerce. An och hei hu mer de Acte de possession trentenaire virleien. Dann ass den drëtten Acte de possession trentenaire an der Rue de la Libération. Dat sinn 29 Zentiar. Déi hunn der Sociéité Costimmo S.A. gehéiert. Och déi ass radiéiert vum Registre de commerce. Och hei gëtt et integréiert an d'Voirie publique, also d'Utilité publique. An dee 4. Acte de Possession trentenaire ass an der Rue Emile Ludwig. Dat sinn 22 Ar, 80 Zentiar, Agicom S.à.r.l., och déi ass radiéiert vum Registre de Commerce. An och hei hu mir dat virum Notaire maache gelooss.

Dat sinn am Fong déi 4 Actes de Possession trentenaire, déi mer hei virleien hunn. Ech géif dann elo d'Diskussioun opmaachen éier ech herno op déi aner Akten iwwerginn.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech hätt just eng Fro: déi zwee Zeien, sinn dat Leit vum Enregistrement oder wat fir eng Funktioun hunn déi?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Am Fong kann een egal wéi eng Leit huelen. De Code Civil gesäit do näischt fir. Dat mussen net Leit vum Enregistrement sinn, dat kënne Privatleit sinn. Mir hate jo schonn eng Kéier hei am Gemengerot viru Joren sou Actes de possession trentenaire. All normale Bierger kann dat maachen, do brauch ee lo keen Expert vun iergendenger Administratioun ze hunn. Et geet einfach duer ze temoignéieren, dass déi ëmmer an der Utilité publique waren.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo Merci. Ech hu mer déi Fro och gestallt, wéi den Här Gangler. Wéi ginn déi Temoine rausgesicht? Muss ee sech do mellen? Well et si jo 4 verschidde Plazen, wou elo deen Akt ass. Dann hunn ech eng Fro zu där Plaz an der Rue de la Brasserie. Dat ass jo am Moment eng Parkplaz. Dat heescht, wann dat elo iwwergeet an d'Gemeng, da gëtt dee Parking exploitéiert vun der Gemeng? Well ech huele jo un, dass e lo net kann exploitéiert ginn, well et jo net der Gemeng hiren Terrain war? An dann hu mir eis och gefrot – réng theoretesch – kéint een do, et ass jo eng Plaz tëschent zwou Residenzen, dat ass jo dann am

Bauperimeter. Réng theoretesch kéint een do och bauen? Dat hu mir eis gefrot. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Ech ginn op deen dote Volet an. Wat d'Affectatioun vun de Parkplazen ugeet, wäert dat net changéieren. Et ass jo och elo eng Utilisation publique an dat bleift och. Dat heescht, och wann elo de Proprietär änneret, wat d'Utilisatioun ugeet, do wäert keng Ännerung stattfannen, sou wéi dat och bei deenen anere Parzellen de Fall ass. Mir hu jo och an der Rue de la Brasserie virun e puer Joer frëschgemaach an do hu mer dat dote jo och sou amenagéiert. Dat heescht, do wäert am Fong näischt changéieren. A wéi gesot, Témoin ka jidderree sinn. Herno, Force probante, ass dat beim Notaire, wou dat festgehalen gëtt. An neen, et ass keng Bauplaz. Ech mengen ech hu probéiert, op all Froen ze äntweren. Gutt.

Kënne mer déi en Bloc ofstëmmen, oder all eenzel? Ass de Gemengerot mat deene 4 Acte de possession trentenaire averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

2.5. Approbatioun vun engem Acte de Cession gratuite mat der Societët Cite Cube s.à.r.l.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mer op den nächste Akt, dat ass en Acte de Cession gratuite, dee mer hei mat Cite Cube s.à.r.l. maachen, déi hire Sëtz zu Bech-Klengmaacher huet. Dat ass an der Rue Dominique Lang. Dat si 75 Zentiar. Hei ass den Akt gemaach gi virun der Notaire Madamm Pauly, wou och d'Cite Cube s.à.r.l. vertrueden ass duerch den Här Bladt wou mir déi dote Cessioun kréien. Déi dote Cessioun fënnt statt am Kader vun Infrastrukturearbechte ronderëm de PAP Rue Dominique Lang. Déi Arbechte si jo gutt am Gaangen, wat jo och ganz positiv ass. De PAP gouf jo och hei am Gemengerot gestëmmt. An déi 75 Zentiar, dat ass eng Bande, déi integréiert gëtt an d'Anlage vum Jugendhaus. An d'Jugendhaus notzt dat och. Dat gesitt Der jo schonn unhand vun de Pläng. D'Utilisatioun ass scho gemaach. Hei ass et da just formal, dass et an d'Utilité publique eriwuergeet fir d'Gemeng.

Ass de Gemengerot och mat deem Akt averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

2.6. Approbatioun vun engem Acte de Cession gratuite, dee mam Fonds du Logement ofgeschloss ginn ass fir 5 Terrainsparzellen

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géif ech op deen nächste Punkt iwwergoen. Et ass och en Acte de Cession gratuite. Hei gi mer an de Briller Quartier an hei maache mer den Acte de Cession gratuite mam Fonds du Logement. De Fonds du Logement, deen nach ëmmer Proprietär war bis elo. An dass mir dat heiten haut maachen huet domat ze dinn, dass de Fonds du Logement sech elo anescht opgestallt huet wéi nach viru Joren. Wou mer hei am Gaang sinn, Saache mat hinnen opzeschaffen. Sou dass am Fong d'Rue Emile Mayrisch, dat sinn 58 Ar, 12 Zentiar. D'Rue Henri Bessemer dat sinn 29 Zentiar. Am Brill ass 1 Hektar

an 9 Ar, d'Rue Victor Tesch, dat si 6 Ar an och deen aneren Deel vun der Rue Victor Tesch dat si 6 Ar. Wou mer engersäits de Stroosseraum integréieren, respektiv d'Gemeng Proprietär dovunner gëtt. Et ass awer och d'Spillplaz am Briller Quartier an et ass awer och déi Plaz virun der Briller Spillplaz wou d'Gemeng elo Proprietär gëtt an hei ware mer och bei den Notaire, bei de Maître Goedert, wou de Fonds de Logement vertrueden ass duerch d'Madamm Dupont, den Här Entringer, si si vertruede ginn duerch d'Madamm Simon an d'Stad Diddeleng duerch de Schäfferot. An dat sinn déi Parzellen, déi integréiert ginn an d'Voirie publique.

Et ass eng Urbanitéit. Well d'Gemeng ëmmer den Ënnerhalt gemaach huet, engersäits zum Stroosseraum. Mee d'Gemeng och d'Spillplaz viru kuerzem erneiert huet. An an deem Kontext si mer un de Fonds du Logement eruegetruede fir déi heite Saachen ze formaliséieren. Virop déi aner Stroossen, déi de Quartier Brill ausmaachen, déi gehéieren der Gemeng och schonn. Dat heescht, do hu mer hei dann elo och eng propper Situatioun, dass d'Gemeng dann och Proprietär ass vum Rescht. Dëst also zu dëser Cessioun. An dat Ganzt ass evaluéiert ginn zum Präis vu 500.- Euro. Dat ass jo déi klassesch Cession gratuite. Remarken dozou? Froen?

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo Merci fir d'Wuert. Ech wollt just nofroen: déi Plaz wou d'Spillplaz ass an déi Plaz virum Schapp, déi si jo dann iwwergaangen an d'Gemeng Diddeleng. Awer de Schapp selwer an och déi Plaz wou de Schapp dropsteet, déi sinn nach ëmmer Fonds du Logement. Do wollt ech nofroen, firwat dat dann net och iwwergaangen ass. Zemoools well och de Foodsharing do reegelméisseg seng Verdeelunge mécht, et war flott, wann dat lo als Ganzt un d'Gemeng Diddeleng gaange war. An da profitéieren ech awer och vun där Geleeënheet: Dir sot, déi aner Weeër, do gehéiert alles der Gemeng. Do ass de Wee iwwert d'Baach, de Foussgängerwee a Vëloswee. Deen ass wierklech an engem schlechten Zoustand. Kann deen net eng Kéier en neie Belag kréien? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Heinen. Soss nach weider Froen? Dat ass net de Fall. Et muss ee jo wëssen, wat de Schapp ugeet, respektiv déi Parzell, wou de Schapp drop ass, de Schapp selwer gehéiert jo net der Gemeng. Deen ass deemools gebaut gi vum Interesseveräin Quartier Brill. Dat heescht d'Gemeng ass net Proprietär vun deem dote Schapp. Dat ass et mol éischters. Mir hunn en zur Verfügung gestallt kritt fir de Foodsharing ze maachen. Dat ass awer keng onwesentlech Prezisioun. An effektiv ass de Fonds du Logement do nach Proprietär a mir sinn am Gaang ze kucken, ënnert wéi enger Form een do kann eng Mise à Disposition gemaach ginn.

De Fonds de Logement kann do Proprietär bliwen. E kann awer och dem Interesseveräin, respektiv der Gemeng, an dat ass eng Diskussioun, déi mer féieren, iwwert e Bail emphytéotique, d'Gemeng ass jo wéi gesot net Proprietär vum Schapp. Dat dierf een net vergiesen. Et war schonn e bësse cocasse wann d'Gemeng hei déi Parzell géif kréien. Wéi gesot, dat sinn Negociatiounen, déi mer den Ament mam Fong féieren. An de Fong war sech nach net schlëssig, a wéi eng Richtung

dass se wëlle goen. An dat anert kucke mer mat eise Servicer. Do wou Nachholbedarf ass um Wee, kënnen mer dat natierlech flécken. Da kënnen eis Servicer dat eng Kéier ofgoen an dat nei maachen, wat net gutt ass. Dat ass kee Problem.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Also de Schapp ass vum Interesseveräin gebaut ginn. Gehéiert en dem Interesseveräin oder dem Fonds du Logement? Also d'Parzell gehéiert dem Fonds du Logement. Mee de Schapp elo selwer, d'Gebai, wem gehéiert dat?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dem Interesseveräin. Ech hat jo virdru gesot, dass den Interesseveräin Proprietär a Gestionnaire ass. A mir en zur Verfügung gestallt kréie fir de Foodsharing. Et ass net de Fonds du Logement dee Proprietär ass. Dofir, et ka jo och z.B. eng Léisung sinn dass de Fonds du Logement en dem Interesseveräin zur Verfügung stellt, vu dass déi och Proprietär si vum Schapp. Mee dat sinn Diskussiounen, déi mer lo am Gaang sinn ze féiere mam Fong. Wéi gesot, si si Proprietär a si si sech nach net schlësseg. *Affaire à suivre.*

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Da stellt sech awer d'Fro: bezilt dann den Interesseveräin Loyer fir den Terrain? Oder wéi geet dat? Wéi ass dat da méiglech gewiescht?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ech weess net wéi de Moment hir kontraktuell Situatioun ass. Ech mengen et ass eng Mise à disposition gemaach ginn iwwer e Bail emphytéotique. Bail emphytéotique, do bleift ee jo Proprietär an et stellt een den Terrain zur Verfügung zu engem minimale Präis. Ech weess awer net wéi vill dass deen ass.

Ass dem Gemengerot mat dësem Acte de Cession gratuite averstanen, wat de Briller Quartier ugeet? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

2.7. Approbatioun vun engem Acte de Vente mam Staat fir den Aménagement vun der nationaler Aktivitéitszon „Eurohub Sud“ zu Diddeleng

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dann ass et fäerdeg mat der Gratuitéit, da kréie mer elo mol e puer Suen an d'Gemengekeess. Hei en Acte de vente tëschent dem Staat an der Gemeng. Notamment ass et hei déi national Zon den Eurohub Sud, wou hei 3 Parzellen: eng vun 3 Ar an 33 Zentiar, dat ass de Centre de Logistique Eurohub Sud. 4 Ar, 78 Zentiar an och 20 Ar, 10 Zentiar a 4 Ar 96 Zentiar. Dat ass deen Acte de Vente, dee mer hei maachen, wou och de Staat vertrueden ass duerch de Finanzministère an och de Wirtschaftsministère an och hei d'Gemeng duerch de Schäfferot vertrueden ass. Dat sinn am Fong 33 Ar, déi dat heiten ausmaachen. An et ass zu engem Präis vun 199.020.- Euro, déi an d'Gemengekeess kommen. Dir kënnt lech drun erënneren dass mer 2021 schonn eng Kéier eng Parzell hei kaaft hunn. Dat si 6.000.- Euro den Ar, wou dat heite verkaf gëtt fir déi national Zon.

An et mécht Sënn, vu dass et eng national Zon ass, dass de Staat och Proprietär ass vun deenen dote Par-

zellen. Mir haten deemools schonn dem Staat gesot, dass et Sënn mécht, déi heite 4 Parzellen och eis ze verkaufen. Si hate gesot, dass si sech dat nach eng Kéier géifen iwwerleeën an intern géife kucken. An dat wat mer haut maachen ass déi logesch Suite vun deem Akt, dee mer 2021 mat hinnen haten. Dat zu den Erklärungen. Froen dozou? Remarken dozou?

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Ech wollt just nofroen, mir hu jo zertifizéiert kritt vun der Architektin vun der Stad Diddeleng, dass de Präis OK ass. Mee entsprécht dat sou en général deene Präisser wou verkaaft gëtt mam Staat? Dat war just e bëssen eis Suerg. A selbstverständlech ënnertsetze mir och alles wat an d'Richtung Aktivitéitszone geet, fir dass déi wirtschaftlech Aktivitéit hei zu Diddeleng weider beliebt gëtt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Andrich. Wéi ech virdru gesot hunn hate mer jo 2021, dat misst virun der Sommervakanz gewiescht sinn, do hate mer jo en Akt mam Staat hei, wou mer eng Parzell dem Staat verkaaft hunn. Dat ware 6.000.- Euro den Ar. Dat heite si jo Parzellen, déi direkt niewendru sinn an dat schreift sech an déi selwecht Logik an, wat de Verkaufspräis ugeet.

Ass de Gemengerot mat dësem Acte de Vente averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci an d'Gemengekeess seet och Merci.

2.8. Adaptatioun vun den Indemnitéite fir d'Formateure vun den Owescoursen

2.8.1. Sproochecoursen

2.8.2. Informatik- an Internetcoursen

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géife mer iwwergoe bei d'Indemnitéite fir d'Owescoursen. An da géif ech d'Wuert weidergi bei d'Claudia Dall'Agnol.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Merci Här Buergermeeschter. Fir den éischten Deel wier et u mir, nämlech fir d'Cours de Langues. Dir wësst, dass ech beim Budget gesot hat, dass mer wéliten d'Indemnitéiten, also d'Tariffer fir eis Formateuren an Formatrices fir d'Sproochecoursen eropsetzen, an zwar vu virdru 47,50.- Euro elo op 57,50.- Euro pro Stonn.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Ech wollt eppes zu deenen zwou Saachen zesumme soen. Also och vun den Informatikcoursen. Soll ech dat elo direkt soen oder soll ech nach waarden?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Huet nach een aneren eppes ze soen zu den Owescoursen? Neen. Da géife mer vläicht iwwergoen op d'Informatikcoursen, do ginn ech dann dem Josiane d'Wuert.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Villmools Merci. Och hei ass et eng Upassung vun den Tariffer fir eis Formateuren. Wat bei den Informatikcoursen e bëssen anescht ass wéi lo bei deenen aneren: mir hu Coursen, do hu mer ee Formateur, do

kréie se 55,28.- Euro a mir hu Coursen, do sinn zwee Formateuren. Firwat zwee Formateuren? Ma ganz einfach, bei verschidde Coursen, déi een hält, wann ee soll um PC weisen an an engems de Cours halen ass praktesch onméiglech. An do hate mer relativ vill Entrevuë mat hinnen an do si mer eis eens ginn, datt ab engem Minimum vun engem Cours wou fënnef Leit sinn a sou Saache musse gewise ginn, do sinn dann zwee Formateuren. Do kréie se e bësse manner. An dat anert ass ee Formateur, an dee kritt dann e bësse méi. An och do ass dem Minimum vu Leit déi musse participéieren um Cours si 4 Leit, soss gëtt de Cours annulléiert.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Josiane och fir déi doten Erklärungen. Madamm Heinen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Bon, mir hunn e puer Froen. An der Deliberatioun do steet: „Cours d’alphabétisation de langue française“. Do froe mer eis, firwat Alphabetisatioun, a firwat net einfach Cours de Langue, well et ass jo net nëmme Franséisch. Et ass jo och nach Lëtzebuergesch, Englesch a Portugisesch, wou ugebuede gëtt. Dann d’Indemnitéite fir d’Formatricen an d’Formateure vu Sproochen- an Informatikscoursen, sinn déi indexéiert? Mir menge mol Jo. Mee fir sécher ze si froe mer no. A firwat ginn net déi Indemnitéiten eenheetlech gehéicht? Do ass jo lo eng kleng Differenz. Et wäert och e Grond ginn. Ass et net ëmmer esou, datt Sproochecoursen och vum Projet Ensembl organiséiert ginn? Also ech mengen et ginn déi zwee. Et gëtt vun der Gemeng an och vum Projet Ensembl organiséiert. Déi Course vum Projet Ensembl, ginn déi dann iwwert Interactions bezuelt oder vun der Gemeng?

Mir haten d’Indemnitéite vun deene Sproochecoursen an deene leschten zwee Budgetsdebatten ugeschwat, well mer wossten, datt do eng gewëssen Onzefriddenheet war, well an aner Gemenge méi bezuelt ginn ass. Dofir si mer lo frou, dass dat gehéicht gëtt a mir wäerten dat natierlech matstëmmen. Sproochen an digital Kenntniss kënne vill Dieren opmaachen. An der Aarbechtswelt, op sozialem Plang, an der Integratioun. Jo, souguer fir méi demokratesch Verhältnesser suergen, wa méi Mënschen déi Lëtzebuurger Nationalitéit kréien a matbestëmmen dierfen an eisem Land. An dofir muss een an e Sproochecours goen. Mënschen, déi an dës Course kommen, maachen dat aus verschidde Grënn. Si si mol méi, mol manner motivéiert. Dofir solle si gutt encadréiert sinn, an dofir brauche mir och motivéiert Formatricen a Formateuren, a mir profitéiere vun dëser Geleeënheet fir hinnen och emol Merci ze soe fir hir gutt Aarbecht.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Heinen. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da kënnen hei d’Kollegen aus dem Schäfferot drop agoen.

CLAUDIA DALL’AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Also déi 57,50.- Euro, déi sinn natierlech fir jiddereen, dee bei eis Coursen hält, egal ob en iwwert de Projet Ensembl, egal ob en Englesch, Franséisch oder Alphabetisatiounscoursen hält, dat ass fir jiddereen. Index-gebonnen, dat gesinn ech elo net. Dat ass e festen Tarif. Et steet

och wann ech dat richteg an Erënnung hunn näischt vun Index-gebonnen an der Deliberatioun. Dat war mol fréier, an där ganz aler Deliberatioun, wou se nach a Lëtzebuurger Frange war, do ass dat ëmmer mam Index gehuewe ginn. An duerno hate mer ëmmer e feste Montant. Mat den Nopeschgemengen. Jo, Dir hat dat effektiv e puer Mol beim Budget gesot. Vlächcht och just als Informatioun: Mir hunn hei d’Nopeschgemengen ugeruff, fir d’Tariffer gewuer ze ginn. An dat war net sou einfach. Déi wollten eis hir Tariffer guer net soen. Mir sinn herno d’Tariffer gewuer ginn iwwer Leit wou mer wossten, déi do Cours halen an déi eis do d’Tariffer gesot hunn. Well jidderee warscheinlech säi Präis wëll fir sech behalen a vlächcht och déi beschte Proffe wëll fir sech behalen. Ech weess net, wat d’Motivatioun ass. Mee op alle Fall si mer déi offiziell net gewuer ginn. Ech hunn déi Tariffer hei. Ob et déi richteg sinn, kann ech net soen. Dofir hunn ech déi och elo hei net gesot, fir de Verglach net ze maachen, well ech se ni offiziell kritt hunn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ze bemierken ass, dass all Taxereglement jo public ass.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Ech hat nach gefrot, firwat steet an der Deliberatioun „Cours d’alphabétisation de langue française“?

CLAUDIA DALL’AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Ech mengen do huele mer just Bezuch, mee do misst eise Sekretär mech verbesseren, op fréier Deliberatiounen déi mer geholl hunn am Kader vun de Cours d’Alphabetisation. Mir schreiwe jo ëmmer an d’Deliberatioun: d’Deliberatioun vun do an do, vun deemools an deemools. A mir haten do Deliberatiounen geholl, déi just am Kader vun den Alphabetisatiounscoursen waren. Mee Patrick, do misst Du mech verbesseren, wann ech dat lo falsch erkläert hunn.

PATRICK BAUSCH (GEMENGESEKRETÄR): Dat ass richteg. An d’Decisioun, déi lo proposéiert gouf ass eng Génériques-Proposition. Do steet jo dran, dass et de Montant vun den „Indemnités allouées aux formateurs des Cours de langue“ am groussen ganzen ass.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Villmools Merci och fir déi doten Erklärungen. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn.

Wien ass averstanen, d’Tauxe wat d’Owescoursen ugeet ze adaptéieren? **Dat ass unanime.** Dat selwecht fir d’Informatikscoursen. **Dat ass och unanime.** Villmools Merci.

2.9. Resiliatioun vun der Konventioun mat der Fondatioun Kannerschlass fir d’Kollaboration mat der Eltereschoul Janusz Korczak

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mer op deen nächste Punkt iwwer. Dat ass d’Resiliatioun vun der Konventioun déi mer mat der Fondatioun Kannerschlass hunn an der Eltereschoul Janusz Korczak, an da géif ech dem Josiane di Bartholomeo-Ries d’Wuert ginn.

JOSIANE DI BARTHOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Villmools Merci. Resiliatioun, dat kléngt ëmmer ganz schlëmm, mee et ass awer net wierklech eng Resiliatioun. Et ass jo sou datt mer iwwer Joren eng Konventioun mam Kannerschlass haten, an déi gëtt lo einfach opgeléist. A firwat gëtt se opgeléist? Ma et ass esou, datt si bis elo dem Familljeministère ënnerstanen hunn, a lo fir méi um Terrain ze sinn, si se eriwergewiesselt an de MEN, dat heescht, si ënnersti lo engem anere Ministère. An do ass et sou, datt dee Ministère sech bereet erkläert huet, dat Ganzt dann ze iwwerhuelen, all déi Coursen, déi um Terrain sinn.

Ech wëll awer direkt am Virfeld soen, mir sinn an der Ufanksphas. Mir haten eng Reunioun mam Janine Schuman a wéi dat praktesch soll lafen, dat kann ech lech haut nach net soen, well et réischt kuerzfristeg ass, dass si eriwerginn an de MEN. Wat awer kloer ass, Dir wësst, datt mir ëmmer e Budget stëmme vun der Eltereschoul, an datt mer lo an enger éischter Reunioun mat hinnen dee Budget vun der Gemeng selbstverständlech nach eng Kéier zur Verfügung stellen, mee mir kënnen awer ganz anescht schaffen. Wann Der d'Blietche gekuckt huet, gesitt Der, dass mer ganz vill scho maachen a ganz vill organiséiert hu mat der Eltereschoul. Grad no där Kris hei no deenen 2 Joer sinn d'Leit erëm frou e bësse Kontakt mat der Eltereschoul ze hunn an do si schonn eng ganz Rei Saache geplangt. Dat heescht, si sinn um Wochemaart véier Mol a sinn duerno an de Schoulen. Dat Ganzt gëtt weidergefouert a mir kënnen et e bëssen anescht asetzen a si e bësse méi ënnerstëtzen, mee de Rescht gëtt alles vum MEN iwwerholl. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi doten Erklärungen. Stellungnamen dozou? Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Mir hate jo och gesinn am Budget, Dir hat gesot 2020-2021 waren 10.000.- Euro virgesinn am Budget, déi sinn net gebraucht ginn. Dat waren nëmme 5.000.- Euro, déi mer bezuelt hunn. An du 2022 hu mer nach eng Kéier dee Budget vun 10.000.- opgesat, an ech hat jo och nogefrot bei de Budgetdiskussiounen wéi et war mam Kontakt an et ass wéi d'Josiane gesot huet, si haten awer haaptsächlech online 120 Eltere kontaktéiert oder Elteren, déi si kontaktéiert hunn. An ech denken et ass effektiv elo de Moment fir do eng Relance ze maachen. Well bei der Eltereschoul do ass et och ganz wichteg, dass si op den Terrain ginn. Well all déi aner Projeten, déi ee soss ëmmer hat: dass een ausgegangen huet, mir maachen eng Formatioun oder se kommen an d'Gemeng a se halen eng Ried, da sëtze 4 Leit do fir nozelauschten. Ech mengen et ass einfach wichteg, dass se méi op d'Leit duerginn, an an d'Schoule selwer ginn a vläicht och de Kontakt iwwert d'Elterenassociatiounen an de Schoule sichen. Well de Besoin vun Opklärung wat Elterenaarbecht heescht a wat Aarbecht mat Kanner heescht, dat ass einfach do.

Ech hunn zwou Froen: Sinn et déi selwecht Mataarbechter, déi och bis elo schonn zu Diddeleng aktiv waren, déi och weider hei zu Diddeleng wäerten aktiv sinn? A souwäit ech weess, war d'Eltereschoul awer och mat

agebonnen a Formatiounen fir d'Personal aus de Maison Relaisen oder net? Wann ech mech net do ieren, ass do och nach eppes virgesinn? Well ech weess, dass se dat och maachen. Dass se och Formatiounen ubidde fir Educateuren oder fir Schoulmeeschteren. Ass do eppes an déi Richtung geduecht fir eis Leit? Ass do eng Demande vun der Direktioun? Oder leeft dat iwwert den IFEN? Dat ass nach eng Fro, déi ech hätt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Kayser. Nach weider Stellungnamen? Madamm Heinen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo Merci. Ech wollt och emol nofroen, wéi déi Zesummenaarbecht dann elo konkret ausgesäit? Ech hunn am Blietche gesinn, dass elo do de Bus ënnerwee ass. Dat ass ganz flott. Kann d'Demande och vun Enseignante ausgehen an Educateuren? Dat leeft jo dann iwwert de Ministère de l'Education. Mee d'Gemeng ass jo dann ëmmer nach do fir eeben och logistesche Hëllef warscheinlech ze ginn? Ech wollt einfach nofroen, wéi déi Zesummenaarbecht ofleift. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Heinen. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da ginn ech d'Wuert weider un d'Josiane.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Mol zu där éischter Fro: Wéi leeft elo déi Zesummenaarbecht? Déi Zesummenaarbecht, déi leeft net anescht wéi virdrun. Nach si mir als Gemeng awer ëmmer nach Intermediaire. Mir maachen och den Echange. Dat ass de Laurent Krantz dee sech de Moment dorëmmer këmmer. Hien huet och déi ganz Organisatioun gemaach mam Bus. Och do wäert sech elo näischt änneren. Et ass just datt d'Prise en Charge vun den Informatiounsversammlungen, déi gehale ginn, dat geet elo iwwert de MEN. Mir bezuelen déi dann net méi. D'Verechnung maache si, Eltereschoul a MEN, do ass keen Ënnerscheid. D'Ana-Luisa ass nach ëmmer wéi virdrun hei um Terrain, hat ass och eis Uspruechpersoun. Mir haten awer d'Janine Schuman war dobäi. Hat huet eis dat Ganzt e bëssen erkläert. Awer si selwer sinn och nach an der Organisatiounsphas. Mir waren eis op alle Fall eens, datt mer vill méi um Terrain kéinte maachen, wann dat do lo sou géif lafen. Formatiounen: iwwert d'Eltereschoul hu mer menges Wëssens keng gemaach. Bei eis lafen déi ganz Formatiounen iwwert eise Service, iwwert eis Direktioun vum SEA. An do gëtt, op jiddwer Fall net bei eis an der Gemeng, keng iwwert d'Eltereschoul gemaach.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Gutt. D'Froe goufe beäntwert. Da géif ech proposéieren, dass mer ofstëmme. Wien ass mat dëser Approche, mat dëser formeller Resiliatioun, averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

2.10. Approbatioun vum Contrat de Bail mat der Fondation Autisme Luxembourg iwwert d'Locatioun vu Lokaler an der Schoul „Eecherdall“.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

An da gi mer iwwer op e Contrat de Bail mat der Fondation Autisme an dat an den ale Lokalitéite vun der Eecherdaller Schoul.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):

Villmools Merci. Mir hunn hei de Contrat de Bail virleien. Dir wësst jo, den Eecherdall ass eidel, well mer de Précoce eriwuer an Italie geholl hunn an iergendeng Kéier am Laf vum leschte Joer koum eng Demande vun der Fondatioun, si bräichten e Gebai, well hiren Neibau zu Suessem net fäerdeg ginn ass. An si hätten e ganze Grupp vu Kanner net kéinten huelen, wa se net dat Gebai kriteren. Mir sinn du kucke gaangen, well den Eecherdall jo awer eidel ass an éiert en neie Projet ugeet, ass sou eng lwwergankszäit. Dat Gebai huet hinnen och zougesot. Dat läit natierlech och relativ flott. Si hunn och en eenzele Beräich. Bon, do waren natierlech e ganze Koup Saachen, déi hu misste kontrolléiert ginn. Si hu jo missen en Agreement ufroen.

Mir sinn eis dunn och eens ginn an hu mat hinnen e Contrat de Bail gemaach. Dat Ganzt leeft iwwert e Joer. Firwat e Joer? Och wann hiert Gebai éischer fäerdeg ass, de Ministère hätt ëmmer gär Kontrakter vun engem Joer. Dofir hu mer ee Joer do agesat. Wuelwëssend, datt wann hiert Gebai fäerdeg ass, si awer eriwuerplënnere op Suessem an dann net méi zu Diddeleng sinn. Mee vu que datt d'Gebai am Eecherdall eidel stoung hu mer fonnt, datt dat do eng gutt Saach wier, wa mir hinnen dat Gebai da géifen zur Verfügung stellen. Bon, de Loyer, dat gesitt Der, et sinn 1.900.-Euro, déi mer hinne froen. Mir maachen awer och Nettoyage an esou.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Josiane fir déi doten Erklärungen. Remarken, Froen dozou? Dat ass net de Fall. Da géif ech proposéieren, dass mer ofstëmmen. Wien ass mat deem Contrat de Bail averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

2.11. Approbatioun vum Avenant vum Contrat de Prêt à Usage ou Comodat mam Fonds du Logement iwwer d'Notzung vun Terrainen um Site „NeiSchmelz“

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da géife mer zum nächste Punkt iwwergoen. An dat ass en Avenant zum Contrat de Prêt, respektiv de Comodat, mam Fonds de Logement wat d'Terraine ronderëm NeiSchmelz ugeet. Dir kënnt lech erënneren, dass mer jo schonn de 17. November 2020 dee Contrat de Prêt hei am Gemengerot gestëmmt hunn, wat d'Mise à Dispositioun vun Terrainen ugeet vum Fonds du Logement un d'Stad Diddeleng. Dir gesitt et hei nach eng Kéier projezéiert. Hei geet et virun allem, den Avenant, ronderëm d'Terraine beim Baseng beim Waassertuerm. Et geet ëm déi Terrainen, well et ass am Kader vun der Mise à Dispositioun respektiv der Installatioun vum Floater, dee virun der Dier steet. An ech mengen dass dat heite jo och eng definitiv Mise à Dispositioun

soll ginn à ce stade. An dofir musse mer deen Avenant maachen.

Da kréie mer d'Mise à Dispositioun vun deem doten Deel, sief et d'Areal ronderëm, respektiv awer och de Baseng en tant que tel. Mir hate jo am leschte Gemengerot hei och en Devis gestëmmt fir d'Mise en Sécurité, fir och den Accès kënnen ze maachen. Dee Prealabel hu mer jo och entspriechend scho geschaf. Just vläicht als Informatioun, wou mer hei jo engersäits den Terrain zur Verfügung gestallt kréien, wat de Floater ugeet. Den Opbau ass am Gaangen. D'Baufirma ZDK-Langer vun lechternach, déi den Zouschlag do kritt huet. Déi ass am Gaangen, drun ze schaffen, um Gestell. De Floater gëtt och zu lechternach an der Firma fäerdeg gebaut. Et ass virgesinn, datt den Opbau Mëtt Mäerz ka gemaach ginn an d'Fäerdegstellung dann am Laf vum Mount Abrëll. Ech wollt hei de Gemengerot e bëssen informéiere par rapport zum Timing, wat de Floater ugeet. A parallel dann nach déi Mise en Sécurité, respektiv dee separaten Accès, dee mer nach musse plange fir bei de Floater, respektiv bei de Waassertuerm an dann natierlech och d'Mise à Dispositioun vum Terrain, reng formal, vum Fonds de Logement. Dofir och deen Avenant, fir dass mer de Floater do kënnen opriichten.

Dat e bësse méi wäit ausgeholl, wat deen heiten Avenant ugeet. Den Timing ass och ganz gutt, wëssend dass de 26. Februar d'Ouverture ass vun der Kulturhaaptstad 2022. Well ee jo och weess, dass eng Rei aner Gemengen och am Gang sinn, op Héichtouren op hiren lwwernuechtungsgeleeënheeten ze schaffen. Et goufe jo och 3 Momenter gesat, wou déi verschidde Schlofgeleeënheete kéinten opgebaut ginn. Dat ass engersäits Abrëll, engersäits Juli an och August. A mir wäeren hei da bei der 1. Tranche derbäi, wat jo och positiv ass. An et gëtt jo och e flotte Projet op enger flotter Plaz respektiv ass et och e Lieu insolite fir kënnen ze iwwernuechten. Dat waren nach Zousazinformatiounen par rapport zu deem Avenant. An d'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Merci Här Buergermeeschter. Ech wollt effektiv och nofroen, wéi wäit dass mer sinn. Awer nach eng aner Fro: Ass och scho gekläert, wien d'Gestioun mécht vun deenen lwwernuechtungen? Well do war jo och nach ugeduecht, dass dat soll zentraliséiert sinn. An dann zweetens: Da wäerte mer do och nach eng Kéier missen e Kontrakt maache mat enger Firma huelen ech un, als Gemeng, mat deem deen déi Gestioun iwwerhëlt. Wéi gesot, mir stinn hannert dem Floater och wann en net floated mee steet. Wat jo schued ass. Mir si gespaant, wéi et ausgesäit a mir hoffen dass en décke Succès huet. Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG):

Also déi Kaart ass interessant, ech wollt do 2 Froen stellen. Mir hu jo do de Baseng, wou de Floater drop kënnt, mee do hannendru steet och nach eng Kéier Ville de Dudelange Hebergement. Ass do och nach eppes geplangt? Do ware jo och ëmmer déi schéi Fiichten, déi leider futti gaange sinn an déi och e bëssi ofgegrenzt hunn zu de Gäert. Bon, sou séier kann ee keng nei Beem setzen. Ass awer vläicht och geplangt, do mol erëm Beem ze setzen? Well dat huet och de ganze Charme vun där Plaz e bëssen opgefëllt. An dann hunn ech nach eng Fro zou der Danz-

schoul. Ass dat d'Nummer 5? Well mir hunn eis déi Fro gestallt, wou d'Danzschoul herno soll drakommen. Hei gesäit een dat lo gutt. Si mer do richtig, dass dat d'Nummer 5 ass?

WALTER BERETTINI (LSAP): Här Buergermeeschter Merci fir d'Wuert. Léif Gemengerotskolleegen, ech wollt hei kuerz op dësen awer net onwichtige Schratt agoen tëschent dem Fonds du Logement an onser Gemeng. Dësen Areal vu ronn 16 Hektar ass ausgewisen am Kadaster, Section C dite de Dudelange, lieu-dit Dudelange-Usines numéro 3062/10122. Mee den Terrain gehéiert eis net, mee, wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, dem Fonds de Logement. Duerch dëse Contrat de Prêt stellt de Fonds du Logement dësen Terrain der Gemeng zur Verfügung, fir dass mir – am Kontext vum Kulturjoer, awer och doriwwer eraus – den Terrain ronderëm de steeënde Floater kënnen richtig amenagéieren an natierlech och bauen. Also ass dëse Kontrakt näischt anescht wéi déi logesch Konsequenz vun der konstruktiver Zesummenaarbecht tëschent dem Fonds du Logement an der Diddelenger Gemeng. Mir als LSAP felicitéieren dem Schäfferot fir déi Kooperatioun, net nëmme wat de Floater ubelaangt, mee och d'Realisatioun vum Quartier NeiSchmelz.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Berettini och fir déi doten Zoustëmmung. Ech probéieren op déi Remark, respektiv déi Froen déi gestallt goufen, ze äntweren. E ganz wichtegt Element ass d'Gestioun vun deenen 11 Sitten, well an 11 Gemenge soll jo eng lwwernuechtungsméiglechkeet bestoen. Do gouf jo en offizielle Concours lancéiert, respektiv en Appell gemaach vum Office Régional de Tourisme Sud, vum ORT Süden, an Zesummenaarbecht mam OAI, mam Ordre des Architectes et des Ingénieurs. Den ORT hat jo do och de Lead. Do gouf en Appell gemaach an am Kader vun där offizieller Prozedur huet ee sech gemellt. Deen Dossier gouf analyséiert an et sinn eng Rei Froen, déi un dee Kandidat zrëckgeschéckt gi vun der Jury. Et ass eng Jury déi komponéiert gouf an déi den Dossier analyséiert huet. Dat ass am Fong nach net ofgeschloss, et ass nach en ongoing Process am Kader vun enger offizieller Prozedur, déi gemaach gouf. An natierlech soll dann deen, deen den Zouschlag hei kritt beschtefalls dann déi 11 Sitte geréieren. An es ass richtig, dass herno eeben deen, deen d'Gestioun mécht herno och bilateral muss kucke mat de Gemengen, well d'Gemengen dann och do eng Mise à Dispositioun maachen, wat d'Gestioun ugeet.

D'Iddi ass och dass d'Gemengen dann och kënnen e Loyer froen, well op där anerer Säit ass dann och dass dat verlount gëtt. Dat heescht, den Exploitant kritt jo dann och Recetten. An enger bilateraler Diskussioun muss da gekuckt ginn, dass dat zu engem vernünftege Präis, op der enger Säit wann d'Locatioun gemaach gëtt an der Zesummenaarbecht. Awer och e vernünftege Präis fir d'lwwernuechtung. Et soll en accessibele Präis sinn, et soll net demesuréiert sinn. Mee dat sinn Diskussiounen, déi bilateral gefouert ginn. Dat heescht, 11 Gemengen, déi müssen da bilaterale Diskussiounen féieren, well et jo och 11 verschidde Sitte sinn an och 11 verschidde Wunnegeleeënheete sinn. Dat mécht jo awer och de Charme an d'Partikularitéit an och d'Schwieregkeet

aus. Et ass ëmmer méi einfach, wann een Exploitant ass vun enger Installatioun op enger Plaz vun 11 Kummeren, wéi wann een d'Gestioun muss maache vun 11 verschidde Sitten a punkto Accessibilitéit, Nettoyage, an an an. Also dat ass sécher net déi einfachst Gestioun an Exploitatioun. Mee et ass awer mengen ech e flotten Challenge. Dat zu deem Thema. Do ass also nach en ongoing Process par rapport zu deene Fiichten, déi do waren. Effektiv hunn déi missen ewechgeholl ginn. De Fonds du Logement huet déi missen ewechhuelen, well déi net méi gutt waren, dat war och e Problem fir d'Sécherheet. An op där doter Plaz kéinten och nach Hebergementer hikommen. Déi Méiglechkeet besteet. Dofir hu mer et do mol ausgezeechent. Ob et finalement dohinner kennt ass eng aner Saach. Mee déi theoretesch Méiglechkeet besteet, do kéint een och eng Genemegung gi fir dat do ze maachen.

Just nach eng Kéier fir kuerz drop anzegoen. Nieft dem Avenant, do gesitt Der och, do ass dat dote Bild flott, do hutt Der e bëssen d'Vue d'ensemble vum Areal. Wéi gesot, d'Nummer 5, dat ass d'Danzschoul Madamm Heinen, wou Der gefrot hat. Dat heescht, alles do wat blo ass, dat ass am Fong nach ënnert der Responsabilitéit vum Fonds du Logement. Dat ass, wou déi projezéiert Museksschoul ass an d'Danzschoul dat ass jo eng Annex vun der Museksschoul. Respektiv déi Basengen. Dat si jo déi Basengen, déi mir lo kréien. Bei deem anere Baseng do bleift de Fonds de Logement Propriétaire à ce Stade. Si müssen natierlech do och fir den Ënnerhalt suergen. Mir kréien deen Deel mam Floater. Deen aneren Deel, wou de Lokomotivatelier ass an de Vestiaire Wagonnage, deen hu mer jo och zur Verfügung gestallt kritt am Kader vum viregten Avenant. An dat wat gréng ass, dat sinn am Fong déi Terrainen, déi am Espace public sinn a wou awer och schonn déi transitoiresch Moosname geholl goufen, Amenagementen, respektiv och dat war Deel vun dësem Avenant. Mee dat si jo dann Espacen, déi libre au Public sinn. Dat gëtt dann nach eng Kéier sou eng Vue d'ensemble, wéi déi aktuell Andeelung ass vun den Terrainen.

Ass de Gemengerot mat dësem Avenant averstanen? Jo. **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

2.12. Local commercial, 65 Avenue Grande-Duchesse Charlotte

2.12.1 Approbatioun vum Contrat de bail commercial mat der Madamm Adèle Portante an dem Här Elio Paul

2.12.2 Approbatioun vum Contrat de bail commercial de Sous-Location mat der Sociéité "GC Solutions administratives et commerciales S.A"

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géife mer op den nächste Punkt iwwergoen, an dat ass de Local commercial op 65, Avenue Grande-Duchesse Charlotte. An eiser Approche fir d'Diversifikatioun vun eiser Geschäftswelt ass dat heiten e Geschäftslokal, wat mer ulounen, respektiv verlounen. Also engersäits Locatioun a Sous-locatioun maachen. Mir hate jo schonn en Rei Locatiounen a Sous-locatiounen mat de Propriétaires hei, mat der Madamm Portante an dem Här Paul an der Avenue Grande-Duchesse Charlotte, wou am Moment d'Geschäft ass „Boîte à papillons“, déi

do waren am Kader vun engem Pop-Up-Store. Dat hei ass éischter a Richtung Consolidatioun vun deem dote Projet, well mer hei e Contrat de Bail hunn deen den 1. Februar 2022 soll ugoen an effektiv fir eng Durée vun 2 Joer an 11 Méint. E leeft bis den 31. Dezember 2024. Et muss ee soen, dass hei déi Iwwerleeung vum Pop-Up hir Friichten dréit, well déi heite Leit decidéiert hu fir déi Exploitatioun vun hirem Geschäft, wat jo och éischter Richtung Spillsaache geet fir Kanner awer och e bëssen der Nohaltegkeet verschriwwen ass, dass déi sech definitiv, also op alle Fall bal fir 3 Joer hei zu Diddeleng wëllen etabléieren.

Dat weist datt dat Konzept vun Teste seng Friichte gedroen huet, fir sech definitiv ze installéieren. An dat ass e Plus fir d'Geschäftsleit awer och e Plus fir d'Stad Diddeleng. Soss hätte se deen do Choix net gemaach. An awer an der Perennitéit, déi mer hei maachen, froe mer hei e Loyer vun 2.000.- Euro. Déi kréie mir lo gefrot vum Här Portante. Déi bezuele mer him natierlech och während der doten Zäit. Op där anerer Säit maache mer e Contrat de Sous-location mat der Sociéitéit GC Solutions administratives et commerciales S.A., déi dat Geschäftslokal Boîte à papillons exploitéieren, déi op der Plaz sinn. A mir maachen hei eng Sous-location 1:1 fir 2.000.- Euro an och hei leeft de Contrat de Sous-location u vum 1. Februar 2022 bis den 31. Dezember 2024. Mir engagéieren eis als Locataire fir déi néideg Assurancë fir de Risque locatif ze huelen. A si mussen och als Sous-locataire déi néideg Assurancë gi par Rapport zum Locataire. Dat also par rapport zu deem Projet. E positivt Signal engersäits fir jonk Geschäftsleit, déi sech lancéieren an awer och e positive Message fir d'Diddelenger Geschäftsleit. An d'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Här Buergermeeschter. Mir hate jo och déi éischt Konventiounen a Kontrakter matgestëmmt. Mir fannen dat och weiderhi en gutt Iddi, dass d'Gemeng kuckt, dass net ze vill Leerstand ass, virun allem net an eiser Niddeschgaass, wat jo awer eist Aushängeschëld ass an dass mer op der Wee gi vu Pop-Up-Stores. Mee ech hunn 2 Froen: Éischtens mol de Loyer. Do hate mer déi éischt 6 Méint 1.500.- Euro gefrot kritt vum Proprietär, déi mer och tel quel un de Pop-Up-Store weiderginn hunn. Lo si mer bei 2.000.- Euro. Dat ass natierlech eng substantiell Hausse no e puer Méint, dat muss ee scho soen. Wéi gesi mir dat? Ass dat awer OK oder ass dat e bëssi mat Zähneknirschen ugeholl ginn, déi Hausse? Dat ass eng Fro. An zweetens, ech hat dat scho gefrot déi éischte Kéier: Wa mir dee Loyer, dee mir dem Proprietär ginn, weiderginn un de Pop-Up-Store, ass dann d'Iddi vum Pop-Up-Store nach ginn? A meng Fro ass: Firwat elo, virun allem dës Kéier, bei der Verlängerung op 2 Joer, mir dann net einfach soen zum Proprietär: Ma neen, da maach elo direkt e Kontrakt mam Pop-Up-Store.

Do gesinn ech lo net richtig, wou den Interêt vun der Interaktioun vun der Gemeng ass. Sécherlech, de Proprietär kritt säi Loyer fix. Dat wär jo schéin. Ech denken, d'Iddi wär jo lo gewiescht, dass mer als Gemeng, dat hätte mir méi flott fonnt, dass mer kucken: Dir gitt iech elo eens. A mir sichen eis dann en anert Lokaler aus, mer hu jo awer nach e puer eidel Lokaler an der Nid-

deschgaass stoen, dass mer do erëm eng Kéier een drasetzen. Awer och mat der Iddi vum Pop-Up-Store. Dass deen net de volle Loyer muss bezuelen, dass mer dat et bësse staffelen. Ech sinn do e bëssen erstaunt, dass mer wierklech tel quel d'Virgab vum Proprietär un de Pop-Up-Store weiderginn. Mir hatten dat och schonn e bësse monéiert déi leschte Kéier, well mer hunn et jo z.B. anescht gemaach beim Museksbuttek, wat eng ganz flott Saach ass. An do hu mer e schéine gestaffelte Loyer iwwer 3 Joer fixéiert. Dat géife mir besser fannen an dat géif och dem Spirit vun engem Pop-Up-Store mengen ech och méi entsprechen. Dass een eebe fir de Lancement géif kucken: Hei du kriss e manner héije Loyer. An dës Kéier, do gi mer op eng mega-laang Verlängerung, well 3 Joer, dat ass jo schonn e richtig laange Kontrakt, dass mer dann awer soen, do zéie mir eis zrëck, well de Lien ass jo gemaach ginn. Ech denken dat ass och eng wichteg prinzipiell Fro: Wéi gi mer weider? Wéi maache mer et mat deenen anere Lokaler, déi mer jo och als Intermediaire lounen a verlounen un de Pop-Up-Store? Dat wär wichteg, dass mer dat och no bausse kommunizéieren, wéi eis Philosophie an Zukunft soll sinn an där Optik. Merci.

ALAIN CLEMENT (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Léif Kolleegeinnen a Kollegen, mir stëmmen haut of iwwer e Contrat de bail deen d'Gemeng engersäits tëschent der Madamm Portante an dem Här Paul gemaach huet. Op 65, Avenue Grand-Duchesse Charlotte, op eng Durée vun 2 Joer an 11 Méint zu engem Loyerspräis vun 2.000.- Euro, Charges incluses. Dat selwecht Lokal gi mir da weider u GC Solutions administratives et commerciales s.a. déi jo lo schonn als Pop-Up op där Plaz gelount hunn. Et ass jo net fir d'éischt, dass mer Schrëtt ënnerhuelen, fir an eise Geschäftszentrum Leerstand ze vermeiden, an zum aneren, deene Bierger, déi sech mat engem neie Geschäftskonzept zu Diddeleng wëllen nidderloossen, eng Chance ze bidden an der haiteger Zäit. GC Solutions steet hei als Beweis, dass mer mat eiser Politik richtig leien. Si hu scho virun e puer Méint an deem selwechte Lokal als Pop-Up hir Dieren opgemaach a konnte sech an dëser Zäit schonn eng kleng Clientèle opbauen, sou dass de Wunsch entstanen ass, fir kënnen nach eng Zäit weiderzemaachen. Sech schonn eng kleng Clientèle opgebaut ze hunn, heescht awer nach laang net, dass een iwwert de Bierg ass an iwwert déi néideg Garantie verfüügt, de Proprietär ze iwwerzeegen, weider kënnen un en ze verlounen. Mir ginn an eisen Aen op de richtige Wee, wa mer GC Solutions hei nach eng weider Chance bidden a se eng Zäit begleeden.

Et ass wichteg, dass mer Pop-Uppen op Diddeleng kréie fir de Leerstand ze minimiséieren. Mee et ass mindestens grad sou wichteg, wa sech deen een oder anere Pop-Up kann iwwer kuerz oder laang an eise Zentrum fest etabléieren, an dëst ass hei de Fall. Dës weidere beweegt sech GC Solutions mat hirer Wuer och staark am nohaltege Segment. Dat entsprécht eiser politischer Philosophie a verdénkt et weider vun eis ënnertëtzt ze ginn. Ech war selwer bei GC Solutions fir mol e bëssen de Bols ze fillen. Ech konnt mech do mat enger ganz optimistescher Geschäftsfra ënnerhalen, déi ganz einfach begeeschtert ass vun eise Shared Space, vun den Diddelenger Leit a vun der Aart a Weis, wéi se bis

elo vun der Diddelenger Gemeng encadréiert ginn ass. D'Clientèle géint lues a lues wuessen. Et kéimen der souguer vu Miersch a vum Bridel asw.. Et hätt ee sech dat net sou an deem Mooss erwaart. Et hätten och well eng ganz Rei Cliente gesot, dass se fir déi Marken, déi si vertrëtt, net méi missen an eng gewësse Grande Surface fueren, mee lo kënne ganz einfach hiren Artikel hei zu Diddeleng kafen. Dëst just e klengen Extrait aus deem Gespréich, deem awer weist, dass déi politesch Akzenter, déi mer hei zu Diddeleng an der Geschäftswelt setze schéngen déi richteg ze sinn. Ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Här Clement och fir déi Stellungnam. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Dofir Merci fir d'Interventiounen. Ech géif vläicht generell op e puer Punkten agoen. Ech wëll awer hei betounen dass mer de Moment hei zu Diddeleng, an dat ass ganz gutt, ganz wéineg Leerstand hunn. Dat ass eng Realitéit, wann een et vergläicht mat Situatiounen an anere Stied, dann ass dat eng ganz gutt Situatioun. An et huet och sécher domat ze dinn dass mer eng gewësse Proaktivitéit hunn, wat de Kontakt ugeet mat verschidde Proprietäre vu Geschäftslokaler. An do spillt dann de City Management déi Roll vu Kontakt ophuelen, d'Logik vum Proprietär verstoen. Wat animéiert e bei sengem Geschäftslokal? A punkto Locatioun: Wat si seng Ausrichtungen? Wat si seng Erwaardungen? Fir dass een do an en Echange, respektiv an d'Diskussioun kënnt. Dat war bei deem Contrat de bail net anescht. Do baut sech jo eng Relatioun op, do baut sech e gewëssent Vertrauen op, do baut sech en Echange op fir kënne zesummen am Interêt vun der Stad Diddeleng ze schaffen. Well souwuel de Proprietär eppes dovun huet wéi awer och déi Geschäftsleit, déi sech do nidderloossen an och d'Stad Diddeleng a senger Ganzen.

Dass hei de Präis an d'Luucht gaangen ass, dat war effektiv eng Diskussioun tëschent dem Proprietär an dem Locataire an dem City Manager, dee vermëttelt huet. A wann hei eng Hausse stattfonnt huet, da war och de Sous-locataire absolut domat averstanen, deem dote Präis ze bezuelen. Dat ass jo och e bëssen déi Diskussioun, déi hei stattfonnt huet an d'Ausrichtung war hei nach méi héich. Dat heescht, mir hunn am Fong no ënne revidéiert an dat hei ass e Präis mat deem jidderee liewe kann. Wann ee sech etabliert als Pop-Up-Store, dann test ee sech e bëssen. Da gesäit een dass et gutt geet. Et ginn am Fong 3 Phasen: Dat ass déi Phas vum Pop-Up, dat ass déi Phas wou een sech etabliert, oder e bësse méi wäit etabliert wéi nëmmen de Pop-Up. An dann déi 3. Phas, wou et richteg gutt geet. Mee mir sinn hei an där 2. Phas. Dofir si mer och e bëssen agesprongen als Gemeng fir engersäits och de Contrat de bail 1:1 weiderzeginn a fir och souwuel dem Proprietär wéi awer och dem Sous-locataire eng gewësse Sécherheet ze ginn an och déi Vermëttlerroll kënne wuerzehuelen. Dat heescht, do huet jiddwereen eng Sécuritéit an d'Gemeng ass d'Bindeglied tëschent dem Proprietär an dem Sous-locataire. Net nëmme wat d'Echangen ugeet, mee och iwwert déi kontraktuell Verpflichtungen, déi de Part et d'autre geholl ginn. An dat gëtt eis iwwert deem dote Wee eng weider Steuerungs-méiglechkeet, an dat ass ganz positiv.

Dann nach eng Betounung par rapport zu deenen anere Geschäftslokaler, déi mer ugelount, respektiv verlount hunn, déi sech alleguerten an de klassischen 3-6-9 aschreiwen. Dat heiten ass dat Lokal, dat den Ament ëmmer als Pop-Up geholl gouf, dat heescht, bei deenen anere Lokale stellt déi heite Fro vun der kuerzer Durée sech deementspreechend net, well mer do jo hei am Gemengerot länger Kontrakter bestëmmt hunn. Dat also fir e bëssen auszuehelen, wéi mer virginn. An ech mengen, ob ee lo de Loyer 1:1 weidergëtt oder staffelt, dat ass och e bëssen d'Reckmeldung vum Sous-locataire, wéi dee sech spiert, an do léisst een och eng gewësse Latitüd. Wat och ausschlaggebend ass, ass dass een op e gemeinsamen Nenner kënnt an dass een de Projet gemeinsam kann ëmsetzen. Et ass dat, wat am Fokus sollt stoen an dat ass eis och hei gelongen. Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci fir d'Explikatiounen. Da kann een et am Fong resuméieren, dass mir als Gemeng de Facilitateur si vun der Situatioun. An zweetens, dann ass et net sou, dass mer eis eng rigid Linn ginn, mee dass mer dat Cas par Cas, wann ech dat richteg verstanen hu mat dem City Manager zesumme kucken, op wéi ee Wee mer ginn. Éischtens mol, ob mer de Loyer integral weiderginn an och vun der Durée. Ass et sou, wéi mer dat weider wëlle geréieren?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Also mir loosse eis do eng gewësse Flexibilitéit. Wa lo ee kënnt fir e Pop-Up, da loosse mer eis déi Flexibilitéit ob mer do Intermediaire sinn, Locataire, Locatioun, Sous-locatioun. Dat ass keng Schabloun. Dat ass eppes, wat flexibel ass a wou een d'Leit e bësse muss spieren. Dofir sot ech am Ufank vu menger Interventioun, et muss ee kucke wat dem Proprietär seng Attente sinn, et muss ee kucke wat dem Geschäftsmann oder der Geschäftsfrau oder de Leit, déi sech lancéieren, wat deenen hir Attente sinn, wéi hir finanziell Situatioun ass. An ech mengen dat fënnt sech. An dofir ass dann de City Management den Intermediaire, de Facilitateur, dee probéiert d'Leit zesummenzebréngen an ze verstoen, fir dass mer zesumme virukommen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo ech denken dass dat einfach och de Message no bausse muss sinn. Dass mir net kloer nëmmen ee rigide Kontrakt hunn, dass mer déi Flexibilitéit eis och ginn. Well d'Leit dobaussen, déi stelle sech déi Fro jo: Firwat krut deem de Loyer ënnert deene Konditiounen an deem aner de Kontrakt ënner deene Konditiounen? Da muss een dat och gutt no bausse kommunizéieren, dass mir dat wëlle Cas par Cas kucken. Wat mir och gutt fannen, dat gëtt och vun eis gedroen. Mee net dass et herno heescht: Mee dee krut et ënner deene Konditiounen an deem aner ënner deenen. Dofir ass de Message, dass mir dat individuell kucken an am Dialog bleiwen. Wat mir absolut begreissen. Mee et ass wichteg, dass dat och no bausse sou eriwuerkënt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci. Gutt. Da mengen ech wär d'Diskussioun ofgeschloss an da géife mer zum Vott iwwergeen. Wien ass hei mat deem Contrat de Bail averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

2.13. Approbatioun vum Devis estimatif fir d'Acquisitioun an d'Installatioun vun enger neier Skateboard-Ramp am Skatepark

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géife mer iwwergoen op verschidden Devisen. An dann ass hei en Devis wat eis Ramp ugeet am Skatepark. Da ginn ech hei eisem Sportschäffen d'Wuert.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo Merci Här Buegermeeschter, léif Kollegeinnen a Kollegen aus dem Schäffen- a Gemengerot. Wéi mer an der Budgetsdebatte ugekënnegt hunn am Austausch mat der asbl Park & Ride waren eis Servicer jo kucken, wéi mer de Park moderniséiere kënnen an och korrekt instandsetze mat deenen Demanden, déi se haut hunn. Well och dee Sport huet evoluéiert. A konsequenterweis proposéiere mir lech hei den Devis vu 85.000.- Euro fir déi entspriechend Modular kënnen ze bestellen. Wéi gesot, dat ass näischt Neies, dat ass dat, wat mir hei am Budget schonn diskutéiert hunn. Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Riichte mir déi Rampen och elo op oder ass dat d'Asbl, déi déi opriicht a wou den Ënnerhalt dovunner mécht? Oder wéi leeft dat herno?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Froen?

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Ech wollt just froen, ass dat elo eng Ramp oder sinn dat der e puer? Well et ass jo awer en zimmleche Präis. Am Ufank hat ech geduecht, et wier just déi grouss Ramp, mee ech mengen ech hunn elo verstanen, dass et der e puer sinn?

BOB CLAUDE (LSAP): Erlaabt mer eng kleng Bemierkung zu dësem Devis. Sait iwwer 20 Joer ass de Skate ënnert senge verschiddene Formen e feste Bestanddeel vun der Sportoffer vun der Stad Diddeleng. Virun allem sinn et déi jonk Leit, déi sech am Skatepark an der Diddenuewener Strooss op eng modern an onkonventionell Manéier sportlech a sënnvoll beschäftegen. Op den alljärelechen Eventer "Dudelange on wheels" konnt de grouss Publikum en Abléck an déi oft artistesch Opdrëtter kréien. An der Tëschenzäit ass de Skate-Sport eng olympesch Disziplin ginn. Dat huet verschiddene Ferventen net sou gutt gefall, well si net onbedéngt hire Sport ënner strenge Reegelen ausüben wëllen. Virun engem Joer ass d'Luxembourg Skateboard Federation gegrënnt a vum COSL ugeholl ginn. Dat heescht, datt de Skateboard an Zukunft als normal Sportaart ugesi gëtt a wéi all déi aner Sportaarte genormt a gereegelt gëtt. Veräiner gi gegrënnt, Membere mussen lizenziert sinn an Trainere mussen ausgebild ginn. D'Installatiounen gi standardiséiert. Da kann et sinn, datt d'Ënnerstützung vum zoustännegen Ministère no de gültege Critère am Sportberäich ausgedeelt ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi dote Stellungnam. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall, da ginn ech d'Wuert weider un den Här Spina.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci fir déi Froen a Bemierkungen. Effektiv, do wëll ech dat opgräife wat den

Här Claude gesot huet, et ass eis wichteg hei zu Diddeleng dass mer d'Balance fannen tëschent Fräizäit- an och Veräins- an Competitiounssport, well d'Bevëlkerung béides brauch. An hei ass e flotte Site, dee mer säit Joren zesumme mat der Asbl sou konzipéieren a geréieren, dass mer deem heite kéinte gerecht ginn. An deementspreechend ass och déi Rampe, Madamm Heinen, erausgesicht ginn. Et ass keng méi sou grouss, well d'Demande vun deene Leit, déi op deem Site sinn, dat ass jo net nëmmen de Skateboard, dat ass och Inliner, Trotinetten a mat Vëloen. Déi grouss Rampe waren am Fong méi fir sou soi-disant „Experten“, an elo ass et e bësse méi jiddwereen, dee soll dovunner profitéieren, well och do deementspreechend déi Leit op deem Site sinn.

Et ass e bësse méi eng Ramp, also e Module, wou vill verschidde Sportaarte kënnen gläichzäiteg kënnen stattfannen. A si ass och, wéi mer an der Budgetsdebatte gesot hunn, si ass transportabel. Dat heescht, wa mer herno de Site verloossen an integral op NeiSchmelz ginn, da kënnen mer déi dote Ramp mathuelen. An déi gëtt vun der Firma selwer opgeriicht. Et ass eng Saach vu Sécherheet. Et ass awer sou, dass si deelweis vun eise Servicer mat begleet ginn, fir dass si och verstinn, wéi herno den Entretien, wéi den Här Martini gesot huet, muss assuréiert ginn. An awer och déi vum Park & Ride. Déi si wierklech ganz engagéiert a sinn och ëmmer mat sur Place dobäi, fir dass se sou vill wéi méiglech Infoe kréie vum Hiersteller vun der Ramp selwer.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och fir déi doten Erklärungen. Da kënnen mer dësen Devis hei ofstëmmen. Wien ass domadder averstanen? 85.000.- Euro. **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

2.14. Approbatioun vum Devis estimatif fir d'Instandsetzungsarbechte vum Waasserreservoir um Roudebiërg

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Den nächsten Devis, dat ass en Devis vu 700.000.- Euro fir de Waasserreservoir um Roudebiërg. Déi lénks an déi riets Cuve mussen frëschgemaach ginn. Dat sinn am Ganze gutt 2.500 m³. De Waasserbaseng ass 1998 a Betrib geholl ginn an d'Beschichtung vun de Cuvë muss elo nei gemaach ginn. Dofir ass et och sou en héijen Devis. D'Iddi hei ass, dass mer déi éischte Cuve am Hierscht 2022 maachen an déi zweet Ufank 2023. An déi 700.000.- Euro sinn dann opgedeelt op 2 Budgetsjoren, 2022 an 2023 am Kader vun den Aarbechten, déi hei solle gemaach ginn. Dat sinn d'Erklärungen. Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir d'Explikatiounen. Déi sinn awer net ganz koherent mat deem wat mer am Budgetspabeier am Dezember virgestallt kritt hunn, well do steet explizitt dran „Réservoir d'eau "Roudebiërg" – remise en état des cuves gauche et droite" a just 350.000.- Euro." Do ass elo meng Fro: Dat ass eng absolut Verdueblung zu deem...

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Neen, Budget 2022.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Neen. „Total projet“ steet do.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dat ass 2022. Dat sinn 2 Joer.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Dann ass dat e Feeler an den Dokumenter. Ech kann lech dat awer weisen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Et sinn 2 Budgetsjoren: 2022 an 2023. Jo, dann ass dat e Feeler. Dat ass op 2 Budgetsjoren opgedeelt 700.000.-. Soss nach Froen? Dat ass net de Fall. Kënne mer dann dësen Devis ofstëmmen? Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

2.15. Approbatioun vum Devis estimatif ir d'Aarbechte fir d'Erneuerung vum Kanalisatiounsreseau tëschent der Rue des Champs an der Lëtzeburger Strooss

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mer zum nächste Devis. Dat ass den Devis estimatif fir d'Aarbechten am Kanalisatiounsreseau tëschent der Rue des Champs an der Lëtzeburger Strooss. Dat ass och am Kader vun eisen Aarbechte ronderëm déi nei Gemengenatelieren. An do begrëssen ech hei an eiser Ronn, a si maachen och d'Presentatioun vum Projet, vum Bureau Best, den Här Theres. A vun eise Service Gestion technique du Patrimoine, den Här Da Silva. Si féieren hei duerch d'Presentatioun an da kann eng Diskussioun hei vum Projet gemaach ginn.

MARTIAL THERES (BUREAU BEST): Bonjour à tous. Je me présente, Martial Theres, ingénieur, chef de projet chez Best Ingénieurs-conseils. Je vais faire la présentation en langue française qui est ma langue natale. Mais s'il y a des questions en langue allemande ce n'est pas un problème. La langue luxembourgeoise c'est un peu plus compliqué pour moi. Je vais vous parler du projet de renouvellement du réseau d'eau mixte entre la rue des Champs et la rue du Luxembourg. Ce projet fait suite à une étude préliminaire qui a été faite par le Bureau d'études Micha Bunusevac dans le cadre d'une étude de 2015 sur le schéma directeur d'assainissement de la Ville de Dudelange. Le projet concerne plus précisément cette zone qui se situe ici au niveau du raccordement sur la rue de Luxembourg qui remonte par là et se raccorde sur la rue des Champs. Ce projet reprend beaucoup de surfaces et de bassins versants sur la commune de Dudelange, puisque ça reprend tout le secteur ici où il y a déjà eu des projets de renouvellement. Plus des projets futurs qui vont se faire dans ce secteur-là. Donc c'est une canalisation qui est dans le futur fortement sollicitée.

Voilà les études qui ont été faites sur 2015, où on voit ici, plus précisément la partie rue des Champs vers la rue de l'Abattoir, la partie rue de l'Abattoir et la partie rue du Luxembourg. On constate dans les études que ce tronçon-là a déjà été détecté comme étant complètement surchargé. Ce qui engendre actuellement des débordements occasionnels, notamment au niveau des

ateliers. Cette canalisation qui est actuellement une canalisation en 800 est prévue être remplacée par une canalisation en 1200 depuis ici le raccordement jusque sur la rue du Luxembourg. Plus précisément sur le dossier que nous on a étudié, on a étudié cette partie que l'on retrouve ici de manière beaucoup plus détaillée et qu'on a réparti en 4 lots. Un premier lot, qui est ce lot-là, le lot 1, qui concerne également le passage au niveau du futur bâtiment du GMP. Un lot numéro 2 qui est ce raccordement-là qui passe à travers les champs et qui se raccorde sur les antennes laissées dans la rue des Champs. Et un lot numéro 3, qui est ici et qui concerne la rue de l'Abattoir jusqu'au niveau du petit giratoire qui se situe devant les services techniques de la Ville. Il y a un quatrième lot, mais qui n'a fait l'objet d'une étude jusqu'à maintenant. Qui est le lot ici qui se raccorde sur la rue de Luxembourg et qui est un peu plus complexe à étudier pour le moment du fait d'interfaces par rapport à la rue de Luxembourg qui est soumis à l'autorisation des Ponts & Chaussées. Et un deuxième sujet, un deuxième volet est également la restructuration future de cette rue-là. Pour le moment cela ne nécessite pas de renouvellement immédiat.

Donc le lot numéro 1, que je vous ai montré tout à l'heure, qui est fait avec une interface au niveau du futur bâtiment GMP qu'on voit ici. Il a été étudié parce qu'actuellement le réseau passe ici. Il est fortement sollicité, fortement en surcharge hydraulique. Et on a essayé de trouver une solution pour que la pose au niveau réseau du diamètre 1200, ce qui sont quand même des tuyaux de section importante, puisse se faire tout en conservant l'écoulement initial. Donc on voit on a ici un passage et on passe dans le terrain d'à côté, sous les voiries du futur projet du GMP. On a aussi recherché une coordination entre les deux phases de travaux de manière à optimiser le chantier. La deuxième phase. Le lot numéro 2, qui est ici. Là on est obligé pour des sujets de propriété de terrains, de passer dans la rue des Champs pour raccorder les réseaux qui viennent d'une part ici de toute la partie extension et de la partie ici existante. Et on a un dernier lot, qui est le lot de raccordement, où on s'arrête, comme j'ai expliqué, au niveau du giratoire. Ces travaux-là sont nécessaires dans un premier temps pour éviter cette surcharge surtout ici. Et qui permet en fait de se raccorder à un point sur l'ancien réseau en attendant les futurs travaux dans le lot numéro 4.

Ces travaux-là sont aussi accompagnés de travaux pour CREOS au niveau des nouvelles alimentations électriques qui vont alimenter tout le site des ateliers et qui partent d'un transformateur qui est situé ici actuellement et qui va être reporté – je reviens sur le slide précédent – ici pour un transformateur privé de la Ville de Dudelange. Je ne sais pas si vous avez des questions. Je suis là pour y répondre. Je ne sais pas si j'étais clair dans ma présentation, mais je vous laisse la parole.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Theres fir dës Presentatioun. D'Diskussioun ass op an den éischten Demandeur, den Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): J'ai une question de principe : on parle ici d'un réseau d'eau mixte. Est-ce qu'il existe un réseau parallèle pour les eaux de pluie, donc les eaux propres? Est-ce qu'on va en faire un ou est-ce qu'on reste à une simple solution d'eaux mixtes pour tout le quartier de la rue des Champs plus tout le quartier de l'Abattoir?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Moi aussi j'ai une question sur le dernier lot numéro 4. Vous avez dit que ce sera pour plus tard. Mais ça c'est la jonction rue de l'Abattoir, route de Luxembourg. Tout en sachant que juste au coin il y a pour l'instant une grande construction d'une nouvelle résidence qui va se faire. Est-ce que les réseaux existants supportent encore la charge qui vient de cette résidence, pour la première chose. Et pour la deuxième chose, pour notre atelier, est-ce que cela suffira tout de même pour le drainage des eaux ? Et pourquoi on ne fait pas le calcul aussi – vous avez dit que la route de Luxembourg est sous la gestion de l'État. Mais est-ce qu'il ne serait pas opportun de faire les travaux en une fois. Et vous avez dit qu'il y a eu des inondations. Ça c'est une question à adresser à nos responsables politiques. Est-ce qu'il y a eu beaucoup de dégâts avec les inondations et est-ce que c'était pendant les mois d'été où il y avait les grandes pluies ? Quand est-ce que ces inondations ont eu lieu? Et aussi quel était l'impact de ces inondations sur le bâtiment du CGDIS?

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Même question que Monsieur Gangler sur le canal pour les eaux pluviales. Et puis le lot numéro 2. Est-ce qu'il existe à cet endroit déjà une canalisation à l'heure actuelle ou non ? Ça je n'ai pas bien compris. Merci.

MARTIAL THERES (BUREAU BEST): Je vais repasser de l'autre côté parce que cela nécessite quelques explications complémentaires. Concernant la première question sur le réseau d'eaux pluviales, effectivement je ne vous en ai pas parlé des choses qu'on ne voit pas forcément parce que ce sont des slides de présentation et pas des plans d'apd. Sur le lot 1 qui concerne la construction du GMP, on a effectivement déjà prévu la pose d'un réseau d'assainissement pluvial, ici dans ce secteur-là qui permettra une reprise des eaux de pluie. De manière plus générale ce sont les seules incidences qu'il y a actuellement sur le projet du renouvellement du réseau. Mais effectivement l'étude initiale a déjà été réfléchi et on voit qu'on a des réseaux qui sont prévus par là, des réseaux d'eau pluviale, pas des réseaux d'eaux mixtes, de manière à délester toute cette canalisation d'eaux mixtes. Il y a aussi un réseau d'eau pluviale qui est prévu par la suite, qui va passer au niveau des ateliers, qui va reprendre les bâtiments du CGDIS pour se raccorder également sur la route de Luxembourg.

Ils ne font pas partie de ce projet-là pour diverses raisons. Notamment la première, c'est que aujourd'hui le quartier des ateliers qui est ici, il y a d'autres projets qui sont prévus mais qui ne sont pas encore figés. Donc pour l'instant on a étudié tout ce qu'il fallait, pour pouvoir reprendre ce réseau-là et délester la partie qui est vraiment surchargée qui est ici. On le voit en rouge,

c'est la partie étudiée qui est en surcharge complète et qui provoque des débordements du réseau. Cette partie-là, elle est fortement chargée mais elle n'est pas surchargée en fait. La question des débordements. Je ne suis pas trop à même de dire quand se sont passés les débordements. Mais de ce que j'ai retenu, ce sont des débordements et non pas des inondations. C'est-à-dire quand le réseau est fortement surchargé ici avec des pluies, c'est un diamètre 800, donc il n'arrive plus avec sa pleine capacité à permettre l'écoulement normal. Ce qui fait que ça provoque un frein dans le réseau au niveau de l'écoulement. Et notamment ça se retrouve ici avec les parties de tampon ou d'avaloir où ça déleste par les avaloirs et cela revient en surface en fait.

Ce n'est pas une inondation comme on l'entend sur un bassin versant qui viendrait inonder une zone, mais c'est le réseau qui se déleste par les ouvrants en fait. Alors le lot numéro 2. Effectivement il y a une canalisation existante qui est ici en fait. Actuellement la canalisation elle monte ici et elle arrive là. Et nous on la pose en parallèle pour des raisons techniques. Parce que, comme elle est fortement surchargée, ça demanderait de part l'emprise des travaux et par la surcharge de la canalisation, ça demanderait des moyens très conséquents pour pouvoir travailler en même temps. C'est-à-dire la supprimer et la remplacer, alors qu'elle est en fort écoulement. Donc on la pose en parallèle et on la pose en un diamètre supérieur. Puisqu'on passe d'un diamètre 800 ici, 80 centimètres de diamètre à l'intérieur, sur un diamètre 1200, 1m20 de diamètre intérieur. On profite aussi de ces travaux pour rectifier le profil en long, c'est-à-dire la pente générale de la conduite pour supprimer certaines choses qui avaient été faites il y a très longtemps et qui peuvent être améliorées au niveau de l'écoulement.

Et il y avait une dernière question qui concernait les travaux ici. Alors je ne peux pas vous répondre sur la construction en cours, ce n'est pas de notre ressort. Mais ce que je peux vous dire c'est que – hydrauliquement – la chose a déjà été étudiée pour se raccorder depuis ce point-là jusqu'au niveau des raccords existants, qui sont dans le carrefour là en fait. Ça fonctionne toujours encore parce que pour l'instant cette zone de construction qui va être faite prochainement apporte un peu d'eau mais pas excessivement. Mais c'est plutôt au niveau des procédures d'autorisation et notamment de la manière de procéder pour faire les travaux puisque cette route-là est à fort trafic et il y a des autorisations à demander par rapport aux Ponts & Chaussées. Donc comment peut-on fonctionner au niveau du trafic pour faire les travaux? Parce que là on est sur des travaux lourds, on se situe d'après les fils d'eau à l'ordre de 3 m, 3,5 m. Donc en tuyau de canalisation 1200 intérieur, c'est du 1500 extérieur. Ce ne sont pas des petites fouilles.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Il y a une chose que je ne comprends pas là-dedans. Vous dites que le réseau des eaux pluviales est prévu. Vous ne dites pas de date, donc on ne sait pas quand ce sera le cas. Ici on est déjà dans une situation de surcharge complète, sachant que les eaux pluviales augmentent d'année en année avec le changement climatique, pourquoi ne pas décharger

déjà cette surcharge complète en rajoutant en même temps le réseau des eaux pluviales? Pourquoi est-ce qu'on le fait en deux phases?

MARTIAL THERES (BUREAU BEST): On le fait simplement en deux phases, parce qu'aujourd'hui le réseau d'eaux pluviales qui est projeté ne passera pas au même endroit en fait. Le réseau d'eaux pluviales projeté pour tout le bassin versant qui vient d'ici, dans des zones de construction neuve, va passer après, dans les schémas directeurs, par là et par ici. Pour délester, cette partie-là, qui sera modifiée, délester au niveau des eaux de pluie, c'est pareil des deux flux. Donc en fait ça n'a pas de grand intérêt dans les travaux actuels de poser un réseau d'eau de pluie parallèle ici, cela n'apportera rien. La zone de travaux des eaux de pluie sera plus ici, plus le raccordement sur la route de Luxembourg.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, j'ai tout de même un grand souci pour le croisement de la route de Luxembourg, parce que déjà quand il y a beaucoup de pluie, il y a déjà les débordements du réseau et parce que là c'est aussi une pente, comme on dit "e Lach", et là ça monte tout de même. Et en plus il y a une station de service juste à côté. Et comme j'ai dit, il y a une grande résidence qui se construit juste au coin rue de l'Abattoir, route de Luxembourg. Ma question maintenant aussi à notre service technique de la Ville: quelles ont été les précautions, les consignes qu'on a données aux constructeurs de cette résidence relativement impressionnante pour éviter qu'il y ait encore du débordement en plus? Parce que vous le savez bien, c'est une résidence avec douze ou seize appartements. Ça va tout de même apporter un afflux remarquable d'eau.

MICHAEL DA SILVA (COORDINATEUR CHANTIERS TRAVAUX PUBLICS): Alors, les raccordements pour le bâtiment, il y avait déjà un raccordement existant pour une maison. C'est clair, il y aura une construction de résidence. Les calculs ont été faits et les vérifications ont été faites pour les nouveaux raccordements de la résidence au canal existant et hydrauliquement, ça passe. C'est pas la surcharge d'eau d'une résidence qui va contribuer à ce qu'il y ait des débordements encore supérieurs, encore supplémentaires, oui. Ça a été vérifié, oui.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Et puis pour ce qui concerne la jonction avec, mat der Lëtzebuerger Strooss: ech mengen dat ass e Punkt, dee mer jo musse kucken mat der Ponts & Chaussées, well si am Fong och dofir responsabel sinn. Ech mengen dass mer dat en Concertatioun mat hinnen deemtspriechend och maachen, mee mer si jo schonn a Kontakt mat hinnen.

MARTIAL THERES (BUREAU BEST): Si je peux intervenir juste pour expliquer à Madame en d'autres termes: quand on fait un calcul hydraulique de bassin.... En d'autres termes quand on fait un calcul de relique de bassin versant, en fait, on recalcule effectivement les bassins versants existants - donc, les constructions existantes. Là, dans l'occurrence vous avez le remplacement d'une résidence, ou d'une habitation par une résidence. Mais ce qui change beaucoup la donne, c'est surtout

des zones de construction neuves, des zones transformées. Parce que avant, ben - vous connaissez le site? Si? C'étaient des champs, quoi. Donc, des champs qu'on transforme après en zone urbaine, ça apporte beaucoup d'eau. Des modifications que ce soit d'une habitation vers une résidence, ça, hydrauliquement, ça ne change pas beaucoup.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Ech wollt just nach eng Kéier nofroen, well ech net wees ob ech dat alles richtig verstane hunn: Dee Reewaasserkanal, dee gëtt jo da méi spéit gemaach, op enger anerer Plaz. Ass dat wéi – den Här Krumlowski dat hat eng Kéier erkläert – dass d'Rue de l'Abattoir eigentlech versat géif ginn, gëtt dann dee Moment e Reewaasserkanal gemaach? Dat heescht, et gëtt elo keen do gemaach? Well ech fannen dem Här Gangler seng Remark awer effektiv pertinent.

MARTIAL THERES (BUREAU BEST): Si j'ai bien compris la question, la question se porte sur cette partie-là des travaux, c'est ça? D'accord. Ben là on est sur la rue de l'Abattoir, en fait. Et ce que vous voyez - le tracé qui est indiqué ici en mauve - c'est le futur gabarit de la rue de l'Abattoir déjà. Donc effectivement, si la question était: est-ce-qu'on va intégrer dans nos plans la pose d'une nouvelle conduite dans le futur gabarit de la rue de l'Abattoir? Effectivement, c'est déjà prévu. Je ne sais pas si c'était ça exactement la question? Pour la canalisation des eaux pluviales? Alors, oui. Et je comprends la question. Aujourd'hui, il va y avoir une canalisation d'eau pluviale neuve à partir de ce point-là à peu près vers la rue du Luxembourg. La partie supérieure, elle sera raccordée sur le réseau d'eau mixte, toujours. Mais on retrouve en fait un fonctionnement au niveau hydraulique. On ne change rien. Il y a une rue qui existe. Il y a une future rue qui va être faite, qui va être raccordée sur le même réseau.

MICHAEL DA SILVA (COORDINATEUR CHANTIERS TRAVAUX PUBLICS): Donc le lot 4, il y aura donc les eaux mixtes et les eaux pluviales qui sont dans le lot quatre par 4, dans une deuxième phase.

MARTIAL THERES (BUREAU BEST): Dans le lot quatre, elles seront séparées, oui.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci nach fir déi technesch Explikatiounen zu dësem komplizierten a komplexe Projet, deen et awer ass. Mee deen awer zu enger Verbesserung natierlech bäidroen kann. Gutt, ech mengen et sinn allegueren d'Froen beäntwert ginn.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Il y a encore une question du timing, qui n'a pas été... Quand est-ce-qu'on commence? Sur quel temps... sur quelle envergure de temps on parle?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Hei musse mer den Devis stëmmen. An do muss dat ausgeschriwwen ginn. Deelweis hu mer jo schonn 2022 en Deel budgetiséiert awer och virun allem 2023, respektiv. Dass dat sech och iwwert zwee Joren awer ëmmerhin wäert zéien. Hei ass jo déi normal Prozedur

vun engem Marché public, déi mer mussen fueren. Ass de Gemengerot domat averstanen, mat dësem Devis? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci. An och eisen intervenanten Merci fir hir Presenz a fir hir Erklärungen.

2.16. Approbatioun vum Devis estimatif fir d'Reamenagementsaarbechte vum Schoulhaff vun der Butscherbuerger Schoul

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géife mer op den nächste Punt iwwergoen. Dat ass och en Devis, wat d'Reamenagement vum Schoulhaff vun der Butscherbuerger Schoul ugeet. An ech begréissen do an eiser Ronn d'Architektin d'Andrea Weier, dat de Projet ausgeschafft huet a wou mer och eng Presentatioun hei virgesinn hunn, fir eng Kéier duerch ze féieren. Madamm Weier, wann Der prett sidd. Dir hutt d'Wuert.

ANDREA WEIER (GMP): Schéine gudde Moien a Merci, dass ech lech dee Projet hei dierf presentéiere kommen. Mir si gefrot gi fir de Reamenagement vun der Butscherbuerger Schoul ze plangen an hunn lech elo dee Projet hei op der Plaz virstellen. Fir d'éischt emol e bëssen d'Situatioun existante vun deem Schoulhaff. Et handelt sech ëm en immens mineraliséierte Schoulhaff mat enger gerénger Bestéckung vu Spillelementer wéi engem klengen Zichelchen, zwee rotativ Spiller, engem Basketballkuerf an engem Fussballterrain, déi hei um Terrain stinn an awer an enger ganz relativ staarker Topographie och sti se, datt mer hei vu 5-6% Penten dran hunn, wat Ball spillen insgesamt an deem Schoulhaff do och immens schwierig mécht, well engem de Ball ëmmer fortrennt. Dann hu mer eng Situatioun vu Beem, déi am Osten eigentlech relativ flott sinn. Ech huelen och un, dass dat wierklech en ale Bambestand ass an dat wat un neie Beem bäigesat ginn ass ënne laanscht Strooss, huet e bëssen ze kämpfen. An déi Situatioun géinge mer och gären am Kader vum Reamenagement e bësse veränneren. Et ass esou, dass mer iwwert dee Schoulhaff jo deen Accès iwwert dee klengen - also eng Kéier iwwert déi Haapttrap hunn, an awer och lateral iwwert déi Zoufaart, déi Richtung Spillplaz geet, wou eeben och d'Pompjeeën herno am Noutfall eng Kéier missten erafueren, sou datt mer beim Amenagement vun deem Schoulhaff e bësse gebonne waren un déi Espacen, déi mer musse fräiloosse fir d'Pompjeeën, fir déi ganz Strukturen do kënnen ze definéieren, well se musse kënnen rafueren. Se kënnen net de Wee rëm hannerzeg erausfueren, dat heescht se musse kënnen dréinen. An dohier ergi sech trotzdeem awer nach Restberäicher vun deem Schoulhaff, déi musse mineraliséiert bleiwen, fir deen Accès an déi Sécherheet einfach ze garantéieren.

De Projet u sech, deen deelt sech op a verschidde Beräicher. Mir hu verschidde Spillberäicher, mir hu Rouzonen, mir bréngen Diversitéit a Materialie mat eran, déi mer bis ewell am Schoulhaff an dëser Form nach net haten. Mir haten dann am Westen e klengen Espace, dee mer als Zone de détente consideréieren, wou mer zousätzlech Beem planze wëllen an eebe Picknickbänken nach géingen installéieren, deen een oder anere Bamstamm och mat an den Amenagement nach zou-

sätzlech integréieren, sou dass mer do sou e bëssen e Réckzuchsort hu fir d'Kanner, wou se sech kënnen ophalen. Do dernieft hu mer eng relativ generéis Spillplaz, wou mer e Spillgerät wëllen installéieren, dat och zum Thema vun der Schoul passt. Dat soll e Charakter vun enger Buerger kréien, sou datt mer do wierklech an d'Thema erapassen.

Vu Materialien wäert mer do esou dass mer Holzhackschnitzel géingen als Fallschutz hunn. Déi ganz Spillplaz gëtt contournéiert mat Bamstämm, fir eben e bëssen d'Topographie kënnen ze veränneren, fir datt mer déi staark Pente déi mer hunn, kënnen iwwert sou e klengen Palier dee mer mat deene Bamstämm kënnen realiséieren, kënnen opfänken an doduerch déi Surface e bësse méi riicht kréien, fir dass se och fir d'Kanner méi einfach bespillbar gëtt. Dann hu mer Richtung Osten dee Beräich, wéi et och bis ewell war, fir d'Ballspill virbehalen. Mir sinn awer heihi gaangen a mir hunn de Projet modifizéiert, andeems mer d'Topographie wierklech verännert hunn. Fir se kënnen ze veränneren, hu mer misse Strukturen integréieren. An dësem Fall sinn et eeben Natursteens- Gradinen, déi et eeben erméiglechen, dem Ballspill nozekucken oder eeben och Aktivitéiten am Kader vun der Schoul stattfannen ze loosse. Dir kënnt Theater spillen, dir kënnt Schoul ënner fräiem Himmel ofhalen oder och all aner Aktivitéiten do natierlech mat deene Gradinen realiséieren. An der Mëtt hu mer eng kleng Träppche fir erof an dann am ënneschte Beräich dann eeben déi Ballspillplaz, wou déi zwee Goaler rëm opgestallt ginn. An dësem Fall ass awer trotzdeem och vum Material hir op Béton asphaltique zrückgegraff ginn, fir einfach och de Budget e bëssen a Moossen ze halen.

Dann hu mer widder der Fassad déi blo Surface, déi Der gesitt, eng Nestschaukel virgesinn, déi eebe mat syntheteschem Material och als Fallschutzmaterial zum Asaz kënnt, fir dass se eeben accessibel bleift, och fir all Kanner. Och fir Kanner mat Behënnerung. Fir dass ee Spillgerät och do ass, dat vu jiddwerengem wierklech ka genotzt ginn. Do dernieft wollte mer awer och déi Spillgeräiter, déi mer initial am Schoulhaff haten, net einfach allegueren op den Tipp geheien oder recycléieren, mee mer hu se wierklech op der Plaz recycléiert. Dat heescht mir wëllen déi zwee rotativ Spillelementer um Niveau vum Preau rëm mat integréieren. Mir hunn och de Basketballkuerf nei implantéiert. Och d'Goaler wäerte rëm zum Asaz kommen. Déi kleng Bänkelchen déi um Site och stoung, wäert do och eng nei Destinatioun fannen am Kader vun dësem Projet. An dann hu mer nach uewe widder der Fassad lénks a riets nieft der Trap gesitt Der esou véier gréng Quadrater. Do ass d'Propositioun - dat ass awer och dann herno mat der Schoul wierklech oder Maison Relais och ofzeklären, ob dat machbar ass - 4 Planzbacke virgesinn, déi eeben dann och an Aktivitéit mat der Schoul kënnen geréiert ginn, dat heescht dass entweder jidder hiert Geméis upflanzen oder dass se se einfach mat Blumme bestécken. Dat fir hinne fräi iwwerlooss.

Da gesitt Der hei de Projet wéi en e bëssen och zustanne komm ass, dass sech einfach aus der Noutwendegkeet fir déi Accessibilitéit vun de Pompjeeën ze garantéieren, déi d'Formen e bësse virdefinéiert hunn. Wéi

gesot, dat sinn einfach déi Rayon de giration, déi de Pompeescamion brauch fir kënnen eranzefueren an eeben am Schoulhaff kënnen ze dréine fir kënnen rëm eraus ze fueren. Hei e klengen Auszuch iwwert de Projet, wéi eeben d'Topographie am Moment ass. Do gesitt Der déi rout Linn, déi d'Topographie virgëtt, vu 5-6% iwwert de ganze Schoulhaff. Do ass effektiv Ballspille relativ schwier. An hei dann zwou Couppe, eng Kéier duerch de Fussballterrain oder Ballspillterrain mat de Gradinen, wou Der ganz daitlech gesitt - bon, dat ass villäicht e bëssen iwwerdrifwen - mee awer Dir hutt d'Linn, déi d'Topographie existante duerstellt an eeben dann dee verännerten Niveausënnerscheed mat de Gradinen a mat der Ballspillplaz, wierklech mat enger reduzéierter Pente vun 2% an den Terrain geluecht, fir dass de Ball méi op der Plaz bleift. An deem anere Beräich ass den Agrëff manner flagrant, awer och do brénge mer et fäerdeg d'Topographie e bëssen ze entschäerfen an déi Surface dann esou ze amenagéieren, dass mer et herno och fäerdeg bréngen, dass d'Copeaux méi op der Plaz bleiwen. Hei e Plang, deem lech e bëssen de Phase weist. Dat heescht mir wëllen an der Realisatioun vun dësem Projet iwwert 2 Phase schaffen. Ugeduecht ass eeben, wa mer Ären Accord kréien haut, fir dat ze lancéieren. Datt mer an d'Ausschreiwung géinge goen an dass mer d'Aarbechte wierklech schnellstméiglech géingen attackéieren, wuelwëssend dass mer hei mat enger Schoul ze dinn hunn an dass mer müssen natierlech eis deene Realitéiten upassen, dass d'Sécherheet muss garantéiert sinn an dass mer net einfach kënnen fräi iwwert dee Chantier fueren, wéi et eis gefält.

Doduerch si mer natierlech och un d'Schoulvakanze gebonnen. Virgesinn ass am Moment dass mer praktesch an der Péngschtvakanz géingen ufänke mat Terrasementsaarbechten, mat Demontage vum Mobilier iwwert de gesamte Schoulhaff, datt awer dann déi éischt Phase d'exécution déi vun der Spillplaz ass mam Kloterelement, déi praktesch kéint komplett ofgegrenzt ginn, well eng Chantiersclôture géing ronderëm kommen, sou dass mer dee Bräich effektiv kënnen no der Vakanz och weider notzen, fir d'Aarbechten ze realiséieren. Natierlech muss dorobber gekuckt ginn, dass d'Sécherheet vun de Kanner a vun den Eltere garantéiert ass. Mee dat weist lech e bëssen déi blo Linn. Dat heescht mir clôturéieren de komplette Site a kéinten da wierklech déi Phas 1 iwwer d'Schoulzäit och oflaffe loossen a géingen da soubal d'Summervakanz ugeet, de 16. Juli dann ufänke mat dem aneren Terrain, dee mer dann och mat an de Projet integréieren. Dass mer dann do och kënnen déi Sportplaz integréieren a realiséieren, en vue dass mer praktesch de 15. September da mat allen Aarbechte fäerdeg sinn an soumat da wann d'Schoul rëm lassgeet, de Schoulhaff reamenagéiert ass. Hei einfach och d'Biller, fir d'Iddien an d'Materialien e bësse mat ze weisen. Dat heescht mir hunn eng Nestschaukel, mir hunn déi Gradinen, déi och an deem Esprit Natursteensbléck géinge realiséiert ginn. Mir kréien en Kloterelement, dat mer awer e bësse méi Richtung Buerg géinge forcéieren an eeben och do Armuren an esou, a Strukturen aus der Buerg géingen an de Projet matintegréieren, wat d'Spillelement ubelaangt, an dann eeben eng Ballspillplaz ze kreéieren, déi wierklech bespillbar gëtt.

Hei och nach ee Punkt: Am Moment hu mer de Vélosparking jo uewe bei deenen ale Beem, bei deem flotte Bambestand. Déi géingen deplacéiert ginn, uewe Richtung Spillplaz. Déi besti jo och am Moment schonn an do ass et eben ugeduecht, dee Vélosparking a bëssen ze erweideren an awer och ze iwwerdaachen. Voilà, da komme mer bei dee méi budgetäre Part fir d'Aarbechten. Deen hu mer opgedeelt a véier Beräicher, well och am Kader vun dësem Reamenagement geet et net just drëm, d'Uewerfläch ze verännern, mee mer müssen och d'Infrastrukturen am Buedem rëm upassen: De Gas- a Waasserreseau, de veraalt ass, dee muss am Kader vun dësem Projet reamenagéiert ginn. Dofir hei an enger éischerter Phase eeben de Budget fir d'Reamenagementsaarbechten. Do hu mer déi ganz Terrasementsaarbechten, eis Betonsaarbechten, d'Revêtementter, d'Spillgeräte, de Mobilier, déi all an dëse Beräich erafalen, wou mir och mat der Plantatioun herno e Budget vun 350.000.-€ kréien, dee mer missten hunn, fir dee Projet kënnen ze realiséieren.

Do dernieft komm d'Opdeelung nach fir den Eclairage, Gas a Waasser. Och do: De Schoulhaff gëtt belicht, wat am Moment just iwwer kleng Fassadespotte garantéiert ass. Do kommen zousätzlech nach nei Masten dobäi. Der Aarbechte sinn an dësem Budget vu 50.000.-€ mat de Sockelen, Fondatiounen, Terrasementsaarbechte mat virgesinn. Da musse mer d'Gasleitung an d'Schoul rëm frësch maachen. Och do brauche mer Terrasementter, mer brauche Materialie fir e Budget vu 25.000.-€. An fir d'Waasser dat selwecht, wou mer müssen nei Conduite leeën, hei Raccorde maachen. An och do hu mer e Budget dee mer bräichte vun 25.000.-€. Dann hätte mer en Total fir d'Aarbechte vum Reamenagement, vum Eclairage, Gas a Waasser vu 450.000.-€. Voilà, wann Der elo nach Froen hutt, da stinn ech zu Ärer Verfügung.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Villmools Merci och, dem Andrea Weier, fir déi dote Presentatioun, déi eis en Abléck gëtt, wat d'Envergure vum Projet ass. Voilà, d'Diskussioun ass op. Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci. Eng kleng Saach, déi ech elo net richteg matkritt hunn. Mir hu jo do Rieds vum Schoulhaff. Dat grousst héischt Gelänner, wat zur Residence do niewendrun ofgegrenzt: Kënnt dann och sou e Gelänner op den ëstlechen Deel, vun deem Mini-Stade, dat heescht zur Strooss hin, do wou elo déi nei Beem hikommen? Kënnt och do esou en héischt Gelänner, fir dass am Fong dee Mini-Stade op zwou Säite komplett agezäunt ass an de Ball net sou séier an d'Strooss flitt?

ANDREA WEIER (GMP): An enger éischerter Linn, net direkt. Et ass an der Diskussioun gewiescht. Mir wollten dat e bëssen observéieren, ob effektiv esou staark mam Ball geschoss gëtt, dass de Besoin besteet, dass mer dat maachen. Et hätt natierlech en Impakt op d'Butschebuerger Strooss, sou datt eeben an deem Kontext och d'Fro gestallt ginn ass, wa mer eventuell kéinten dat Ganzt och opfänken, wa mer et géingen e bësse méi dicht beplanzen, wier eis dat eigentlech léiwer, wéi wa mer do lo géingen e rise Ballfangschutz dohinner setzen. Mee dat wär eppes, wat mer gäre géingen e

bessen observéieren, wann et an der Praxis ukomm ass an dann eventuell, wann et wierklech noutwenneg ass, géingen no riichten. Mee direkt an enger éischer Phase ass et net virgesinn.

CLAUDE MARTINI (CSV): Villmools Merci fir déi schéi Presentatioun vun deem Site do. Aktuell ass et jo net sou extra flott an attraktiv fir d'Kanner an déi freeë sech bestëmmt, wa se dat dote gesinn. Eng kleng Proposition vu mir: Ech géif et flott fannen, wann een dee Projet do och kéint de Kanner an der Schoul bildlech weisen, ier d'Aarbechten uginn, fir datt se wëssen, wat op se duerkënnt, fir datt se och déi Aarbechte verstinn, déi wou do gemaach ginn. Ech hätt just eng kleng Fro: Dir hutt vun de Pompjeesautoe geschwat, déi esou vill Plaz brauchen. Dat liicht engem jo och duerno an. Mee während den Aarbechten hutt der e bloe Stréch gezunn, wou d'Clôture kënnt, mee da kënnt de Pompjeesauto awer déi Zäit net méi eran. Wéi gëtt dee Problem dann eigentlech geléist? Well wann d'Sécherheet esou wichtig ass, an déi ass jo wichtig, da musse mer awer och do e kleng Plang B hunn. An dann: Jo, de Ball flitt ganz sécher op d'Strooss do. Dee flitt elo scho reegelméisseg op d'Strooss. Wann ech do laanscht ginn, rafen ech en oft op a schéissen en zréck. E puer Hecken, déi schnell an d'Luucht wuessen, wäer vläicht awer ubruecht do, wéi wa mer keng Clôture wëlle setzen, well dat eeben sichtlech net ganz schéin ass.

Da géif ech immens flott fanne bei méi Vélosstänneren - op déi Fro hutt Dir jo och geäntwert - déi kënnt op d'Säit do, wou se elo scho sinn. eee gëtt e besser ausgebaut. Wann och e klengen Abris do, deen e besser méi adaptéiert wier fir Trotinetten nidderezstellen, wou ee se villäicht net sou liicht ka klauen oder wou dat méi schnell geet, wann ee mat de Kanner an d'Spillschoul geet, wou een dann d'Trotinetten einfach kann erasetzen an duerno villäicht nees mat eraushuelen, wa se heemfueren. Dat wär am Fong ganz flott. Fir de Recht freeën ech mech dann, wa meng Kanner do kënne spille goen herno. Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci. Ech hu mech lo just gefrot: Dir hat Fotoe gewise vun de Gradinen zum Beispill, wéi déi herno sollen ausgesinn. Op de Fotoe ware sou Gradinen gewise mat décke Steng. Ech hu mech lo gefrot ob dat kandgerecht ass, oder ob do villäicht meng Suergen elo, wann do geklotert gëtt a gespillt, villäicht net berechtegt ass, oder ob déi Fotoen einfach elo nëmmen e Beispill waren an herno villäicht eppes aneres op déi Gradine kënnt, wat villäicht méi gutt fir de Lack wär, wann eppes aneres drop wär. Et war just eng kleng Remark. Merci.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Jo Merci, Här Buergermeeschter. Merci och vun eis aus der Madamm Weier fir d'Presentatioun a fir d'Erklärungen. Et war just nom Gafelter Schoulhaff... Ech wollt just kuerz soen: Do hate mer o viru véier Joer den Devis estimatif vun deem Schoulhaff och gestëmmt. Ass et elo also véier Joer méi spët un dem Butschebuerger Schoulhaff. Dësen éischer groe Schoulhaff mat aktuell e puer Geräter an e puer opgemoelte Spiller um Buedem, kënnt elo méi Fuerf, méi Natur a gëtt op deem Wee och méi kannerfrëndlech. Am Respekt vun de Fluchtweeër an dem Ac-

cès fir d'Pompjeeën an d'Ambulanz, gëtt de Recht Madamm ersaat duerch gréisser a méi kleng Insele mat Beem an Hecken, déi fir den néidege Sonneschutz suergen a wouranner Spill- a Klettergeräter ronderëm dem Thema Bueg, wat eng ganz gutt Iddi ass, grad wéi och eng méi roueg Zone, den Espace Picknick, integréiert.

Da kënnt eng nei agegrenzte Sportzon mat Gradinen, déi als Plaz och flott bei Schoulfester oder aner Aktivitéit wéi Liesungen oder Theateropféierunge ka gebraucht ginn. Ech hunn hei just e Bedenken, an zwar vu dass déi Sportzon do e besser méi no bei d'Strooss réckelt, kéint ech mer gutt virstellen, wann eis kleng Ronaldoen oder Messien, déi heiansdo mol de Ball wou richtig gutt dra knuppen, dass de Ball öfters emol an der Strooss, wéi de Claude Martini et sot, géif landen. Aktuell ass hannen zur Residence hin en immens héijen Drot montéiert ginn, well d'Leit sech ëmmer rëm beschwéiert hunn, dass de Ball widdert d'Fassad, hir Fënster oder hir Rollued geknuppt ass. Brauche mir elo näischt esou hei op der Säit zur Strooss virzegesinn, fir ze verhënneren, dass de Ball dann awer an d'Strooss leeft? Och laanscht d'Fassade virum Gebai kënne e puer Elementer, wéi déi zwou bestoend Kloterstaangen, déi mobil Héichbeeter, grad wéi eng Nestschaukel mat deem obligate Fallschutz dat Ganzt of.

Et gëtt och zäitgläich profitéiert vum Reamenagement vum Schoulhaff, fir d'Waasser, d'Gas an d'Belichtung ze erneieren. Et ass e flotte Projet besonnesch och doduerch, well, wéi et zur Gewunnecht ginn ass zu Diddeleng, d'ganz Schoulgemeinschaft Butschebuerger, sprécht d'Léierpersonal, d'Kanner an d'Elterevertrieeder mat dru geschafft huet. Wat ech just am Devis elo vermësst hunn, dat sinn d'Frais d'architecte. An ech wollt awer och nach d'Fro stellen: Wat geschitt dann elo mam Zichelchen? Merci. [...] Mam Zichelchen. Mam Zuch. Merci. Mir stëmmen natierlech dësen Avis mat

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEESCHTER): Merci, Här Zuang, fir Är Stellungnam.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Ech wollt dat och froe mam Zichelchen. Ech hunn deen oh vermësst. Also mir fannen awer och gutt, dass déi al Spiller recuperéiert gi sinn. D'Fro war awer och: Sinn d'Acteuren all mat agebonne ginn am Virfeld? Den Här Zuang huet mer dat jo lo scho geäntwert. Eis gefällt natierlech och ganz gutt déi vill Beem, dass nach Beem dobäikommen, an och d'Hochbeeter. Den Niveausënnerscheed mat de Gradinen ass och eng flott Léisung. Musik in meinen Ohren ass natierlech den Vélosparking, dass deen erweidert gëtt an iwwerdaacht gëtt. An dann, mam Ball, jo... Do kann ech lech awer och soen aus menger Erfahrung an der Surveillance vun de Pausen: Dee wäert warscheinlech do riwwerfléien. A wann der Beem dohinnerplazt, da lant en an de Beem, de Ball dann. Dann hunn d'Kanner Problemer, fir de Ball aus de Beem erëmzekerien. Ech mengen och, dass mer do net derlaanscht komme fir do iergend en héischt Gitter unzibréngen, wéi et elo schon ass. Also mir stëmmen dat natierlech mat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEESCHTER): Merci der Madamm Heinen.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):

Jo voilà, villmools Merci. Ech wollt awer lo nach e puer Saachen dozou soen. Mir si schonn e bësse méi laang mat dem Projet ënnerwee, d'Madamm Weier, den Här Schroeder an ech selwer. Mir hunn 2006 oder 2005 muss dat gewiescht sinn, den éischten zaghafte Versuch probéiert, fir do e bësse méi Natur eranzebréngen. Ech mengen, dass dat net esou gelonge war. Hei ass elo wierklech eng Kéier dat komplett, datt mer probéieren, e bëssen Naturschoulhaff ze hunn. Vu wou mer ugefaangen hu virun engem Joer, wëll ech awer fir d'éischt soen: Dee Schoulhaff ass ausgeschafft ginn zesumme mam Léierpersonal, mat der Maison Relais, mat den Elterevertrieeder. An d'Léierpersonal huet och d'lw-werleeunge vun de Kanner mat erabruecht, sou datt dee wierklech sou ass, wéi si et sech virgestallt hunn. D'Madamm Weier huet eis dunn e Plang gemaach. Mir ware rëm an der Schoul a mer hu mat hinnen diskutéiert an ech muss soen, datt deen och vum Léierpersonal, souwuel wéi vun der Maison Relais hei 100% wierklech de Projet ass, wéi si e sech virgestallt hunn.

Wat awer ganz wichteg ass, ass awer och uewen: Dir gesitt deen Nid d'oiseau do, deen dohinner kënnt. Dir wësst, dass mer och ëmmer méi Kanner mat Besoins spécifiques hunn. Ech mengen, dat entsprécht och deem. Och dat Kand, kann dat Spill notzen. Zu den Hochbeeter wëll ech awer soen: Hannert der Schoul sti schonn Hochbeeter. Déi sti scho mengen ech 3-4 Joer. Zu Butschebuerg maachen ech mer wierklech keng Gedanken. Do ass eng super Zesammenaarbecht och mat den Elteren, déi déi Hochbeeter fleegen. Also och hei maachen ech mer keng Gedanken, dass dat einfach iergend e Beet gëtt, wat einfach do steet an herno Onkraut dra wiisst. Zu de Gradinen wëll ech soen: Jo, et gesäit ëmmer massiv aus, déi Steng, déi do leien. De Ribeschpont, muss ech awer soen, do hu mer dat schonn säit - ech géif soen - 6-7 Joer. Hannendru gëtt jo beplantz. Et ass net sou dass d'Kand am fräie Laf déi Gradinen eroffält. Do ass schonn dru geduecht ginn, dass hanne beplantz gëtt, datt d'Kanner net am Laf do eroffalen. Wéi gesot, am Ribeschpont - ech paken Holz un - bis haut nach näischt geschitt an dat doten ass sécher eng Verbesserung.

Zum Drot ronderëm: d'Madamm Weier kann lech dat elo e bëssen awer méi detailléiert erkläre wéi ech. Et ass mol net virgesinn, dass mer deen Drot deen do ass, net ewechrappen. Also dat emol ganz kloer. Dat ass dat éischt. Dat zweet ass, dat muss ech soen, et ass jo och esou, dass och elo do Fussball gespillt gëtt. Et ass genee déi Plaz. Och elo gëtt do Fussball gespillt. Hei kënnt elo eng Verbesserung. Et läit méi déif. A wéi gesot, och do fält alt mol e Ball eriwier an d'Strooss. Dat ass och elo de Fall. Ech mengen awer, dass dat do eng Verbesserung ass. An dee bestoenden Drot wäert wuel kaum ewechgerappt ginn. Déi zwou Phasen, do ass natierlech ëmmer sou, dass gesuergt ass, dass Kanner ëmmer en Deel vum Schoulhaff hunn. Dat heescht et ass net esou, datt se kee Schoulhaff hunn. Et wäert ëmmer een Deel vum Schoulhaff benotzbar sinn. En plus ass jo och hannenaus eng grouss Spillplaz.

D'Wieder gëtt besser, sou datt ech dann awer och mengen dat et wichteg war, datt d'Kanner dann e bësse méi

op d'Spillplaz ginn mam Léierpersonal, wéi lo onbedéngt am Schoulhaff. Eppes wat awer och nach ass zu Butschebuerg: Ech mengen dir wësst dass mir och Veräiner do hunn. Och hei bleift den Accès an d'Turnhal garantéiert. Et ass zwar villäicht elo et méi sou wéi soss, dass wann méi ee grousst Fest ass, dass ee mam Auto rafiert, mee nach ëmmer ass awer den Accès garantéiert an natierlech kënne si och während de Vakanzen oder soss Weekender op dee Parking hannendrun zrëckgräifen, sou datt och do mengen ech keng Problemer ass. Voilà, ech mengen dat wier et elo vu menger Säit. D'Madamm Weier huet sécher nach aner Äntwerten.

ANDREA WEIER (GMP): Wann ech op déi Chantiersclôture vun der éischter Phase zrëckkommen, do ass et esou dass mer doppelt gemoppelt wollte fueren. Also mer clôturieren eng Kéier d'Spillplaz u sech a mer clôturieren awer och nach eng Kéier dee Beräich vum Beton asphaltique, fir datt einfach d'Entreprise och e bëssen Marge de manoeuvre behält. Mee och do hu mer virgesinn, dass wa wierklech Urgence war - dat steet och esou an der Ausschreiwung - dass eben déi zweet Clôture wierklech all Moment kann opgemaach ginn. Déi déngt just an deem Moment wou d'Schoul, wou d'Maschinen um Terrain sinn ass déi Clôture implantéiert.

Fir de Rescht ka sech theoretesch owes opgemaach ginn. Dat ass guer kee Problem. Et ass einfach just fir d'Kanner wierklech aus deem Beräich eraus ze halen. Wat d'Gradinen ubelaangt, jo do hu mer eis vill Gedanken gemaach. Mir sinn am Moment op där Natursteensvariant bliwwen. Awer och e bëssen aus Käschtegrënn. Mir hunn awer an der Ausschreiwung och mat virgesinn dass wann den Entrepreneur mat op de Wee wëll goe fir fäerdeg Elementer ze maachen, datt dat kéint realiséiert ginn, wann dat fir hien eng valabel Optioun ass. No deenen Informatiounen och als prefavoriséiert Elementer, sinn einfach Betonsgradinen schrëcklech deier. An dofir hu mer dat e bëssen dem Entrepreneur oppe gelooss. Wann en eis déi zu engem flotte Präis mécht, gi mer gäre mat op de Wee. Mee ausgeschriwwen hu mer effektiv Natursteensbléck mat awer der Tatsaach, dass mer wëllen déi Bléck no der Pose, all schaarf Kanten, Irregularitéiten erausschläifen. Also déi Saache mussen nogeschafft ginn.

Dat ass esou virgesi ginn, fir datt mer do ebe keng lw-werraschunge kréien. Natierlech ass en Natursteenselement onreegelméisseg. Et ass net esou lisse wéi Beton. Dat ass ganz kloer. Do bleift och emol bei Reen e bësse Waasser drop stoen. Mee dat kann awer och ganz attraktiv sinn. Awer gutt, do musse mer herno kucken, wat effektiv dobäi erauskënnt. Wat d'Clôturen ubelaangt, wéi gesot, do hu mer jo schonn driwwer geschwat. Deen Deel, dee vun der Clôture fortkennt ass deen L vun de Vélosstänneren. Dat ass dat eenzegst Element vun de Clôturen, wat mer zrëckbauen. Déi ganz Face Richtung Residence, déi bleift weiderhi bestoen. Do gi mer net drun. Jo ech weess net. Wann wierklech de Besoin och besteet, dass dee Zichelchen bestoe bleift an integréiert gëtt an dass confirméiert gëtt, dat misste mer dann nach eng Kéier op der Plaz préiwen, dass e wierklech recuperabel ass an net Problemer oder net méi kann ofgeholl ginn, kann een dann och nach kucken, fir fir deen nach eng Plaz ze fannen. Ech men-

gen, dat sollt elo net e risige Problem sinn. Dat misste mer dann eng Kéier kucken.

ROMAIN ZUANG (LSAP): E muss net onbedéngt elo do uewen integréiert ginn. Ech wollt just einfach d'Fro stellen, wou kënnt en hin? Ech war gëscht kucken an en ass awer nach an engem ganz éierbarem Zoustand op éischt Vue. Vlächtt fënnt een iergendwou en aneren Eck? Ech mengen, ech weess net wou een e kéint hi-bréngen.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Mir hunn de Moment eis nach net iwwerluecht, wou en hikënnt, well en nach do steet. Normalerweis recupéiere mer esou Saachen an et ass och esou, dass en nei ausgesäit, well schonn iergend wann eng Kéier een en ofgebrannt hat a mer hu missten nei renovéieren. Mee selbstverständlech, wann e lo an de Schoulhaff kënnt... Also sou wäit ware mer lo net, mee mir recupéieren ëmmer d'Spillen, déi mer iergendwou ewech-huelen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ech menge mir hunn den Tour gemaach.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): D'Madamm Di Bartolomeo freet nach wéinst den Trotтинetten. Do ass et méttlerweil sou - dat hu mer am Brill an dat hu mer och zu Balzeng - dat sinn einfach esou Elementer, déi vun eise Servicer fixéiert ginn un der Fassad, wou een d'Trotтинett draklemmt. Dat kann een duerchaus sou maachen. Dat hu mer zu Balzeng. Mer hunn et am Brill och ganz vill. Wéi gesot, et muss just an der Enceinte iergendwou vun der Schoul sinn, well soss si se herno net méi do. Mee dat ass einfach eng Baguette un der Fassade, méi ass et net. Mee dat wäerte mer och maachen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och nach eng Kéier fir déi dote Prezisiounen. Dann hätte mer op all d'Froen eng Äntwert ginn. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat deem Devis vun 450.000.- € averstannen? **Dat ass unanime.**

Da soen ech lech villmools Merci an och dem Andrea Weier villmools Merci fir seng Presenz a seng Erklärungen. D'Kanner wäerte mengen ech och frou sinn, wa se natierlech deen dote Schoulhaff notze kënnen, wann en nei reamenagéiert ass.

2.17. Approbatioun vum Devis estimatif fir d'Amenagementsaarbechte vun enger Naturspillplaz bei der Maison Relais « Ribeschpont »

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da bleiwe mer am Fong am Schoul- an och Kannerberäich an da gi mer eriwuer vu Butschebuerg an de Ribeschpont. An do ass och den Amenagement vun enger éischter natierlecher Spillplaz nieft der Maison Relais, déi kierzlech opgaangen ass. An do géif ech dann hei dem Josiane Di Bartolomeo-Ries d'Wuert ginn, wat lech duerch de Projet wäert féieren.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo voilà, villmools Merci. Ech gesi mir spille weider. Lo kënnt déi nächst Spillplaz, an dat ass natierlech bei der Maison Relais. Dir wësst, dass mer do en Terrain hunn. Do soll eng Naturspillplaz amenagéiert ginn. Mir hunn déi jo och schonn ënnen am Schoulhaff. Do huet Der e Plang vun engem Architekt. Firwat ass den Architekt net hei? Well am Fong de Suivi vun de ganzen Aarbechten, déi herno gemaach gi vun eisen eegene Servicer gemaach ginn. Mir haten do scho vill Reuniounen fir ze kucken, wéi dee Schoulhaff soll amenagéiert ginn. Als alleréischtt wëll ech soen: wann ee seet "Naturschoulhaff" ass et esou, dass de Ministère net einfach seet "Hei hutt der Suen an elo maacht e Naturschoulhaff". Dat éischt wat se eis gefrot hunn ass e Konzept: "Wat wëllt der a wéi gesäit et herno aus?" An dofir huet den Architekt eis och de Plang gemaach, wéi et herno dann no Konzept dat geschriwwen ginn ass, ëmgesat gëtt. Do si ganz vill Oplagen, wann een esou e Naturschoulhaff mécht. Ech mengen de Ministère schreift zum Beispill vir, dass keng virgefäerdegt Spillgeräter sollen dohinne kommen. Si hätte gär Sand. Si hätte gär verschidde Materialien um Buedem; wa méiglech och nach verschidden Niveaue Wiss a si muss ëmmer kënnen genotzt ginn. Wann Dir lech dat heite lo sou ukuckt, da gesitt Der, dass déi Elementer, wéi de Ministère se fuerdert, dass déi erfëllt ginn.

Ech kann e puer Erklärungen ofginn. Mir fänke bei deem grénge Krees un, deen do uewen ass. Dat ass am Fong d'Erhéijung. Dat gëtt an zwee Plateaue gemaach an do kënnt uewen op d'Erhéijung kënnt en Hexenhaische stoen. Well si hätten och ëmmer gär Saachen, wou d'Kanner kënnen eragoen, wou se sech kënnen verstoppen oder e bësschen hier Rou hunn. Do kënnt dann en Hexenhaischen a ronderëm gëtt dat ganz natierlech mat Beem - well mer jo iwwerall e bësschen Tiny Forest wëlle maachen - gëtt dat mat Beem ronderëm zoubepflanzt, sou dass se am Fong en Hexenhaischen am Bësch hunn, an engem klengen Bësch. Déi op der rietser Säit, déi kleng Elementer, dat sinn natierlech Beweegungselementer, sou wéi mer se och am Brill hunn. Dat sinn Holzstécker, déi verschidden Héichten hunn, wou se d'Balance drop fannen. Da Materialien, Dir gesitt eng Kéier zum Deel déi Brieder, wou se kënnen drop goen. Dee Raster, deen do ass, dass sollen déi kleng, ronn Elementer sinn, wou Der uewe gesitt. Dann, wat och drakënnt, ass och natierlech e Weidentunnel. Mir hate gëscht Reunioun: Weidentunnel oder Weidentom. Da kritt een och ganz flott sou Domen, wou se da béidsäiteg kënnen ragoen. Natierlech ass och e Waasserspill op der Plaz integréiert an Hochbeeter. Bon, de Weidentunnel, sou wéi de Weidentom sollen natierlech - an dat ass och eng Oplag vum Ministère - sollen zesumme mat den Elteren gemaach sinn. Et soll och Elterenaarbecht an deem Ganze sinn. Do kann een natierlech dann och d'Hochbeeter zesumme mat den Elteren maachen.

Dat eenzegt Element, an dat accordéiert de Ministère eis och, dass ass eng Rutsch vun der Erhéijung erof, déi einfach am Bierg leit. Och dat ass erfëllt. Déi gesitt Der, déi ass zwar ganz kleng elo um Plang, mee och dat ass guer kee Problem. Voilà, wéi gesot, dass do si Saachen, déi maache mer ganz vill mat eisem Service Jardinage an och natierlech mat den Elteren an der Maison

Relais awer och der Schoul. Well Dir wësst, datt och do Schoulklasse sinn. Dat heescht do gëtt all Mënsch mat agebonnen. Voilà, ech mengen dat wär eigentlech alles gewiescht, wat ech wollt soen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Josiane fir déi doten Presentatioun. Si Froen dozou?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, ech mengen, et ass net vill dozou ze soen. Mir hunn schon dee mega coole Schoulhaff am Ribeschpont. Dat ass wierklech e mega, mega flotten Naturschoulhaff. Et ass natierlech och vill Ënnerhalt verlaangt. An, wat natierlech och eppes ass, déi schéi Weidepassagen an hei an do an och déi Haisercher a sou weider, dat ass ëmmer, dat zitt och Leit un, déi net dohinner gehéieren an dat ass e grouse Problem. Mee ech mengen, et kann een net aus där Ursaach soen: "Hei, mir maachen et net méi." Da mussen een eben eis Leit - an dat maachen déi jo och - eis Servicer ëmmer méi oft dohinner schécken, do opraumen. Well och grad um Ribeschpont an der Vakanz, ech brauch lech näischt ze zielen, wéi oft et do ass, dass et do zu enger Interventioun och kënnt vun der Police - och well do dee flotte Mini-Stade ass, deen och seng Leit unzitt, déi vläicht elo net onbedéngt dohinner komme fir just Basket ze spillen. An dat ass eeben eppes, dat musse mer a Kaf huelen. Dat ass eeben hautzedaags esou, dass een do muss méi oft kontrolléiere goen. Ech mengen, däärs si mer eis bewosst.

Mee dat ass awer keng Ursaach fir ze soen, mir maachen einfach nëmmen eng iwwersiichtlech Surface. D'Kanner brauche Beweegung, d'Kanner brauchen Defoulement. Et si vill Elteren, déi mat hire Kanner net méi spadséiere ginn, déi net méi an de Bësch ginn. D'Kanner wëssen oft mol net méi wat e Bësch ass, wëssen net wat eng Weid ass, wëssen net Waasserspiller. Ech weess elo schon, dass dann d'Eltere soen: "Da si se naass, dann hu se d'Feiss naass." Majo bon, wann s de an d'Schoul gees, dees de eeben net deng wäiss, lacke Schéngelcher un. Dat sinn eebe Saachen, déi wichteg sinn an ech denken do si mer eis all heibannen eens, dass mer erëm "back to the nature" an dass dat einfach och e wichtige Punkt ass. An, wéi gesot, mir begrëssen dee Projet hei explizitt, well en sech och ganz gutt integréiert an dee ganze Ribeschponter Site. Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci. Jo, dat ass natierlech ganz flott, dee Naturschoulhaff. Ech hu just zwou Froen : Dat Waasserspiller, kënnt do dann... do muss jo eng Waasserleitung do kommen. A kann déi awer och zougedréint ginn dann? Dat do ass jo elo hanner der Maison Relais. Wann elo awer normale Schoulbetrib ass, kënnen d'Kanner dann och dee Schoulhaff benotzen ?

ROMAIN ZUANG (LSAP): Jo Merci, Här Buergermeeschter. Eng vun de ville Konditiounen fir den Agrément fir eng Maison Relais ze kréien ass déi, dass eng Spillplaz bei oder an der noer Emgéigend vum Gebai muss geschafte muss ginn. Dës Konditioun gëtt mat deem Projet direkt niewent der neier Maison Relais erfëllt. Et ass déi zweet naturno Spillplaz, déi um Site Ribeschpont gebaut gëtt. Déi éischt, grouss Plaz ass viru Joren op

der lénker Säit vum Schoulgebai, wann ee vun der Rue Abbé Lemire kënnt, ugeluecht ginn. Vill Schoulgebaier wiere frou, wann se dës Chance, sou vill Terrain ronderëm hiert Gebai ze hunn, gehat hätte fir esou e Projet kënnen ze realiséieren. Eng Naturspillplaz mengt ee wier einfach, mee et ass awer wierklech - wéi d'Josiane et eis erkläert huet - net esou einfach wéi dass een do kann einfach nëmmen e puer Elementer hisetzen, mee dass een effektiv sech muss un e ganze Koup Konditiounen bannen. Dofir also, mengen ech, deen doten - et si jo alleguerten déi Konditiounen, déi de Ministère stellt, erfëllt. Et ass jo e Konzept hannendrun. A wann een dann sou déi eenzel Elementer hei gesäit, dann kann ee sech virstellen, dass den Ensembl herno wierklech eppes ganz Gelongenes ass, wou d'Kanner sech wäerte kënnen anstänneg defouléieren - och e bëssche knaschteg maachen, wat op esou Plazen natierlech dann och néideg ass.

Meng Fro dozou just nëmmen, ass déi heite Spillplaz net éischter elo awer fir déi méi kleng Kanner geduecht, wann ech déi Elementer esou gesinn, Hexenhaischen an esou? Dann eng zweet Fro. Déi bezitt sech éischter op d'Kontroll vun naturno Spillplazen. Mir wëssen, dass déi alleguerte liiert sinn u méi Entretien. Déi nei Plaz hei gëtt zwar clôturéiert. Natierlech ass och eng Dier virgesinn. Mee vu dass all Spillplaz accessibel fir de Public ass, gesinn ech bei mir op Lenkeschléi zum Beispill op der naturnoer Spillplaz, déi uewe kreéiert ginn ass, dass ëmmer erëm Leit hir Hënn mat eran huelen an dann ass déi Dier dann ni zou, kann ech bal behaupten. Dobäi lafen dann jo awer och nach Fiiss doruechter. Dofir, dat ass dann och hei am Ribeschpont net aneschtters. Et sinn och nach vill Schoulhaff oder Spillplazen, déi méi roueg leien, gesichte Plaze fir Jugendlecher. Ech wëll lech elo hei net Angscht maachen, mee ech soe just nëmmen, um Lenkeschléi ass d'Polizei mindestens eemol bis zweemol d'Woch present owes, owes op der Spillplaz. D'Gemeng huet jo eng Equipe, déi sech ëm d'Spillplaz bekëmmert. Beim Buerfousswee, déi jo och eng änlech ass, bausse mat Geräter a sou, do gi jo deeglech Kontrollgänger gemaach, wann déi Plaz bis op ass.

De Buerfousswee mécht eis Equipe och all moies op dës Plazen, Naturschoulhaff. Ech wees et vun de Spillplazen, sou wéi de Concierge jo och all Moie säi Rondgang duerch de Schoulhaff muss maachen. Voilà, dat ware just nach déi zwou Froen, déi ech hätt. Mir begrëssen dee Projet natierlech. Mir stëmmen natierlech dësen Devis estimatif mat.

JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV): Merci fir d'Wuert. Ech wollt just eng kleng Remark maachen an ech wollt och dem Josiane Merci soen, dass hatt d'Leit och ëmmer mat integréiert an déi ganz Diskussiounen eran. Well ech hat elo d'Chance och dobäi ze si bei der Wolkeschdaller Spillplaz, wou soll nei gemaach ginn. Dat ass en anere Projet, dee kënnt eréischt. Mee wat ech awer begrëssen, dat ass, dass dann d'Elterevertriedung, oder respektiv méi e grouse Grupp kann deelhuelen. Do kommen heiansdo Iddien eran, déi awer kënne verwäert ginn an déi och respektéiert ginn. Ech mengen dat ass ganz wichteg, wann net nëmmen een Acteur um Dësch sëtzt, mee et sëtzen der ronderëm. Dat souwuel d'El-

tere wéi och aner Acteuren, déi eebe mat zoustänneg sinn, an da kommen Iddien eran, déi een awer vill virun allem ka gebrauchen an och dann herno d'Spillplaz esou maachen, dass herno jiddwereen zefridden ass. An dat ass e grouse Pluspunkt am plaz dass dat einfach decideréiert gëtt, et gëtt esou gemaach. An hei gëtt jiddweree mat erageholl. Dann kann och kee soen "Ech si net gefrot ginn." An dat fannen ech eng ganz gutt Saach an dofir begrëissen ech dat ganz, ganz kloer.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci, ech hat nach eng Zousazfro. Den Här Zuang huet mech elo drop bruecht: bei der Ribeschponter Schoul war ëmmer eng Muppentoilette-Plaz. An et huet ëmmer geheescht, déi kënnt och iergendwann eng Kéier dohinner. Do ass just meng Fro: wou kënnt déi dohinner a kënnt déi elo zäitno? Net dass dann d'Leit soen: "Majo hei dat ass jo fein. Do ass eng extra d'Spillplaz fir d'Hënn gemaach fir als Toilette ze benotzen." Et ass genau dat, wat den Här Zuang gesot och huet, e grouse Problem e bësschen.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN): Merci. Ma ech probéieren op déi eenzel Saachen anzegoen. Ech sinn zwar elo net den Techniker, mee Madame Heinen huet gefrot: d'Waasserleitung, kann een d'Waasser do och zoudréinen? Natierlech. Also éischens, et muss eng Waasserleitung do leie fir iwwerhaupt esou e Spill ze installéieren an natierlech kann een dat och zoudréinen, well soss hätt mer do de Weekend warscheinlech Plage 2, Piscine 2, keng Anung ne. Nee, dat ass scho ganz kloer. Schouklasse, kënnen déi och dohinner kommen? Éischens, et si jo Schouklasse am Gebai. De Moment sinn nach zwar keng dran, mee et wäerten der awer kommen an deenen nächste Joren. Natierlech kënnen déi och dohinner. Wuelwëssend, dass eng Schouklass ëmmer ënnert der Surveillance vum Schoulmeeschter ass. Dat heescht, wann de Schoulmeeschter seet: "Ma super, do ass eng Spillplaz. Da komm mir ginn dorobber." Dann ass dat dem Schoulmeeschter seng Responsabilitéit. Ech kann hinne jo net virschreiwen, "Gitt do oder gitt do. » Ech mengen de Schoulmeeschter, wann dee seet: "Ech gi mat menger Klass erop." Selbstverständlech. Bon, wat awer dobäi kënnt - an ech mengen, den Här Zuang huet dat richteg gesot - et ass éischer fir méi kleng Kanner.

Et leit op der Héicht vum Precocé. Maache mer ons näischt vir. Et sinn zwar natierlech Saachen do wéi sou e Weidentunnel oder Weidentom, kann ech mer och virstellen, do muss ee gutt oppassen, well dat ass wierklech en Eck, dat gëtt schonn e bëssche méi zou. Mee prinzipiell, vu que datt keng Spiller do sinn, ausser wierklech Naturelementer, géif ech mer soen, et ass éischer déi Kleng, déi dohinner ginn. Déi Grouss hunn hiren Naturschoulhaff ënnen. Déi sinn elo net onbedéngt do fir do erop ze goen, mee si kënnen awer natierlech, selbstverständlech. Bon, dann ass natierlech d'Angscht - an dat wëll ech awer och mol eng Kéier soen - Jugend. Ech hunn et, mengen ech, gesot an der Reunion vum Wolkeschdall, well do och "Ah jo, an da muss een awer oppassen, an déi fëmmen do an déi maachen hei an do". Do hunn ech gesot, all déi Leit, déi do setzen, déi hunn de Moment kleng Kanner. Déi wäerten an a puer Joer, wäerte se Jugendlecher doheem setzen hunn. Mir kënnen déi net verstoppen, mir kënnen déi net aspären. Mir

kënnen hinne just Respekt bäibréngen, dass se déi Plaz wou se sëtze respektéieren. Hei ass natierlech och erëm eng Plaz wou se higinn. Jo Lenkeschléi, do kënnt ee mol d'Woch... Jo, wou solle se dann hin?

Ech weess, dat ass ëmmer all Schoulhaff, dee mer maachen, och d'Butschebuerg, dee Schoulhaff, dee mer maachen, do wäerte mer dee selweschte Problem hunn. Mir kënnen awer net alles zouspären. Ech mengen, si sollen do, wa se et respektéieren ass dat ok. Dann, mécht eis Equipe all moies Kontroll? Jo, eis Equipe mécht all moies Kontroll. Ech mengen um Strutzbiereg hu mer ëfters Feiere gehat an Tuten an Dreck. Also eis Ekippe maachen ëmmer Kontroll. Zur Muppentoilette, mir hunn do e riseg Problem, well d'Leit wierklech do an deene schéine Wise mat hire Muppe ganz gären... Mee déi kënnt erëm dohinner. Se hunn déi jo wechgeholl. Déi stoung op der Plaz, wou elo d'Maison Relais steet an déi soll op déi aner Säit an déi Wiss kommen. Ech wees elo awer allerdéngs net, ob se se scho gesat hunn, mee déi kënnt awer erëm dohinner.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Villmools Merci fir do d'Erklärung. Ech wëlt awer och nach fir ofzeschlësse soen, dass een elo soll oppassen, dass een net onbedéngt soll e Bild hei molen, wou eis Spillplazen permanent belagert wäere mat Situatiounen wou effektiv Konflikter entstinn, respektiv wou Sécherheetsproblemer wäeren. Ech mengen et muss een en A behalen op déi Plazen, wou e bëssche méi problematesch kënne sinn. Et ass och net well Jonker, déi heiansdo e bëssche stéieren a sech op enger Plaz ophalen, och direkt stroffälleg ginn. Dat wëll ech och hei soen. Oft wann ee Jonker op enger Plaz gesäit, gëtt dat als stéierend emfonnt, och wann effektiv näischt virläit. Wann eppes virläit, da kann een agéieren. Also ech mengen et soll ee mat den néidegen Nuancen u sou eng Diskussioun deementspriedend och erugeen. A mir hunn d'Situatioun hei zu Diddeleng, och a Kollaboratioun mat souwuel sozialen Acteuren, mee och mat der Police ganz, ganz gutt am Grëff.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Ech wollt elo just net, also ech wollt net elo soen, dass déi Jugendlecher géifen do Kaméidi maachen. Ech wollt just nëmme soen, dass do Interventiounen waren, wou aner Saache fonnt gi sinn, uewen. An dofir hunn ech just nëmme gefrot, ob all Dag do eng Kontroll gemaach gëtt, well do herno - ech soen et einfach - esou Sprëtze leien a sou weider a sou fort. Voilà. Et ass net wéinst dem Kaméidi, mee et ass einfach wéinst deem. Dat hu mer och iwwerregens och a Schoulhaff gehat.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Merci. Ech wollt vläicht elo nach hei bemierken, dass mer als Gemeng och ëmmer méi mat engem neie Phänomen konfrontéiert ginn an zwar, dass och d'Awunner aus dem Quartier oder déi direkt Nopere sech bei eis mellen, well eebe grad, wa mer sou Situatiounen wéi déi heiten, wou nei Spillplazen entstinn, wou Kanner sech ophalen, eis uruffen a soen, dass Kanner stéieren. Wann een an engem Quartier wunnt, wou Kanner sinn, wou Famille sinn, wou een nei Plazen amenagéiert - och dat gëtt ëmmer méi eng nei Realitéit. Dat stellt natierlech och Froen vun Akzeptanz, au sens large an eiser

Gesellschaft. Mee dat léise mer haut hei net de Mueren am Gemengerot.

Da géif ech proposéieren, datt mer op de Vott vum Devis géifen iwwergoen hei fir d'Naturspillplaz am Ribeschponter Quartier. Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech Merci.

An ech wëll lech awer och net eng Informatioun virent-halen. An zwar, dass den drëtte Mäerz, donneschdes, ëm 16:00 mer am Fong d'Maison Relais Ribeschpont aweien. Dat heescht Dir kritt elo och nach eng offiziell Invitatioun als Member vum Gemengerot zougestallt, vu dass mer awer d'Diskussioun do ronderëm eeben d'Ri-beschponter Maison Relais féieren, wëll ech awer och deen Datum hei matdeelen. Voilà, da kënnt Der iech dat an Ärem Agenda notéieren.

2.18. Approbatioun vum Devis estimatif fir d'Moder-nisierungsarbechte vun den Infrastrukture fir den Eclairage public (LED) – Phas II

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ech géif proposéieren, dass mer op de nächsten Devis iwwerginn. An dat ass den LED, d'Phas II, den Eclairage public, dee mer virhuelen. Et ass esou, dass dat déi zweet Phas ass. An enger éischter Phas goufe schonn eng ganz Rei Quartieren a Stroossen duerch den LED ëmgerëscht fir den Eclairage public ze moderniséieren. Hei hu mer am Fong déi zweet Phas. Dat ass engersä-its en Deel vun der Dominique Lang, d'Antoine Zinnen, d'Soibelkaul, d'Battenberg, Auguste Lumière, Michel Rodange, Lentz, Fondateurs, Ditzeneck, Moulere, La-mineurs, Poseurs, Chaudronniers... Also dee ganze Soibelkaul. Dat maache mer am Fong. An de Virdeel ass natierlech - vue dass den Ament do déi Beliichtung an engem net méi gudden, up-to-daten Zoustand sinn an och effektiv en exzessive Stromverbrauch hunn an et och schwéier ass, well et al Anlage sinn, Ersatzstécker ze fannen, komme mer hei natierlech an eng Situatioun... Wa mer hei deen Devis stëmme vun deem dote Montant vun 350.000.-€, dass mer dann hei besser Konditiounen fanne mat den LED-Luuchten am ëffentle-chen Raum.

Dat zu der Erklärung, wat deenen Devis ugeet. Remar-ken, Froen dozou? Dat ass net de Fall. Ass de Geme-nengerot mat deem doten Devis averstanen? 250.000.- €? **Dat ass unanime.** Villmools Merci.

2.19. Approbatioun vum Devis estimatif fir d'Moder-nisatioun vum Eclairage public vum WIFI-Reseau am Park « Mayrisch »

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dann, de nächsten Devis, de WIFI am Park Mayrisch.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN): Jo voilà, villmools Merci. Hei am Park Mayrisch ginn och d'Luuchten frësch gemaach. An do profitéieren mer dann an engems dovun, well mer jo iwwerall e bëssche fräie WIFI hunn. Mir hunn dat jo schonn am Duerf, mir hunn dat op der Gemeindeplaz an och hei am Park na-tierlech, sollen d'Leit och kënnen de fräie WIFI benot-zen. A, wéi gesot, et sinn normal Luuchten..

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ech wollt eng kleng Be-mierkung maachen an zeréckkommen op eis Diskuss-ioun vu virdrun mat der Sécherheet bei de Schoulen. Am Mayrischpark ass effektiv och esou eng Plaz, déi e bësschen oniwwersiichtlech ass a wou alt Problemer kënnen an deem Genre sinn. An dofir begrësse mer wann elo d'Beliichtung soll nei gemaach ginn a mer hof-fen dass béi e bëssche méi däischter Ecken do, zum Beispill niewent dem Kiosk, och da kënnen e bëssche méi opgehellet ginn fir eben ze verhënnere, dass sech do zwilichteg Gestalten ophalen an déi komeschst Akti-vitéiten do ausüben. Merci.

BOB CLAUDE (LSAP): Merci. Ech wëll och kuerz eng Interventioun zum Devis vun der Modernisatioun vun der Beliichtung a vum WIFI Reseau am Mayrischpark maachen. Déi grouss Frequentatioun vun Diddelenger Bierger an anere Visiteure beweist d'Popularitéit vun deem Park. Eng modern LED Beliichtung an och de fräien Zougank zum WIFI Reseau sinn absolut ubruecht. Sait dem Juli 2017 gëtt den Citywifi vun HotCity aktuell an der Niddeschgaass, op der Plaz am Duerf, op der Ge-mengeplaz, am Centre Hartmann an an der regionaler Bibliothék ugebueden. Dobäi ass e Bong vu 15.000.- € am Kader vum Concours vun der Europäescher Kom-missioun WiFi4EU am richtege Moment komm, fir den Ausbau vum fräie WIFI Reseau mat ze finanzéieren.

A villen anere Gemengen hei am Land an am Ausland ass den Zougank zum fräie WIFI eng Selbstverständlech-keet ginn. Et soll een awer kritesch mam Benotzen vum gratis WIFI ëmgoen, well dee jo net securiséiert ass. Iwwregens muss een e gratis Kont bei HotCity kreéie-ren a sech dann all Kéier mat sengem Benotzernumm a sengem Passwuert aloggen. Dat kéint fir munchereen ëmständlech sinn an. Dofir wier et interessant gewuer ze ginn, wéi vill Leit vun der Offer iwwerhaupt profitéie-ren. D'LSAP-Fraktioun wäert deenen Devis natierlech approuvéieren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Villmools Merci och fir déi dote Stellungnam. Weider? Neen? Dann géif ech vläicht dem Josiane d'Wuert ginn an dann géif ech och nach eppes soen.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN): Bon, wéi vill Leit dovunner profitéiere kann ech elo wierk-lech net soen. Ech hat elo net domadder gerechent, mee ech kann dat awer selbstverständlech nofroen. Ech wäert dat och maachen. Just dat mat deem Alog-gen: also, normalerweis ass et esou, dat war mol am Hartmann, dass ee sech ëmmer erëm huet nei mus-sen sou aloggen ... Mee op deenen ëffentleche Plazen muss een direkt fräi erakommen. Do ass näischt méi mat Aloggen.

BOB CLAUDE (LSAP): Also ech hunn dat selwer elo awer zwee Deeg probéiert op deene verschiddene Plazen. Et kënnt all Kéiers den Hiwäis, datt een erëm muss alog-gen. Also, ech si vläicht eng Ausnam, mee ech mengen, dat ass et net.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN): Also et ass op alle Fall soll et den Easy-Wifi sinn. Mir hunn dat och gefrot. A, wéi gesot, ech testen et da

selwer. Ech wäert et muer selwer testen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Mir huelen eis där Saach un. Merci. Josiane, wollts de nach eppes bäifügen? Här Gangler:

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ech wollt nach eng Kéier zeréckkommen op déi Saach vum Eclairage. Mir hate jo scho mol eng Kéier hei geschwat vum deem Innovation Hub, wou eng Firma ass, déi Stroosseluuchte mécht, déi sech och kéinten mat Bewegungsmelder aschalten, wann et nëmme néideg ass. An et ass och mat där Iddi am Hannerkapp, wou ech gesot hat, wann een am Mayrischpark Plazen huet, déi e bësschen suspekt sinn, dass een do och zum Beispill an déi Richtung kéint goen, fir do Luuchten hinstellen, déi mat Bewegungsmelder ausgerëscht sinn an déi dann dee Beräich nëmmen auslichten, wann et néideg ass a fir de Rescht kënnen am Däischtere loossen fir awer nach e bësschen ekonomesch virzegoen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dat ass natierlech elo kontradiktöresch. Engersäits sot Der en Appell fir méi Sécherheet, awer anerersäits solle se da just ugoen an däischter bleiwen. Dat ka jo d just de Contraire schafen. Do muss een oppassen... Also ech wëll just awer generell eng Remark hei maachen, dass och wa mer elo hei en neien Eclairage public hei maachen am Mayrischpark, ass an der aktueller Situatioun - wou den Eclairage zwar net esou gutt ass, wéi deen neien, dee mer elo installéieren - huet de Mayrischpark kee Sécherheetsproblem. Mir hu jo reegelméisseg Kontakt mat der Police: déi intervenéiert do ganz wéineg. Dat heescht et ass en Espace public, deen ebe grad esou a senger Ausrichtung wéi en alt ass, akzeptéiert ass an am Fong par rapport zu Situatiounen déi mer mol haten am ale Mayrischpark - fir déi wou Dir lech nach kennt drun erënneren - do ware mol heiansdo méi quokeleg Situatiounen. Dat ass actuellement net de Fall an der aktueller Situatioun ronderëm de Park. Och hei, mengen ech, muss ee mat de néidege Nuancen och eruegen. De Moment ass do absolut guer kee Problem. Dat heescht, wa mer den Eclairage public verbesseren dréit dat sécherlech nach zu méi Convivialitéit bäi, nottamment dann och owes, wat de Park ugeet. Et soll een also net eng falsch Sécherheetsdebatt féieren.

Ass de Gemengerot mat dësem Devis averstanen? **Dat ass unanime.** Dann soen ech lech villmools Merci.

2.20. Approbatioun vum Devis estimatif fir d'zentraliséiert Verdeelung vun Drénkwaasser an de Schoulen an de Maison Relais

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mer weider op d'Drénkwaasser-Zapstellen.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Voilà, villmools Merci. Dat heiten, den Devis, deen Der virleien hutt, dat ass fir an de Schoulen iwwerall Waasserspenderen ze maachen. Ech mengen, Dir wësst et selwer, d'Schoulen hunn an all hire PDS'en och dee Plastikfräi-Projet lafen an dat heite reit sech am Fong doranner an. Dat heescht, dass d'Kanner d'Méiglechkeet hunn, eng Fläsch, déi se all Dag ëmmer erëm be-

notzen, kënnen an der Schoul opzefëllen. Doduercher brénge se dann natierlech manner Plastikfläsche mat an dat Ganzt reit sech e bësschen do an. Hei sinn eigentlech 12 Stéck, déi sollen installéiert ginn an eise Schoulen. Et sinn 12 Waasserspender. Dir wësst et, an der Lenkeschléi hu mer et direkt virgesinn. Am Neibau ass et ëmmer direkt mat virgesinn. Mir wëllen awer all eis Schoulgebaier norëschten an dofir ass deen Devis hei, dee leit lech vir. Wat do wichteg ass vläicht ze wëssen: mir kafen déi Waasserspenderen. Do gëtt et och eng aner Optioun: déi kann ee lounen. Mee mir wäerte se kafen. Déi kaschte 1700.- € pro Stéck an déi ginn och op déi néideg Plazen an de Schoulen installéiert. De Moment, fir lech et ze soen, deen éischte wäert elo am Ribeschpont installéiert ginn, duerno ass d'Gafelt an dann eent nom anere Schoulgebaier. Dat ganzt leeft iwwert dëst Joer. Da wäert Enn des Joers an all Schoul sou e Waasserspender installéiert sinn, wat eng gutt Saach ass fir e bëssche manner Plastik ze benotzen. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och, Josiane fir déi dote Presentatioun. Froen dozou?

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo, ech hu Froen an eng länger Interventioun. Also 4 Froen. Am Budget 22 steet hannert dësem Artikel 20.000.- €. Am Devis steet 40.000.- €. Firwat déi Verdueblung vum Montant? Sinn d'Schoulcomitéen an d'Verantwortlech vum SEA am Virfeld mat abezu ginn? Wat sinn d'Käschte fir den Ënnerhalt? Et brauch Elektresch, de Kuelefilter muss ersat ginn a souwäit mer wësse kann een dee net recycléieren. Ginn et Punkten am Klimapakt dofir wann ee Waasserspender opstellt? An der Deliberatioun gëtt erkläert, datt d'Hauptzil d'Promotioun vum Drénke vu Krunnewaasser ass an domat d'Vermeide vu Plastikfläschchen an de Schoulen a Maisons Relais. Dat ass e nobelt Zil mat deem mir ganz averstane sinn, grad esou wéi mir ëmmer de Schafferot ënnerstëtzt hunn, de Spillschoulskanner eng Schmierekëscht an e Bidon ze schenken. Mir hunn och eis Begeescherung gedeelt fir op de Wee ze goe vu plastikfräier Schoul. Et konnt een och en Ëmdenken an de läschte Jore feststellen. D'Kanner hu praktesch all e Bidon an déi wéinegst bréngen nach Plastikfläsche mat. D'Kommunikatioun mat de Elteren ass natierlech fir dat ze erreeche wesentlech. D'Krunnewaasser ass am Géigesaz zu Limonad, Jus, Capri Sonne, Schocki a sou weider, ouni Zucker, also méi gesond. Et ass méi bëlleeg an et mécht keen Offall. Et huet nëmme Virdeeler. Mir hunn eis am Service Bâtiment renseignéiert. Eist Krunnewaasser an de Schoule gëtt reegelméisseg kontrolléiert an ass an der Rei. Surger maachen an ale Gebaier déi al Réier, déi d'Waasser no längerem net Benotze roudelzeg fierwe kënnen. Mee dat wier éischter en ästhetesche Problem a kee gesondheetlechen.

D'Situatioun haut ass, datt d'Kanner hier Bidonen um Krunn, meeschtens am Kllassesall, eventuell och nach op der Toilette opfëllen. Oder d'Kanner hu Becheren am Kllassesall stoen a kënnen esou vum Krunn drénken. Wat ass dann elo e Grond oder eng Plus-value fir e Spender opzestellen? De Spender huet e Filter, deen d'Waasser méi propper mécht. De Spender ass attrak-

tiv an erënnert d'Kanner drun, Waasser ze drénken. De Spender ka Kanner dozou bréngen, Waasser am Bidon amplaz séisst Gedrénks an enger Verpackung matzebréngen. Dat si gutt Argumenter dofir: An awer ginn et och Bedenken. Een eenzege Waasserspender fir eng Schoul mat e puer honnert Kanner - do hu mir eis gefrot wéi dat mam Opfëllen organiséiert gëtt. Wou kënnt dee Spender hi stoen? Fir et emol iwwerspëtzt ze soen: gëtt dat net en endloost Gewanders duerch d'Gebai fir de Bidon opzefëllen? Wa just an de Pausen opgefëllt dierf ginn, kann dat zu engem Stau virum Spender féieren. Déi wéinegst Kanner huelen de Bidon mat an d'Paus a wëllen och keng Zäit verléiere vun hirer Paus.

De Punkt, deen eis awer Gedanke mécht, ass de Message, dee kéint falsch verstane ginn. Mir hunn elo scho ganz vill Waasserspender an de Schoulen, an de Klassen all an op den Toiletten: se heesche Krunn. Gi mir mam Opstelle vun engem Spender net de Message, datt Drénkwaasser aus dem Krunn net méi gutt genuch ass? Gëtt dat elo mannerwäerteg? Gi mir net de Message un d'Kanner, datt Drénkwaasser duerch eng Maschinn lafe muss fir an e Bidon an d'Kanner mëss-trauesch ginn, ob d'Krunnewaasser propper a gesond ass? Huele si dee Message net och mat heem a wëllen do kee Krunnewaasser méi drénken? Amplaz op de Wee vu Waasserspender ze goen an de Gebaier, wou een zu all Moment Zougang zu engem Krunn huet, géife mir léiwer gesinn, datt eis Réier erneiert ginn, wann et néideg ass an datt Krunnen ander Rei sinn, datt de Bidon drénner passt. Mir begréissen d'Drénkwaasserspender am ëffentleche Raum, sou wéi déi Fontaine an de Niddeschgaass, op Sportplazen, bei Spillplazen, iwwerall do, wou besonnesch Kanner a Jugendlecher kee permanenten Zougang zu engem Krunn hunn. An do fanne mir e Spender duerchaus sennvoll. Bei dësem Devis ass et eis awer net esou kloer, ob et Sënn mécht.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir Är Stellungnam. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Ech probéieren elo op déi verschidde Saachen anzegeen. Ech hunn et scho puer Mol gesot, ech sinn net den Techniker. Ech mengen, Madamm Heinen, Dir hat jo Kontakt mam Här Stockhausen. Deen huet lech warscheinlech déi technesch Detailer do scho gesot. Bon, ech kann se awer nach gären eng Kéier nofroen. Also wéi gesot, ech sinn elo net den Expert do fir ze soen, wat een erëm ka recycléiere a wat net... Ech wëll awer allgemeng e bësschen eppes soen. Wann ech all Krunn oder all Schrauw, déi ech an der Schoul maachen ëmmer an Zesummenaarbecht mat Elteren, mat der Maison Relais a mat de Schoulmeeschtere maachen... Ech mengen, ech hunn eleng mat de grouse Projeten, déi mer do maachen, scho relativ vill ze dinn. Et ass net alles wat gemaach gëtt, méiglech zesumme mat jiddwengem ze maachen. Ech wëll awer soen, datt hei eise Service des Sports mam Här Stockhausen zesumme gekuckt huet, wou déi Waasserspenderen an de Schoulen, wou et Sënn ergëtt. Natierlech, mir hate keen Aarbechtsgrupp fir all Waasserspender an all Schoul. Dat deet mer Leed, dat ass leider net méiglech zäitlech.

An dann, e puer Saachen awer och: d'Kanner hu jo e Krunn op der Toilette. Also ech weess net ob Der d'Krinn op der Toilette ëmmer gesitt. Wann een do probéiert, eng Fläsch drénner ze kréien - dat geet mol net. Ausser de Lavabo léisst sech rop a rof drécken, mee fir de Rescht geet et net. Ech gesinn awer, zum Beispill an enger Schoul Lenkeschléi, wou mer sou Waasserspenderen hunn, sief et bei der Kantin, wou d'Kanner kënne, wann se fäerdeg giess hunn, nach séier hir Fläsch opfëllen, datt dat awer absolut sennvoll ass. An net mir ginn elo op d'Toilette a mir stinn elo zu 20 op der Toilette, een hanner deem aneren a probéieren do eis Fläsch opzefëllen. En plus, an all Klassen ass och ëmmer erëm e Krunn. Och dat kann ee maachen. Mee hei geet et awer haaptsächlech dorëm: dir gitt an de Sport, dir maacht Sport, kommt erëm eraus, do ass esou e Waasserspender, do fëllt der op. Also ech gesinn dat doten elo net als Message "Drénkt kee Waasser vum Krunn, well et fir d'éischt duerch e Filter muss lafen." Esou ass et sécher net. Also ech fannen dat doten absolut eng wirklech flott Saach. Ech mengen den Här Spina kann do e bëssche méi detailléiert dorobber agoen.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci dann de Waassertechniker elo. Ech wollt am Fong vun den Erfahrungen zielen, déi mer e bëssen am Sport gemaach hunn. Am Hartmann ass dat jo och de Fall, wou am Fong geholl en zentrale Spender ass, fir d'Leit déi Sport maache kommen op fräiwëlleger Basis, respektiv och fir d'Schoulen a fir d'Veräiner, an do klappt dat ganz gutt. An och do si jo Vestiaires wou Krinn wäeren a Lavaboe sinn, mee et ass e bëssi wéi d'Madamm Di Bartolomeo sot, dass dat net gutt ass an och net sou dofir geduecht ass, bzw. géif een do sech warscheinlech Téitschen an de Bidon bzw. an de Lavabo siche goen. Nichtsdestotrotz probéiere mer awer individuell Léisungen ze fannen. Mer hunn z.B. um Stade Meyer, wou jo dann och ganz vill Sport gemaach gëtt, do ass d'Situatioun e bëssen eng aner. Do hu mer d'Méiglechkeet déi Krinn déi am Vestiairesberäich sinn ze notzen dofir. Do kann een dat e bëssen an deem Sënn upassen an et muss och kee Filter agesat ginn, well déi Krinn do reegelméisseg lafen. Dat heescht do gëtt ganz kloer vum Krunn, vum Lavabo, genotzt, well do eng aner Distanz ass tëschent dem Krunn an dem Lavabo. Do geet et, do kann een dat da sou maachen. An do mécht et dann deementspriedend dann och Sënn. Dat heescht mir kucken do fir individuell Léisungen ze fannen a mer hunn am Sportberäich do ganz gutt Léisungen domadder gemaach. Et gëtt och e gewëssenen Débit, e gewëssenen Drock, fir dass een net ze laang do steet fir säi Bidon opzefëllen. Voilà, ech wollt dat nach preziséieren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci nach fir déi zousätzlech Erklärungen a Prezisiounen. Ech hoffen, dass domat all Doute aus dem Wee geraumt ass.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG):

Ech hat nach gefrot, firwat aus den 20.000.- € elo 40.000.- € gi sinn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Fir d'Budgetsjoren. En Devis ass jo ëmmer dat Ganzt an

du verdeels et op zwee Budgetsjoren. En Devis ass jo ëmmer dee gesamten.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG):

Ah sou, dat war fir ee Budgetsjoer.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Den Devis ass ëmmer d'Gesamt an dat verdeelt sech dann op d'Budgetsjoren. Wéi bei den anere Projeten jo och.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Also dat mam Sport...

Also, wéi gesot, mir si lo net géint Waasserspender. Et gi Plazen, wou et duerchaus sënnvoll ass. Awer elo zum Beispill an enger riseg Schoul wéi de Brill ee Waasserspender opstellen... Elo fëllen d'Kanner jo schon hire Bidon um Krunn. Meeschtens am Kllassesall gëtt dat opgefëllt. Do hu se Becheren do stoen. Dat funktionéiert dach elo schon. Also mir gesinn do lo net richteg den Notzen, fir do elo ee Waasserspender opzestellen. Also mir wäerten eis awer bei deem Punkt hei enthalen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

D'Accord. Merci. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. **Wien ass mat deem heiten Devis averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun LSAP, CSV an eisem onofhängege Member. Wien enthält sech? Dat ass dann déi Gréng Partei.** Villmools Merci.

2.21. Approbatioun vum Devis estimatif iwwer d'Augmentatioun vun der Chaudière fir waarmt Waasser a fir d'Extraction plonge vun der Maison Relais « Strutzbierg »

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): An da géife mer weidergoen. Mir bleiwen am Schoulberäich.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):

Villmools Merci. Um Strutzbierg, do musse mer bei der Chaudière eng Augmentatioun maachen, fir dass iwwer d'Chaudière méi waarmt Waasser ka produzéiert ginn. Dat heescht do ass eng Chaudière installéiert ginn an och e Boiler, dee gëtt di Kapazitéit vu waarmem Waasser, déi um Strutzbierg gebraucht gëtt, net hier. Do fir musse mir am Fong do norëschten. An hei läit elo den Devis vir. Do geet et wierklech drëm, dass se méi waarmt Waasser produzéieren. Dat heescht de Moment kann déi Heizung an dee Boiler nëmmen 200 Liter produzéieren an dat geet am Fong net duer fir dat Gebai an dofir rëschte mer no. Méi ass et net.

CLAUDE MARTINI (CSV):

Wéini hate mer déi Heizung do gemaach? Ass dat net réischt rezent gemaach ginn?

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Wéi d'Gebai gebaut ginn ass.

CLAUDE MARTINI (CSV): Ah nee et ass gutt, da mengen ech eng aner. Mir haten nämlech virun e puer Joer, ganz um Ufank wéi ech hei war, eppes gestëmmt mat enger Heizung. Ech hat gemengt, dat wier dat hei elo. Dann hu mer dat do villäicht vergiess dranzesetzen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Genau, dat ass en anert. Ganz genau. Se ass verluecht ginn.

CLAUDE MARTINI (CSV): Ah do war awer eppes.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dat war d'Schoul. Dat hei ass d'Maison Relais.

CLAUDE MARTINI (CSV): Ech konnt mech net méi genau erënneren, dofir froen ech dat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Jo.

Merci. Nach weider Remarken? Nee? Ass de Gemengerot mat deem Devis averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech villmools Merci.

2.22. Approbatioun vum Devis estimatif fir d'Aarbechte fir de Remplacement vun der Chaudière vum Boiler an dem Waasserkollekter an der Maison Relais « Waldschoul »

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):

Da fueren ech direkt weider. Dat ass an der Maison Relais an der Waldschoul. Do ass d'Heizung och, déi ass Fin de vie. Do waarde mer all Moment drop, dass déi ausfällt. Déi muss onbedéngt erneiert ginn. A vu que datt de Boiler do dee selwechten Alter huet, géife mer dann de Boiler och erneieren. Natierlech gëtt dat ëmmer da gemaach, wa Vakanz ass oder hei zum Beispill, do komme se vun hanne ran. Dat stéiert eigentlech de Betrib an der Maison Relais net.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Mer-

ci. Ass de Gemengerot mat deem Devis averstanen? **Dat ass unanime.** Jo, villmools Merci.

2.23. Approbatioun vum Devis estimatif fir de Remplacement vun de Leitungem aus Inox fir d'Dränkwaasser a vum Boiler an der Schoul « Wolkeschdall »

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):

Da fueren ech weider mam Wolkeschdall. Do ginn d'Waasserleitungen erneiert. Do ass esou datt effektiv déi Leitungen an den Alter komm sinn. A wann een da wëll um Krunn säi Bidon opfëllen, da mussen déi Leitungen an engem perfekte Zoustand sinn. An hei natierlech och: Dës Aarbechte fir d'Waasserleitungen ze erneieren, déi gi während der Vakanz gemaach. Da ginn och d'Kanner do net gestéiert an da kënne se hir Fläsch duerno ganz propper mat propperem Waasser opfëllen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci och fir déi doten Erklärungen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo do hunn ech mech

och e bësse gewonnert, well déi Spillschoul Wolkeschdall, déi ass jo nach net esou al, dass do scho muss d'Waasser nei gemaach ginn. Do hunn ech dunne an engems dat am Service Bâtiment da matgefrot. Et ass effektiv esou: Mir hu jo awer Schoulen, déi nach vill méi al sinn. Also wann ech elo Butschebuerg, Däich, Strutzbierg, Brill... Also kommen dann do och iergendwann Käschen op eis duer, dass mer do och déi ganz Waasserleitung mussen nei maachen? Well wann awer

effektiv d'Waasser esou schlecht ass, dass een et net méi kann um Krunn drénken, da mussen mer awer nach vill Waasserspender opstellen. Da geet awer mat engem fir d'Schoul Brill net duer, fir et emol iwwerspëtzt ze soen. Dat sinn awer Froen, déi ee sech da stellt.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):

Wolkeschdall, ech kann elo net soen, firwat d'Leitungen do schlecht sinn an net. Ech mengen, mir maache jo Prouwe wou mer da kucken, wéi d'Waasser ass. E Gebai wat sécher kennt, wou ech elo scho weess, datt dat muss gemaach ginn, dat ass den Däich. Dat ass ganz kloer. Also no Jore muss een déi Waasserleitungen einfach erneieren. Dat ass och privat an den Haiser esou, warscheinlech och an de Schoulen. Awer firwat lo grad Wolkeschdall: Well do hu mer et festgestallt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci fir déi doten Erklärungen. Ass de Gemengerot mat deem doten Devis averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

2.24. Approbatioun vum Devis estimatif fir de Remplacement vun der Centrale de Détection incendie a vum Eclairage de secours vum Gemengenhais

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dann ass en Devis vun 30.000.- € wou den Eclairage de Secours am Gemengenhais am Fong ëmgerëscht gëtt. Dat ass d'Zentral, déi ersat gëtt. Punkto Feierdetektioun gëtt just d'Zentral ersat. Dat ass en ale Modell, deen et net méi gëtt, deen net méi existéiert. Dowéinst mussen mer deen och ersetzen, fir do up-to-date ze sinn. Ass de Gemengerot domat averstanen? **Dat ass unanime.** Villmools Merci.

2.25. Approbatioun vum Devis estimatif fir de Remplacement vun der Détection incendie an der Schoul « Ribeschpont »

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN):

D'Ribeschponter Schoul. Och do ass genau dat selwecht. Do muss och d'Zentral ersat ginn, well och do keng Ersatzstécker sinn. Déi sinn an den Alter komm. Et ass d'selwecht wéi an der Gemeng. Et ass keen Ënnerscheid.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Ass de Gemengerot mat deem do Devis och averstanen? Dat ass unanime. Da soen ech lech villmools Merci.

2.26. Approbatioun vum Devis estimatif fir de Remplacement vun der Chaudière, der Détection gaz an dem Eclairage de secours am Stade « Barozzi »

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

An dann de leschten Devis. Do gi mer op de Stade Barozzi. Dat ass den Détection gaz et de l'Eclairage de secours, déi mer mussen frësch maachen, well déi effektiv en Fin de vie sinn, well se al sinn a mussen deementspreechend erneiert ginn. Dofir hei den Devis vun 38.000.- € fir d'Chaudière, d'Détection gaz an den Eclairage de secours frësch ze maachen. Och hei rëschte mer rëm op. Ass de Gemengerot mat deem doten Devis averstanen? **Dat ass unanime.** Da soe mer iech villmools Merci.

2.27. Extraoridnair Subsiden, déi ze vergi sinn

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dann hätte mer d'Devisen ofgeschloss. Mer haten eng ganz Rëtsch haut. Och nach e bësse méi kleng Projekten, et sinn awer keng onwichtig. Hei dann e Subsid: 150€ wollte mer dem Groupe de support psychologique, dem GSP - dat ass e spezielle Grupp vum CGDIS, dir hutt do e Courrier virleien - wollte mer deenen e Subside ginn vun 150€ fir hir 25 Joer. Voilà, si maache jo eng wichteg Aarbecht. Ass de Gemengerot mat dem dote Subsid averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

3. CONSULTATIV KOMMISSIONEN

Approbatioun vun de Modifikatiounen fir d'Zesumsetzung vun de consultative Kommissionen

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

An da géif ech op d'Kommissionen iwwergoen an do hu mer am Fong bei konsultative Kommissionen matgedeelt kritt vum Här Haas, dass wat d'Membere vum Groupe Indépendant ugeet eng Rei Ännerungen sinn: An der Kulturkommission ersetzt den Här Nicolay den Här Krier. Am Jumelage Tourismus ersetzt den Här Nicolay den Här Krier an an der Mediekommission ersetzt den Här Nicolay den Här Krier. An der Ëmweltkommission ersetzt den Här Weis den Här Villwock. An der Jugendkommission ersetzt den Här Villwock den Här Nicolay. An der Hygiène a Salubrité Publiqueskommission ersetzt den Här Villwock den Här Nicolay. An der Alterskommission ersetzt den Här Villwock den Här Nicolay. An am Pool des Remplaçants, do gëtt den Här Krier aus dem Pool des Remplaçants erausgeholl. An dann, an der Commission ad hoc „Mémoire collective“ - dat ass jo déi wou am Fong eis Mémoire Collective opschaft -, do gëtt proposéiert als Member vun där Kommission d'Madame Laure Christoffel opzehuelen. Dat sinn déi Propositionen déi mer hei virleien.

Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Dann soen ech lech villmools Merci.

4. PERSONAL

4.1. Approbatioun vun dem neie Kollektivvertrag fir d'Mataarbechter vun de Südgemengen mat enger Durée de validité vum 1. Januar 2019 bis den 31. Dezember 2021

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da géife mer op d'Personal iwwergoen. Do hu mer hei e Südaarbechter-Kollektivvertrag virleien, dat heescht déi nei Konventioun, déi d'Applikatioun ass vum, wéi gesot, vum 1. Januar 2019 bis den 31. Dezember 2021. Mir musse soen, dass hei deen heiten Avenant elo am Dezember 2021 ënnerschriwwen gouf vun deenen 19 Gemengen, déi am Südaarbechter-Kollektivvertrag sinn, mat de Gewerkschaften OGBL an LCGB. Mir begréissen och hei an eiser Ronn de Paul Nosbusch, Chef vum Personalbüro, deen och mam Buergermeeschter zesummen an deene sëllege Reuniounen an Negociatiounsronden dobäi war, fir dass mer als 19 Gemengen hei zu engem gemeinsamen Nenner kommen. Well jo ëmmer am Kader vun engem Kollektivvertrag oder vun Avenanten - ech mengen de Mot final ass jo ëmmer, wann en ënnerschriwwen gëtt, mee do virdru sinn natierlech ëmmer Negociatiounen tëschent Fuerderungen déi natierlech den Employeur mol huet oder respektiv Gewerkschaften hunn. Op jidde Fall dat, wat mer virleien hunn, ass mengen ech e positivt Resultat fir d'Gemengen.

Nach eng Kéier e bësschen den Historique: dass am Fong am Juli 2019 d'Delegatioun zesummekomm ass fir éischt Echanges ze hunn - d'Gemengen an d'Gewerkschaften. 2000 waren eng Rei Reuniounen. Mee 2020 waren am Fong ganz wéineg Reuniounen bis souguer Februar 2021 eran, wéinst der ganzer Covid Situatioun. Do ass et natierlech net e bësschen a Vergiessenheet geroden, mee mir sinn net esou schnell virukomm, wéi mer dat initial och geplangt haten a mir hunn am Februar 2021 d'Negociatiounen erëm opgeholl a mir haten eng gutt Dose Reuniounen am méi groussen Krees an och am méi klengen Krees an och eng kleng Delegatioun vu 6 Gemengen, déi wierklech och um Fine Tuning geschafft hunn fir dass deenen Avenant ka gemaach ginn. En ass, wéi gesot, valabel vum 1. Januar réckwierkend 2019 op 31. Dezember 2021.

A mir hunn eis natierlech och verpflichtet a sinn am Wuert bliwwen, dass mer och elo am Laf vum Februar, respektiv Mäerz dann, déi nächst Negociatiounen ufänken a probéieren déi virun der Sommervakanz fäerdeg ze kréie fir dann och en definitive Südaarbechter-Kollektivvertrag stoen ze hunn, deen och fir déi nächst Joren - och fir kënnen no vir ze kucken - fir och deen deementsprechend kënnen ofzeschléissen. An do mengen ech, dass mer eis och d'Wuert ginn hu fir eng Rei Punkten op de Leescht ze huelen an de nächste Méint, sief dat den POT, V-Karriären, effektiv. Alles, och d'Funktions vun engem Tuteur, deen ëmmer méi wichteg gëtt an engem Betrib, awer och d'Prime de permanence, d'Sécurité an d'Santé au travail - dat si Saachen, déi mer deemnächst wäerten zesumme kucken. Natierlech am Protocol d'accord, wann ee kuckt, déi 19 Gemengen, dat sinn iwwer 2000 Leit déi am Salarisstatut sinn an de Gemengen an deene 19, déi am Fong betraff sinn. An ech mengen



wat een engersäits hei an deem Avenant erëmfënnt, dat ass einfach d'Aféierung vum Zeitsparkont vum CFMCT. Mir hunn eng Festleeung vun der Kilometerpauschal vu 0,3€ pro Kilometer. Mir hunn d'Upassung gemaach vum Congé extraordinaire. Mir hunn awer och d'Lafbunn A1 - dat ass déi ënnescht - dat ass déi nei Astufung, déi hu mer am Fong ofgeschafft. Mir hunn natierlech och nei Reegelungen fonnt, wann ee géif seng Karriär wiesselen. Mir hunn ee wou en Service leed, do hu mer och eng monatlech Prämie agefouert vun aacht Indexpunkten an de Lafgruppen, also an de Karriären A bis H.

Wéi gesot, mir hunn awer och d'Sonderprämie, déi monatlech Sonderprämie vun 11 Indexpunkten op 15 Indexpunkte réckwierkend op den 1. Januar 21 hei festgehalten, awer och d'Erhéijung vun Agangsstufen an d'Lafbunn an d'Verkierzung vum Beruffseinstieg op 2 Joer. Mir hunn effektiv och réckwierkend - wat och eng Verbesserung ass - fir 50 Indexpunkte fir d'Karriär A5 oder H2, awer och fir d'Karriär A4 an H3 vun 78 Indexpunkten. A wéi gesot eng Erhéijung vun de Lounstufen 11 bis 20 an de Karriären H3 bis V2, also am Fong eng ganz Rei Artikelen, ëm déi 12 Modifikatiounen déi, stattfonnt hunn. Wou generell, mengen ech, hei och eng Verbesserung... Et ass ëmmer d'Ausrichtung vun engem Kollektivvertrag, dass een déi bestoend Situatioun engersäits hält, respektiv weider verbessert. Hei si mer eis mat de Gewerkschaften eens ginn.

Sou dass mer hei och dann en Avenant virleien hunn, deen déi 19 Gemengen ënnerschriwwen hunn am Dezember, deen elo réckwierkend d'Applikatioun war, deen natierlech och valabel eeben ass bis den 31. Dezember 2021 ass. An awer, wat och nach eng Kéier drasteet - et ass direkt op der zweeter Säit - datt en natierlech weider leeft, eng Reconduction tacite, fir ee Joer, sous Condition dass en am Fong net dénoncéiert gëtt. Mee ech mengen, dass mer net an deem heiten Cas de figure sinn, sou dass mer de Kader gesat hunn fir déi heite Punkten ëmzesetze mat deenen 19 Gemengen, mat de Gewerkschaften an elo serainement déi nächst Etappe kënnen an Ugrëff huelen. Dat heescht och dann déi nächst Negociatiounen, wéi gesot da probéieren ze plangen an och déi probéieren dann dëst Joer ofzeschléissen. Voilà, dat eebe wat deenen Avenant ugeet vum Südaarbechter-Kollektivvertrag. Merci. D'Diskussioun ass op, oder wann ee Froen huet, voilà.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleegen a Kolleeginnen, virun eis leit hei de "Protocol d'Accord en vue de Renouvellement de la Convention Collective de Travail des Communes du Sud", mat anere Wieder en Avenant zum Kollektivver-

trag vun de Südgemengen, ausgeschafft tèschent de Südgemengen an de Gewerkschaften OGBL an LCGB. D'Vertriedung vun de Südgemenge war zesummegezat aus enger Delegatioun vun Esch, Déifferdeng, Diddeleng, Péiteng, Suessem a Käerjeng, déi stellvertriedend Diskussiounen am Numm vun de Südgemenge gefouert hunn. Diskutéiert - eise Buergermeeschter ass jo op d'Detailer agaangen - ass tèschent 2019 an Dezember 2021 - oder souguer scho méi fréi. Dat ass e laange Wee. Ma och hei ass dat zum Deel der Pandemie geschéit.

An dësem Accord si verschidden Onstëmmegkeeten ausgeraumt ginn a fir méi eng gerecht a strukturéiert Situatioun de Salariéen ze bidden. Sou ass dee Compte épargne-temps, CET ofgekierzt - dat ass net ëmmer alles sou kloer fir d'Leit dobaussen, en ass relativ technesch, deen Accord, wann dovunner geschwat gëtt. Also dee CET ass elo fir all Salariéen agefouert ginn an am Artikel 4 ass nogebessert ginn, well bei der Prime unique, zum Beispill vum Enn vun enger Karriär verschidde Leit e bëssche vergiess gi waren. Den Artikel gesäit vir, datt et e Forfait Frais des Déplacements agefouert gëtt fir Leit, déi zum Bäispill an hirer Aarbechtszäit sech mussen deplacéieren an hire Privatauto dofir mussen benotzen. D'Karriär vum Handwierker mat CATP an dem Viraarbechter mat engem CCM si gehéicht ginn. D'lessensgeld ass vun 11 op 15 Punkten eropgesat ginn an dat elo fir all Beschäftegter. D'Depense vu ronn 320.000.- € pro Joer si schonn am Budget 2022 berécksiichtegt. 8 Punkte kritt ab elo eng Persoun bäi, déi d'Sanktioun huet vun engem Chef de File, déi ee fréier genannt huet de Kolonneführer, eng Persoun also déi e kleng Grupp féiert an deem virsteet. Congé extraordinaire sinn deene vum Stat a Gemengen ugepasst ginn a beim Stage si gréisser Ännerunge virgeholl ginn. De System, datt een dräi Joer am Stage war, an deem éischte Joer 80% verdéngt huet, am zweete Joer 80% an dat drëtt Joer nach 90%, ass ofgeschaaft ginn an ersat ginn duerch e Stage vun zwee Joer, wou de Stageaire direkt mat sengem Ufanksgehalt ufänkt.

Weider Adaptatiounen si gemaach ginn an och ass eng Léisung fonnt gi fir déi Salariéen, déi elo tèschent oder während deenen Diskussiounen, déi hei elo gefouert gi sinn, agestellt goufen. Wéi gesot, d'Diskussiounen hu sech jo och länger Zäit higezunn. Eng Meeschterprüfung - bis elo krut een dofir 10 Punkte bäi - gëtt elo eropgesat op 15 Punkten. Dat bedeit, och eng kleng weider Depense vun 20.000.- €, déi d'Gemeng an hirem Budget chiffréiert. Wéi gesot, dat hei ass en Avenant, net deen éischten an och net dee leschten. D'Diskussiounen gi weider, bezéiungsweis hu schonn ugefaangen. D'Bestriewunge fir de Salariéen alleguer beschtméiglech Aarbechtsbedingungen ze schafen, dat verbënnt d'Gemenge mat de Gewerkschaften. An dëse schwieregen Zäiten, wou an deene leschte Joren méi wéi eng Existenz um Spill stoung oder futti gaangen ass dobaussen, weess een et ze schätzen eng sécher, gutt bezuelten an attraktiv Plaz ze hunn. Acquisen ofzesécheren an e gewëssene Feinschliff duerchzehuelen ass legitim a noutwenneg. D'Personal kritt hei also déi Pai, déi hinne per Kollektivvertrag zousteet a selbstverständlech huet dat och säin Nidderschlag am Budget. Ma mir als LSAP suergen eis ëm all Salariéen. Ob am

öffentleche Secteur oder am privaten. Wuel verstanen, mir stellen dëse Kollektivvertrag an den Avenant dozou natierlech net a Fro. Als Patron gi mir hei mam gudde Beispill vir: Mir hoffen, datt d'Politik an d'Gewerkschaften am Kader vun hiren Diskussiounen un engem Strack zéie fir datt d'Schéier tèschent de Secteuren an domat déi sozial Situatioun vun de respektive Salariéen net nach méi grouss gëtt wéi se schonn ass. Mir als LSAP stëmmen dësen Accord selbstverständlech mat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Kohn fir Är Stellungnam. Wa keen eng Stellungnam méi huet géing ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat deem Avenant hei averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

4.2. Kreatioun vun engem Poste fir e Gemengebeamten, Vollzäit, an der Kategorie d'Indemnité C, Groupe d'indemnité C1, Sous-groupe administratif, fir de Service Accueil

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géife mer op de nächste Punkt iwwergoen. Dat ass d'Kreatioun vun engem Posten an der Kategorie C am Service Accueil. Et ass jo esou, dass mer eng Rei Leit hunn, och eng Mataarbechterin, déi net wäit dovun ewech ass fir an d'Pensioun kënnen ze goen. Respektiv eis och do, well dat e wichtege Posten ass am Accueil, dass mer och do mussen de Service Renfort maachen. Ech mengen et huet och e bësschen ze di mat der ganzer Diskussioun, déi mer och mat Resultance hate par rapport och fir dat kënnen ze assuréieren am Accueil, a respektiv och d'Receptioun, well déi och mengen ech déi Funktiounsstellung hunn. An dofir ass dann hei d'Propositioun fir e Posten ze schafen am Groupe d'Indemnité C. Wéi gesot, dat ass dann 5 Joer post-primaire.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci, Här Buergermeeschter. Et ass wéi Der sot. D'Demanden un déi Leit bei eis, virun allem am Accueil, ginn ëmmer méi grouss an och méi komplex a mir verstinn dat duerchaus, dass een eng Opwäertung vun der Karriär wäert maache vun de Leit, déi do am Accueil tätég sinn. Wat mer och explizitt begréissen, dat ass dat wat mer och bei dem nächste Poste begréissen. Dat ass wa mer e Poste parallel kreéieren, dass mer dann awer schonn an d'Deliberatioun draschreiwen, dass mer eis verpflichten, deen ale Posten dann och ze suppriméieren, wann déi Persoun, déi da soll a Pensioun goen, dass déi dat dann och mécht. Ech denken dat ass einfach wichteg och fir d'Straffung vun eisem Personal an och fir d'Transparenz no baussen an dat fanne mer ëmmer ganz gutt an dat begréisste mer explizitt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Ass dann de Gemengerot mat der Kreatioun vun dësem Posten averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

4.3. Kreatioun vun engem Poste fir e Gemengebeamten, Vollzäit, Kategorie d'Indemnité B, Groupe d'indemnité B1, Sous-groupe administratif, fir de Service Education an Accueil

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): An dann d'Kreatioun vun engem Posten am Service Education Accueil.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Jo villmools Merci. Och hei maache mer eng Création de poste. Et ass eng Persoun, déi ass elo scho relativ laang am Krankeschäin an déi wäert iergendwéini och elo an d'Pensioun goen. Mir mussen awer fir d'Persoun ze ersetzen dann e neie Poste schafen an dat wäerte mer dann och maachen. An och hei natierlech gëtt dann deen aneren ofgeschafft, soubal d'Madamm dann an d'Pensioun geet.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Froen dozou? Dat ass net de Fall. Ass de Gemengerot mat der Kreatioun vun dësem Posten och averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.

5. FROEN UN DE BUEGERMEESCHTER- A SCHÄFFEROT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mer op d'Froen un de Schäfferot. Do ass eng Fro erakomm vun der Madamm lerpeldeng an och, wa se haut net kann hei si krankheetshalber, ass et awer mengen ech kloer, dass ech op hir Fro natierlech hei aginn, déi se gestallt huet. Et war am Kader, effektiv, vun der Covid-19 Pandemie, wou den 3G jo obligatoresch gouf op der Aarbechtsplaz. Si stellt do Froen, wéi d'Gemeng sech administrativ organiséiert huet all Dag, respektiv an de Gebaier, ob dat mat internem Personal konnt bewältigt ginn oder ob een huet missen op externt Personal zeréckgräifen, generell an der Organisation vum Service. An effektiv freet se och nach, ob d'Leit hirer Aarbecht kënnen nogoen, Ausfall wäeren, ob et zu Enkpäss komm ass a wa jo, wat d'Konsequenze gewiescht wäeren.

Op déi éischt Fro, also wéi huet d'Gemeng sech administrativ organiséiert: generell ass ze bemierken dass d'Ëmsetze vum Gesetz an der Stad Diddeleng am enken Austausch a mam Accord vun den zwou Delegatiounen gemaach gouf, souwuel d'Beamten, wéi och d'Salariéen. An d'Gesetz gesäit jo d'Méiglechkeet vir, Lëschten ze hale vun de Mataarbechter, bon, déi 3G-konform sinn a sech wëllen op eng Lëscht aschreiwe loosse fir sech net der dagdeeglecher Kontroll auszesetzen. Dat hu mer natierlech och gemaach. Mir hunn eng ganz Rei, ganz vill souguer, Mataarbechter, déi dorobber zeréckgegraff hunn. An natierlech sinn och déi Lëschte befollegt ginn nom Kader vun der Protection des données. Ech mengen och dat war dem Legislatuer wichteg, wéi een déi Méiglechkeet ginn huet an natierlech dat dann un d'Chefs de département, Chefs de service, déi jo och déi Lëschte féieren an och deementspriedend kucken. An de Moment, wéi gesot, déi et net maachen, déi Ma-




taarbechter, do gëtt natierlech all Dag d'Konformitéit kontrolléiert par rapport zum 3G-Regime. Ech wollt nach soen: vun 862 Mataarbechter, déi mer de Moment hunn, tout confondu, sinn der 742 op de Lëschten ageschriwwen. Dat weist den Orde de grandeur vun deene Leit, déi op deen Outil awer zeréckgegraff hunn. Konnt dat mat internem Personal bewältigt ginn? Jo, mir hunn am Fong op keen externt Personal zeréckgegraff. Hu mer iergendwéi iergendwellech Ënnerstëtzung gebueden, och finanzieller Natur? Mir haten an der Diskussioun, déi mer am Dezember 2021 haten, hate mer mat den zwou Delegatiounen uitgemaach, dass mer bei all Mataarbechter een Test géifen en charge huelen. Dës Reegelung gouf och natierlech mat de Gewerkschaften ofgemaach an och ofgeschwat.

Dann, konnte säit dem 15. Januar Leit vum Personal hirer Aarbecht net nogoen? Bon, et ware nëmme vereenzelt Fäll, wou Mataarbechter während der ganzer Durée vun der Mesure net schaffe komme konnten. Et war een Agent, deen d'office doheem bliwwen ass. Véier, déi punktuell ofgemellt waren, déi och net bezuelt goufen, déi och dat kloer matgedeelt hunn. Dat war jo eng Méiglechkeet, wou virgesi war: d'Agenten bliwwen dann entschëllegt doheem a kréie kee Salaire. D'Gesetz gesäit dat jo kloer vir. Och dat war jo mat de Gewerkschaften vun der Regierung um nationale Plang festgehale ginn an och, wéi gesot, am Gesetz. Dass et natierlech och punktuell mol zu Ofmeldungen koom, wann d'Leit net d'Méiglechkeet haten, sech rechtzäiteg en Test ze organiséieren, mee déi meescht, wéi gesot, hunn dat awer ouni Problem agehalen. Wéi gesot, an och deen een oder deen anere Krankeschäin, deen awer och rakkomm ass, bon, deen net am direkten Zesammenhang war mam 3G-Regime. Ass et zu iergendwellechen Enkpäss komm? Weider net. Mir haten am Fong gutt ofgeschwat, organiséiert mat de Gewerkschaften, mat de Chefs de services, mat de Chefs des départements, sou dass mer d'Kontinuitéit vun de Services konnten hei ouni Problem oprecht halen.

Dat d'Äntwerten zu der Fro vun der Madamm lerpeldeng. Dann hätte mer, mengen ech, den éffentlechen Deel hannert eis an da géife mer an den Huis Clos iwwergoen.

DOWN THE HILLS, ACROSS THE LAND

#STAYINTHELOOP | LOOP22.LU | #SUESSEM2022



opening

Esch2022 × Gemeng Suessem × 17
23.06.–27.06.2022 > Park um Belval

Opening 23.06. 17h00

concerts / meet the artists / pavillon source bel-val / visite guidée en
navettes du parcours <loop> / mapping by melting pol / food & drinks

/01 daniel wagner + patrick galbats **/02** wennig &
daubach **/03** claudia passeri **/04** studio d-o-t-s **/05**
trixi weis + emre sevindik **/06** dkollektiv **/07** laura
mannelli **/08** weaving futures **/09+10** la bonneterie
/11 melting pol **/12** steve gerges **/13** man'ok & cie +
merci raymond **/14** maskénada **/15** harmonie de
soleuvre **/16** sete sóis sete luas **/17** cie eddi van tsui

SUESSEM,
JE T'AIME¹³



DANS LE CADRE DE
EEZ
ESCH-GUENALZETTE
EUROPEAN CAPITAL
OF CULTURE